Conseil communal

Séance publique du 11 décembre 2009

Durée de la séance: *18.00 à 19.30 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Point unique. Budget rectifié de 2009 et projet de budget pour 2010 de l'administration communale – présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

1.

Budget rectifié de 2009 et projet de budget pour 2010 de l'administration communale – présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir Dammen an dir Hären. Ech begréissen iech haut den Owend am Gemengerot. Entschëllegt hu sech d'Madame Gansen an den Här Muller. Der hutt och gesinn, datt de Kleesche komm ass. Ech hoffe just, datt deen nächste Freideg net och nach den Houseker kënnt, mee dat gesi mer jo dann.

An dëser éischter vun 3 Sëtzunge wäert de Schäfferot iech an der gewinnter Aart a Weis dat wichtegst Gemengendokument vun dësem Joer, de rektifizéierte Budget 2009 an de Budget 2010, virstellen. An der zweeter Sëtzung den nächste Méindeg ass et dann un der Rei vum Gemengerot – der Majoritéit an der Oppositioun – hir Kommentaren an Iwwerleeungen zu den Zilsetzungen an Orientéierungen, déi dëst Dokument enthält, ze maachen. An enger Woch, den 18. Dezember, délibéréiere mer dann am Detail iwwer eng Rei vun eenzelnen extraordinäre Projeten aus dësem Budget a wäerten dann ofschléissend de Vote iwwer de rektifizéierte Budget 2009 an de Budget 2010 op der Dagesuerdnung hunn.

No all den Turbulenzen, déi d'Weltwiertschaft am generellen an d'Lëtzebuerger Wiertschaft am speziellen am Laf vun dësem Joer duerchlaf hunn, gëlt et opgronn vun dem Onsécherheetsgefill, dat esou munchereen am Hibléck op dat neit Joer befält, engersäits – esou wéi de Budgetsrapporter Lucien Thiel kierzlech an der Chamber prekoniséiert huet – an den nächste Jore méi kleng Bréidercher zu Lëtzebuerg ze baken an anersäits duerch eng antizyklesch ëffentlech Finanzpolitik d'Vertrauen an d'Lëtzebuerger Economie ze stäerken an esou der Wiertschaftskris entgéintzewierken.

A senger Circulaire vum 23. Oktober 2009 verweist den Inneminister op d'Regierungserklärung vum 29. Juli 2009, wou et heescht: „Des finances publiques saines avec, sur le long terme, un solde budgétaire excédentaire et un faible taux d'endettement sont, de l'avis du Gouvernement, les conditions pour assurer la prospérité du pays sur le moyen et le long terme". Anersäits heescht et weider, an hei zitéieren ech : „Voilà pourquoi je fais appel aux communes pour qu'elles aient cure de leur situation financière et qu'elles évitent d'ores et déjà toute initiative comportant des charges récurrentes pouvant hypothéquer l'avenir et l'équilibre budgétaire".

Et gëlt also an den nächste Joeren op Gemengenniveau d'Spagat ze maachen tëscht enger virsiichteger

Finanzpolitik an dem Ëmsetze vun engem Investitiounsprogramm am Intressi vun de Bierger, esou z.B. Maison Relaisen, Crèchen, Schoulen, asw., déi ganz dacks opgronn vu ministerielle Reglementer an Oploen eng héich finanziell Belaaschtung duerstellen.

Dat waren d'Virlagen, déi di Responsabel aus der Gemeng an de leschte Wochen a Méint begleet hu wéi se d'Eckdate vun dësem neie Budget festgeluegt hunn.

De Budget 2010 zeechent sech dann och nees duerch dräi Schwéierpunkten aus:

1.) en Iwwerschoss am ordinäre Budget, deen trotz engem substanzielle Réckgang vun der Gewerbesteier zolitt ass;

2.) en extraordinäre Budget an däer selwechter Gréissenuerdnung, wéi deen aus dem Joer 2009;

3.) e weidere Réckgang vun der Gemengeschold.

D'Evolutioun am Statsbudget, esou wéi dësen Enn September vum Finanzminister Luc Frieden virgestallt gouf, huet d'Schwieregkeete vun den ëffentleche Finanzen duergeluegt an d'Gemengeresponsabel op déi problematesch Situatioun virbereet.

Fir de Stat heescht dëst, datt déi lafend Recetten am Joer 2010 ëm 8,6% zeréckginn a gläichzäiteg déi lafend Ausgaben ëm 6,3% uwuessen.

An eiser Gemeng gëtt par rapport zum Joer virdrun an der Budgetsvirlag 2010 mat engem Réckgang vun 3% bei den ordinäre Recette gerechent an an den ordinären Ausgabe mat engem Zouwuess vu knappen 0,4%. Ech wäert spéider méi genee op dës Entwécklungen agoen.

Komme mer elo zu enger vun den Haaptcharakteristike vun all Budget, den ordinären Iwwerschoss. Hei gi mer op en Neits vun engem akzeptabelen Iwwerschoss fir d'Joer 2010 aus, dee wuel par rapport zu 2009 ëm 18,6% zeréckgeet, allerdéngs mat 6,54 Milliounen Euro zu den Topresultater aus de leschten 13 Joer zielt.

Eréischt an de leschten 3 Joer louchen déi ordinär Iwwerschëss am Budget däitlech iwwer 6 Milliounen Euro a mat nobäi 20% vun den affektéierte Recette léisst sech de prozentualen Undeel, dee fir extraordinär Ausgabe reservéiert ka ginn, duerchaus weisen.

Et ass sécherlech vun Intressi fir z'analyséieren, wéi sech am Joer 2009 den ordinäre rektifizéierte Budget par rapport zum initiale Budget entwéckelt huet.

Op der Säit vun de Recette stellt een eng Diminutioun vun 2,4% fest. D'Ursaach vun dëser negativer Evolutioun läit haaptsächlech bei dem „Fonds communal de dotation financière", deen opgronn vun der Circulaire Nummer 2827 vum Inneministère am rektifizéierte Budget ëm 5,12% - dat heescht fir d'Gemeng Péiteng ëm ronn 1,12 Milliounen Euro – reduzéiert muss ginn.

Op der Säit vun den Ausgabe stellt een dann awer och e Réckgang vun 2,7% fest. Hei leien d'Ursaache sécherlech zu engem ganz groussen Deel bei der gënschteger Zënsentwécklung wat eis Gemengeschold ugeet, wou d'Gesamtcharge vun der Péitenger Gemeng – dat heescht d'Annuitéiten an d'Zënsen – vun 3,47 Milliounen Euro, déi virgesi waren, op schlussendlech 2,94 Milliounen Euro zeréckgeet. Dobäi kënnt, datt opgronn vum neie Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 quasi all Intervenant an eiser Ecole fondamentale ab dem 15. September 2009 vum Stat iwwerholl ginn ass, esou datt ab deem Datum d'Charge salariale vun dem netbrevetéierte Léierpersonal net méi direkt zu Laaschte vum Gemengebudget ass mee, esou wéi dat scho ganz laang fir déi brevetéiert Léierinnen a Schoulmeeschteren de Fall ass, mat enger Verspéidung vun engem Joer der Gemeng Péiteng zu engem Drëttel a Rechnung gestallt gëtt. Doraus ergëtt sech dann tëscht dem initialen an dem rektifizéierte Budget 2009 eng minimal Verschlechterung vum ordinären Iwwerschoss vun 8,04 Milliounen Euro op 7,95 Milliounen Euro, dat heescht vun 1,1%.

Am Budget 2010 bestinn déi uerdentlech Recetten a priori, dat heescht zu 74% aus den net zweckgebonnene Recetten, dem Fonds communal de dotation financière, der Gewerbesteier an der Grondsteier. Dogéint maachen déi affektéiert Recetten, déi d'Gemeng Péiteng vum Stat kritt, am ordinäre Budget 2010 nëmme méi 6% vun alle Recetten aus. Dës Zomm ass bannent engem Joer vun 3,9 Milliounen op 2,7 Milliounen Euro, also ëm iwwer 30% zeréckgaangen. D'Ursaache vun dëser Reduktioun leie virun allem bei der Participatioun vum Stat un de Gehälter vun de Chargé de coursen, déi an eise Schoulen engagéiert sinn a wou, wéi scho virdru gesot, d'Gehälter ab dem 15. September 2009 direkt vum Stat iwwerholl an net méi wéi bis viru kuerzem nach vun de Gemengen ausbezuelt an duerno zu 2/3 vum Stat rembourséiert ginn.

D'Gemengetaxen hirersäits droe mat 16% zu de Gesamtrecette vum ordinäre Budget 2010 bäi. Dësen Undeel geet am Joer 2010 erop, dëst opgronn vun den neien Tax fir d'Waasser an d'Ofwaasser, déi d'Gemeng Péiteng am Respekt zu den neie gesetzleche Bestëmmunge vum 19. Dezember 2008 vum 1. Abrëll 2010 un afëiere muss.

De Loyer vu Gebailechkeeten, sief et vu verschidde soziale Wunnengen oder och vu Raim, déi mer dem Stat, der Police, asw. deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, mécht 1% vun alle Recetten aus.

Déi reschtlech 3% setze sech aus verschidden ordinäre Recetten zesummen, ënner anerem d'Remboursementer vun der „Mutualité des Employeurs", d'Remboursementer vun der TVA an d'Bankzënsen, woubäi dëse leschte Faktor, bedéngt duerch déi niddereg Zënssätz, nëmme méi eng onwesentlech Roll spillt.

Déi ordinär Brutto-Ausgaben am Budget 2010, opgedeelt an 7 grouss Kategorien, entwécklen sech esou:

1. D'Charge salariale

Déi total Charge salariale vun alle Beschäftegten, sief dëst an der Verwaltung, an eise Regiebetriber, an eise Schoulen, Schwämmen, Maison Relaisen, geet vun 20,8 Milliounen Euro am Joer 2009 op 19,8 Milliounen Euro am Joer 2010 zeréck a mécht am Budget 2010 51% vun allen ordinären Ausgaben aus. D'Ursaach vun dëser Entwécklung läit, wéi scho virdrun erkläert, bei der Charge salariale vun dem net brevetéierte Léierpersonal.

2. D'Kontributioun un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater

Am Budget 2010 klëmmt d'Kontributioun vun der Gemeng Péiteng un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater fir d'alleréischt op iwwer 4 Milliounen Euro, an domatter op 11% vun allen ordinären Ausgaben. D'Haaptursaach vun dëser Erhéijung vun de Käschte läit ganz kloer bei den neie politesche Bestëmmungen am Kader vun der Waasserversuergung an der Ofwaasserentsuergung, déi duerch eng europäesch Direktiv orientéiert gi sinn, an doduerch Erhéijunge vun de Bäiträg un déi zwee Syndikater SES a SIACH mat sech bréngen.

3. Déi Annuitéiten (Remboursementer a Zënsen) fir eis Emprunten, déi mer Joer fir Joer zeréckbezuelen

Mat 7% an 2,7 Milliounen Euro leien d'Annuitéite fir d'Gemengeschold am

Budget 2010 wesentlech ënner dem Niveau, dee mer an de leschte Joere kannt hunn. Haaptverantwortlech fir dës positiv Entwécklung ass sécher den extrem nidderege Leetzëns, dee laut dem Chef vun der europäescher Zentralbank Jean-Claude Trichet och weider op sengem nidderegen Niveau vun 1% bleiwe soll. Am Budget 2010 soll d'Zënslaascht nëmme méi 420.000 Euro ausmaachen, am Budget 2009 waren et nach 1,453 Milliounen Euro.

4. D'Ënnerhaltskäschte vun de Gebaier

D'Ënnerhaltskäschte vun de Gebaier stabiliséiere sech bei ronn 8% vun den ordinären Ausgaben, dat heescht bei ronn 2,9 Milliounen Euro. Dëst schléisst den Ënnerhalt, d'Botzen, d'Assurance, d'Energiekäschten, asw vun eise Gebaier mat an, ouni awer e Regard ze hu fir d'Gehälter vun eisen Aarbechter.

5. D'Prévisions sociales

Op iwwer 2 Milliounen Euro an 6% belafe sech am Budget 2010 déi ordinär Brutto-Ausgabe fir d'Prévisions sociales, wou de Fonctionnement vum Office social, de Repas sur roues, d'Télé-Assistance, d'Beschäftegung vu CATen an Léierbouwen a –meedercher an d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vum CIGL an dem ProActif déi Haaptkomponenten duerstellen. An Zäite wou de Chômage weiderhi klëmmt, d'Aarmut och am räiche Lëtzebuerg zouhëlt, a verschidde liewenswichteg Déngschter ewéi d'Waasserversuergung, d'Ofwasserentsuergung an d'Wunnen eng Präisentwécklung kennen, déi fir en Deel vun eiser Populatioun existenziell Problemer duerstellen, steet et enger Gemeng gutt zu Gesiicht grad an dësem Beräich keng Moossnamen ze huele fir Suen ze spueren, mee fir d'Ënnerstëtzung weider auszebauen.

6. De Fuerpark

D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Benzin oder Diesel, d'Assurancen esou wéi den Ënnerhalt belafe sech am Budget 2010 op 420.000 Euro, wat 1% vun allen ordinären Ausgaben ausmécht.

7. Verschiddenes

Déi reschtlech 16% vun den ordinären Ausgabe stellen eng Vilfalt vun eenzelnen Ausgaben duer.

Ech proposéieren dann awer als Zousaz zu däer Analys d'Affektatioun vun den net zweckgebonnene Recetten – dat heescht de Fonds communal de dotation financière, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier – op 10 grouss Ausgabeberäicher ze beliichten.

Dës net affektéiert Recette vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2010 op 32,9 Milliounen Euro, genee 1,5 Milliounen Euro manner ewéi am Budget 2009. Si sollen am Budget 2010 esou agesat ginn:

1. fir d'„Administration générale, ordre public et sécurité" 5,6 Milliounen Euro, e Plus vun 100.000 Euro par rapport zum Budget 2009 ;

2. fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold vun 2,7 Milliounen Euro, also e bedeitende Réckgang par rapport zu 2009 vun 700.000 Euro, deen exklusiv duerch d'Zënsentwécklung bedéngt ass;

3. fir d'„Prévisions sociales" 1.800.000 Euro. Eng weider Progressioun vun 300.000 Euro, déi haaptsächlech duerch d'Erhéijung vum Subsid un den Office social a vun der „Allocation de vie chère" bedéngt ass ;

4. fir d'Schoulwiesen an d'Maison Relaisen 8,8 Milliounen Euro, wat eng Progressioun par rapport zum Budget 2009 vun 9% ausmécht;

5. fir de Sport, d'Kultur an d'Fräizäit 2,3 Milliounen Euro, dat heescht déi selwecht Zomm ewéi am Joer 2009;

6. fir d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter 3,5 Milliounen Euro, eng Progressioun vun 300.000 Euro ;

7. fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Müllentsuergung brauche keng net affektéiert Recetten an Usproch geholl ze ginn. Am Géigendeel, et bleift opgronn vun der neier Gesetzgebung mat Regard fir de käschtendeckende Waasserpräis an deem Beräich en Iwwerschoss am ordinäre Budget vu ronn enger Millioun Euro, déi fir d'Ofdecke vun engem Deel vun den extraordinären Ausgabe gebraucht gëtt;

8. fir eis Musekschoul op en neits 600.000 Euro;

9. fir eis Schwämmen 1,4 Milliounen Euro, eng Erhéijung vun 240.000 Euro par rapport zum Budget 2009, déi duerch déi nei Erëffnung vun der Péitenger Schwämm am 2. Semester ze erklären ass;

10. fir den ëffentlechen Transport 737.000 Euro.

Deemno stinn am Budget 2010 6,54 Milliounen Euro, dat heescht knapp 20% vun den net affektéierte Recette fir ausseruerdentlech Projeten zur Verfügung. Dat ass sécherlech e Minus par rapport zum Budget 2009, war awer opgronn vum grousse Réckgang, dee bei der Gewerbesteier fir d'Joer 2010 erwaart gëtt, net ze vermeiden. D'Erfahrung weist, datt déi net affektéiert Recetten eigentlech all Joer ëm 2-3% klamme musse fir déi automatesch Erhéijungen an den ordinären Ausgaben duerch d'Gehälterentwécklung an duerch d'Deirecht ze kompenséieren. Deemno ass et eng logesch Suite, datt e Réckgang vun dëse Recetten e Réckgang vum ordinären Iwwerschoss mat sech bréngt. Alles an allem bleiwen ech awer der Meenung, datt dëst Resultat méi wéi anstänneg ass.

Et muss ee feststellen, datt am Budget 2010 den Trend vun der Entwécklung vun de wichtegsten net affektéierte Recetten, der kommunaler Gewerbesteier an dem Fonds communal de dotation financière ënnerbrach gëtt. Effektiv sinn dës Recetten an de Budgeten 2005 bis 2009 permanent geklomme fir elo am Budget 2010 erëm substantiell zeréckzegoen a mat 32,5 Milliounen Euro nees wäit ënner den definitiven Niveau aus dem Joer 2008 ze falen.

Wat doriwwer eraus nach méi bedenklech ass, ass datt mer elo fir d'zweete Kéier an dëser Mandatsperiod dovunner ausgoe mussen, datt dës wichteg Recette vun eiser Gemeng schlussendlech méi niddereg wäerte sinn, wéi dat am Budget prévisionnel virgesi war. Am Joer 2005 louchen dës Recetten am Kont ëm 4,7% méi niddereg wéi am initiale Budget. An am Joer 2010 gëtt am rektifizéierte Budget mat engem Réckgang vun 3,3% gerechent. D'Zäiten, wou all Joer bei den definitiven Zuele vun der Gewerbesteier an dem Fonds communal de dotation financière e säftege Méiwäert par rapport zum Budget erausgesprongen ass – dat war jo esou an de Joren 2006-2008, schénge bis op weideres emol eriwwer ze sinn. Villméi musse mer eis éischter op eng ëmgekéiert Situatioun astellen, an dat erkläert och, firwat mer um Enn vum Budget 2010 ee globalen Iwwerschoss vun iwwer 500.000 Euro virgesinn hunn. Dësen iwweraus héije Sold erlaabt eis, op esou en eventuelle verstäerkte Réckgang am Kont 2009, deen net auszeschléissen ass, ze reagéieren. A sollt dësen net antrieden, da behält d'Gemeng Péiteng eng zolitt Reserve fir eventuell negativen Iwwerraschungen am Laf vum nächste Joer entgéintzewierken.

Opgronn vum neie Schoulgesetz vum 6. Februar 2009, wou jo eng Rei vu Kompetenzen, déi bei de Gemenge louchen, vum Stat iwwerholl goufen, hätt een als logesch Konsequenz jo missen dovunner ausgoen, datt déi finanziell Laascht vun de Gemengen an deem Beräich parallel géif

zeréckgoen. Datt dat net de Fall ass, an dat hat ech bei der leschter Budgetspresentatioun schonn ugedeit, gesäit ee kloer aus der negativer Entwécklung vum Sold, deen den Enseignement fondamental betrëfft. Wuel stellt een e liichte Réckgang vun den ordinären Ausgabe fest, déi duerch d'Iwwerhuele vun de Chargé de coursen duerch de Stat bedéngt ass. Mee parallel ginn d'Recetten aus deem selwechte Gronn och zeréck, esou datt de Sold ënner dem Stréch mat engem Netto-Minus am ordinäre Budget vun 8,2 Milliounen Euro nach eng Kéier ëm 12% klamme wäert a weiderhi mat 25% dee gréissten Deel vun den net affektéierte Recette verschléngt.

Zum Ofschloss vu menger Analys iwwer den ordinäre Budget kommen ech nach op d'Musekschoul ze schwätzen. Hei bleiwe mer sécher och weider am Defizit, allerdéngs wäert dësen an akzeptabele Grenze bleiwen. Den definitive Mali am Joer 2008 louch jo liicht iwwer enger halwer Millioun Euro. Fir d'Joeren 2009 an 2010 gëtt mat méi oder wéineger 600.000 Euro gerechent, eng Zuel, déi opgronn vun der ontransparenter Berechnung vun der staatlecher Ënnerstëtzung fir d'Musekschoulen eréischt definitiv festläit wa mer dëse Subsid vum Ministère matgedeelt kréien.

Wat elo den extraordinäre Budget ubelaangt, esou wäert ech nëmmen op déi Haapteckdate vun dësem Deel agoen. Meng Kollegen aus dem Schäfferot wäerten dann eméi ëmmer dësen Deel am Detail beliichten. Am Budget 2010 gesi mer ausserordentlech Ausgaben an Héicht vu knapp 19 Milliounen Euro vir, zesumme mam rektifizéierte Budget 2009 maachen dat 38,6 Milliounen Euro aus. Dorauser ergëtt sech, datt mer weiderhin un eisem ambitiéisen Investitiounsprogramm festhalen an esou eisen Undeel zur Relance vun der Lëtzebuerger Wiertschaft bäidroen.

D'Ausgaben am extraordinäre Budget 2010 verdeele sech op dës eenzel grouss Komponenten:

1.) d'Kapitel Sport, Kultur a Fräizäit mat 6,4 Millioune Euro, wat 33,7% vun allen extraordinären Ausgaben ausmécht; d'Haaptprojeten hei sinn de Keelenzentrum, d'Schwämm an d'Waxweiler Millen zu Péiteng;

2.) d'Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op de Plazen a Parkplazen an un den Netzer mat 4,2 Milliounen Euro oder 22,3% vun den extraordinären Ausgaben – hei si besonnesch d'avenue de la Gare an d'rue Neuve zu Péiteng, déi an d'Gewiicht falen;

3.) d'Kapitel Schoulinfrastrukture mat 1,7 Milliounen Euro oder 9% vun den extraordinären Investitiounen – an dëser Rubrik sinn et besonnesch d'Neiwiss-Schoul an de Komplex vun der Eigent-Schoul, déi ervirstiechen;

4.) d'Kapitel „Etablissements sociaux", dat heescht d'Maison Relaisen, d'Crèchen oder de psychogeriatreschen Zenter, mat 3.200.000 Euro oder 17% vun den extraordinären Aarbechten – mat haaptsächlech der neier Crèche a Maison Relais zu Péiteng;

5.) d'Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an de Regiebetriber mat 700.000 Euro oder 3,9% vun den ausseruerdentlechen Ausgaben, mat ënner anerem d'Renovatioun vum 2. Stack vum ale Stadhaus, woumat no joerelaanger Aarbecht de Schlussstréch ënner dës Vergréisserungs- a Renovatiounsaarbechte gezu gëtt;

6.) d'Kapitel Participatioun un den Investissementer vu Gemengesyndikater mat 600.000 Euro oder 3% vun den extraordinären Ausgaben;

7.) schlussendlech nach verschidden aner extraordinär Ausgaben an Héicht vun 2,1 Milliounen Euro, déi 11,1% ausmaachen. Heirënner fale virun allem d'Kafe vun Terrainen – ech denken hei un Terrainen, déi mer am Dhoil kafe wëllen, d'Kafe vu Gefierer fir eis Betriber, déi technesch Berodung am Kader vun dem neie PAG a vu verschiddene PAPen esou wéi verschidde Subsiden, déi d'Gemeng un hir Bierger ausschëtt.

Déi extraordinär Ausgabe vum Budget 2010, déi sech, wéi elo grad gesinn, op knapp 19 Milliounen Euro belafen, ginn op dës Manéier finanzéiert:

- zu 34% iwwer den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2010;
- zu 13% iwwer Staatssubsidien;
- zu 42% iwwer de viraussiichtlechen iwwerdroene Boni vun 2009;
- zu 11% iwwer e Remboursement, deen 2010 aus dem Syndikat vum Nidderkuerer Spidol an d'Gemeng zeréckfléisst.

Wat de leschte Punkt ubelaangt, esou huet de Komitee vum HPMA Enn November entscheet, eng éischten Tranche aus dem Kapital vum HPMA, deen no dem Immobiliegeschäft mat der Déifferdenger Gemeng an der Fusioun mam CHEM als Actif net iwwereg bliwwen ass, un déi syndikéiert Gemengen zeréckzefëieren.

Beim zweetleschte Budget vun dëser Mandatsperiod, dat heescht no 5 vun 6 Joer, hu mer de Volumen (dee mer virgesinn haten) aus dem Plan pluriannuel, dee sech op 70 Milliounen Euro beleeft, zu 98,5% erreecht. Mer kënnen haut schonn dovunner ausgoen, datt mer a 6 Joer am extraordinären Deel vum Budget iwwer 80 Milliounen Euro verschaffe wäerten, wat an ale Lëtzebuerger Frangen ëmmerhin iwwer 3,2 Milliarden duerstellt.

Dës ausseruerdentlech Ausgaben deele sech esou op:

1.) am Kapitel Sport, Kultur, Jugend a Fräizäit 22,6 Milliounen Euro oder 32,8% vun allen extraordinären Ausgaben;

2.) am Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op de Plazen a Parkplazen an un den Netzer 17,7 Milliounen Euro oder 25,7% vun den extraordinären Ausgaben;

3.) am Kapitel Schoulinfrastrukturen 9 Milliounen Euro oder 13% vun den extraordinären Investissementer;

4.) am Kapitel sozial Ariichtungen 7,1 Milliounen Euro oder 10,3% vun den extraordinären Ausgaben;

5.) am Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an an de Regiebetriber 3,4 Milliounen Euro oder 4,8% vun den extraordinären Ausgaben;

6.) am Kapitel Participatioun un den Investissementer vu Gemengesyndikater 2,8 Milliounen Euro oder 4 % vun den extraordinären Ausgaben;

7.) a schlussendlech nach verschidden aner extraordinär Ausgabe fir 6,5 Milliounen Euro oder 9,4% vum extraordinäre Budget.

69 Milliounen Euro sinn an den extraordinären Ausgabe vun de Konten 2006-2008, am rektifizéierte Budget 2009 an am Budget 2010 virgesinn. Dës extraordinär Ausgaben an deene 5 Joer ginn zu:

- 58% iwwer den ordinären Iwwerschoss aus de Joren 2006-2010;
- 32% iwwer Staatssubsidien;
- 7% iwwer de Boni vum Enn vun der leschter Mandatsperiod, deen iwwerdroe gouf;
- 3% iwwer e Remboursement aus dem Syndikat vum Nidderkuerer Spidol

finanzéiert.

Am Géigesaz zu villen anere Gemenge wäert d'Gemeng Péiteng och dëst Joer keen neien Emprunt ophuele fir déi extraordinär Projeten am Budgetsjoer 2010 ze finanzéieren. Et ass deemno

deen 6. Budget hannereneen, deen ouni neien Emprunt dem Péitenger Gemengerot zum Vote virgeluegt gëtt. D'Gemengeschold wäert am Joer 2010 dann nach eng Kéier ëm 2,28 Milliounen Euro reduzéiert ginn a mat 24,6 Milliounen Euro een ënneschten Niveau erreechen, wéi mer en an eiser Gemeng zanter iwwer 10 Joer net méi kannt hunn. Et ass kloer ze erkennen, datt an dëser Mandatsperiod, trotz Investissementer a Rekordhéicht d'Verscholdung massiv zeréckgaangen ass, dat heescht méi wéi 10 Milliounen Euro. Dëst ass sécherlech a wiertschaftlech gudde Joere geschitt, am Zäitraum vun 2006-2008, mee mer sinn awer ëmsou méi frou, dës Politik och an enger konjunkturell schwiereger Zäit viruféieren ze kënnen. Et war wichteg, d'Finanze vun eiser Gemeng an de leschten 10 Joer erëm ze stabiliséieren an esou zur Zäit an enger zolitter Positioun ze si fir der aktueller Kris ze begéinen.

Wann een de Ratio Gemengeschold iwwer den Total vun den ordinäre Recetten analyséiert, dann erkennt een nach méi däitlech déi unhalend positiv Entwécklung vun eiser Gemengeschold. Am Budget 2000 louch de Faktor bei 1,44. Enn 2010 wäert e bei 0,55 ukomm sinn. D'Gemengeschold wäert dann nach 55% vun den Gesamtrecetten am ordinäre Budget ausmaachen.

E weidere beléifte Faktor fir d'Ausmooss vun der Gemengeschold besser an der Zäit a par rapport zu anere Gemengen ze vergläichen ass d'Pro-Kapp-Verschëldung. Och wann ech dësen Zuele keng iwwerméisseg Wichtegkeet wëll ginn, esou weisen och grad dës Zuelen am Fall vun eiser Gemeng, wat fir eng aussergewéinlech Entwécklung mer an de leschte Joeren op deem Punkt duerchlaf hunn. Hu mer nach viru Joere mat Zomme vu wäit iwwer 2.000 Euro pro Awunner zu deene Gemenge gehéiert, déi am héchste verschëlt waren, esou sti mer Enn 2010 mat 1.547 Euro pro Awunner wesentlech besser do. Sécher ass d'Gemengeschold net den eenzege wichtege Critère an enger Finanzpolitik, et ass a bleift awer mat der Informatioun iwwer d'Entwécklung vum ordinären Iwwerschoss en exzellenten Indikator iwwer d'Investitiounskapazitéit vun enger Gemeng.

Ofschléissend bleift festzehalen – an dat ass déi logesch Suite vun enger Kontinuitéit an der Péitenger Finanzpolitik -, datt de Budget 2010 duerch déi selwecht Schwéierpunkte gekennzeechent ass wéi seng Virgänger, dat heescht:

1.) en héijen Investitiounsvolumen, wat déi extraordinär Ausgabe vu bal 19 Milliounen Euro dokumentéieren;

2.) ee weidere Budget ouni neien Emprunt an eng weider Reduktioun vun der Gemengeschold;

3.) en ordinären Iwwerschoss vun 6,54 Milliounen Euro, dee sech besonnesch an engem esou schwierege finanziellen Ëmfeld weise léisst.

Wann de Gemengerot den 3. Dezember e gutt strukturéierten, gutt duerchduechte rektifizéierte Budget 2009 an e Budget 2010 zougestallt krut, dann ass dat un éischter Stell de Verdéngscht vun de Verantwortlechen aus dem Finanzdepartement, dem Gitta Schlesser an dem Thierry Balance, déi dat ganzt Zuelematerial zesummegestallt hunn an déi an de leschte Wochen dagdeeglech vu mär solicitéiert goufen, mee och vun all de Beamten am techneschen an am administrative Service, déi aktiv un dësem wichtegen Dossier matgeschafft hunn. A schlussendlech vu menge Kollegen aus dem Schäfferot, déi mat mär déi politesch Prioritéiten a Richtlinnen an dësem Budget festgeluegt hunn.

Ech soen iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir Dammen an dir Hären.

Et wier dann u mär fir iech déi Ressorte virzestelle fir déi ech verantwortlech sinn, esou wéi e Bléck ze geheien op déi interkommunal Syndikater, wou ech d'Éier hunn, President ze sinn.

Mer hunn en iwwersiichtlecht Dokument, an eent, wat zesummenhänkt, hei virleien. An ech wëll dofir menge Kollegen am Schäfferot an alle Beamten an Techniker, mee speziell deenen, déi direkt mat menge Ressorte betraff waren, Merci soe fir hir kloer a konstruktiv Kollaboratioun.

D'lescht Joer hat ech gesot, datt eng Budgetsvirlag ëmmer de Versuch ass, am Viraus finanziell an zäitlech realistesch Visiounen an d'Realitéit ëmzesetzen. Datt et ee wuelgemengte Versuch ass, an et och bleiwe wäert, beweist all Joer de rektifizéierte Budget, deen dacks zu 100% un d'Previsiounen erukënnt, heiansdo awer leider och méi moer ausfält. D'Erklärunge fir dës Verspéidunge leie meeschtens bei:

1.) dem schwéierfällege staatleche Kontroll- a Verwaltungsapparat, deen, obwuel verschidde Prozedure vum Marchés-Gesetz erweidert goufen, awer nach laang a komplizéiert bleift;

2.) de Rechter, déi esouwuel de Soumissionairen ewéi och de Bierger a verschidde Prozeduren ageraumt goufen;

3.) der zäitweileger Iwwerfuerderung vun eenzelnen Ingenieurs- an Architektebüroen, déi mat eiser Gemeng sollen enk zesumme schaffen, de Qualitéitscritèren awer net ëmmer entspriechen;

4.) an hei an do och engem Ausfall oder en Opschub vun eisen eegene Kapazitéiten.

Ech géif iech dann elo méi genee an och déi néideg Informatiounen an Erklärunge ginn iwwer déi Gebidder, wou ech verantwortlech zeechnen. Ech versichen, dat esou ze maachen, datt ech mech net widderhuele mat deenen Texter, déi scho ganz explizit an ärer Budgetsvirlag dra stinn. Hei déi grouss Kapitelen.

1. Personal

Ech fänken dëst Joer mat e puer Iwwerleeungen zu eise Personalstrukturen am generellen, mee och am speziellen un. Mer beschäftegen de Moment, als direkte Patron, deen dann och d'Peien ausbezilt, op den 31.12.2009 genee 284 Mataarbechter, déi an de Beräicher vun eiser Gemengeverwaltung, eise Regiebetriber, dem Office social, dem Service médico-psycho-social, eise Schwämmen, Maisons Relaisen, bei der Hausaufgabenhëllef an an der Musekschoul wierken. Dovunner sinn der:

- 64 als Beamten oder Gemengenemployéen;
- 64 als fréier Employés privés (haut salariés à tâches intellectuelles) ;
- 156 als fréier Aarbechter (haut salariés à tâches manuelles)

Agestallt, déi sech dann nach eng Kéier anescht opdeelen, an zwar:

- 187 mat enger 100% Beschäftegung;
- 36 mat enger 50% Beschäftegung;
- 61 mat enger Deelbeschäftegung.

Dat huet natierlech och säi Präis, an d'Gesamtausgab beleeft sech op den 31.12.2009 op 17.153.499 Euro, dat si bal 700 däer aler Milliounen. Gott sei Dank geet dës Zomm fir 2010 liicht zeréck - well d'Chargé de coursen elo vum Stat iwwerholl ginn -, an dat op 16.487.454 Euro, dat sinn 666.045 Euro oder 3,9% manner.

Ech wollt dës Zuelen an e puer Gedanken dozou emol op den Dësch leeën, well do och näischt verstoppt soll

ginn an och all Member vun dësem Gemengerot a sécherlech och eis Bierger solle wëssen, wéi hir Gemeng fonctionnéiert a wat se kascht, mee och well heiansdo falsch Informatiounen dorëmmer verbreet ginn, zum Beispill wat déi politesch Direktioun géif kaschten asw. . Hei dann och ganz kloer, wéi héich déi politesch Direktioun am Budget 2009 zu Buch schléit:

- Indemnitéite vun de Membere vum Schäfferot: 67.862 Euro;
- Jetons de présences vun de Membere vum Gemengerot: 23.000 Euro;
- En Total vun 90.862 Euro.

Ech géif iech elo bieden, näischt aneschters dorauser ze schléissen ewéi déi vun enger sachlecher Oplëschtung vun den Ausgaben. An ech däerf och gläichzäiteg ënnersträichen, datt mer am grousse ganzen en Apparat hunn, dee ganz gutt fonctionnéiert, eise Respekt verdéngt, a sech houfreg no bausse ka weisen. Schwaarz Schof ginn et ëmmer, mee si hu keen Afloss op d'Majoritéit vun eise Mataarbechter.

D'Beweiser an d'Fakte sinn do. Mär hunn et am Joer 2009 ouni Problem an ouni vill Opwand fäerdeg bruecht, zwou Schlësselpositiounen an eiser Verwaltung nei ze besetzen a fonctionnéieren ze loossen, näämlech déi vum Gemengesekretär a vum Receveur.

Mär hunn et och fäerdeg bruecht, iwwer déi lescht 2 Joer an och nach dat nächst Joer ënner net einfachen Ëmstänn – deels a Containeren a bedéngt duerch d'Transformatiounen am ale Stadhaus, de Service um Bierger zur 100-prozenteger Zefriddenheet oprecht ze halen.

Mär hu fir eist Personal a mat hinnen en neien Organigramm opgestallt, eng genee Beschreiwung vun hiren Aarbechten (description des tâches) virgeholl, a mat de Salariéen eng intern Déngschtvirschrëft opgestallt. Eng nämlecht Déngschtvirschrëft gëtt de Moment mat eise Beamten a Gemengenemployéen ausgeschafft.

Eisen Effektiv ass konstant bliwwen a wäert och an dësem schwéiere finanziellen a wiertschaftlechen Ëmfeld net ofgebaut ginn, och wa verschidde kleng a méi speziell a spezialiséiert Aufgaben an Aarbechten eventuell vu méi spezialiséiert Firmen iwwerholl ginn.

Mär maachen eng periodesch Gestioun vun eise Krankmeldongen an dem Absentéismus vun eise Mataarbechter an déi Gestioun dréit och scho seng Friichten. D'Mutualité des employeurs huet eis matgedeelt, datt mer de Moment an der Klass 4 agestuuft sinn, dat opgronn vum „taux d'absentéisme financier de l'intégralité de nos salariés" an der Period vum 1.1.2007 bis den 31.12.2008. Do war den Taux 3,644% am Verglach zu der Referenzperiod virdrun, wou en 3,946% war, also e Réckgang vu ronn 7,5%.

Déi selwecht Gestioun a Kontroll maache mer och mat den Iwwerstonnen, déi nëmme méi ugeholl gi wann se net virauszegesi waren. D'Aarbechtspläng ginn e Mount am Viraus opgestallt an de Salariée matgedeelt. An da ginn déi genee befollegt. Dat huet zu engem ganz grousse Réckgang vun den Iwwerstonne gefouert, direkt och zu enger Reduktioun vun de Personalkäschten an enger méi grousser Zefriddenheet bei eise Mataarbechter, well si am Viraus hiren Aarbechtspensum vum kommende Mount kennen.

Wat d'Previsioune vum Budget 2010 ubelaangen, a wat verschidde méi punktuell Gestaltunge vum Aarbechtsfeld vun eise Mataarbechter ubelaangt, esou wollt ech just déi puer hei erauszéien:

- Bedéngt duerch de leschten Deel vun den Aarbechten um 2. Stack vum ale Stadhaus wäerten e puer Beamte musse während e puer Méint a Containeren hir Aarbecht bewältegen;
- Och hu mer un d'Uschafe vun 2 Container geduecht fir déi hygiènesch Bedingungen um Site vu Rolleng ze verbesseren, an dat well d'Konstruktioun vun neie Garagen um Site vun der Gäertnerei zu Péiteng nach net vun eise staatlechen Instanze genehmegt ass. Mer kafen dës 2 Containeren, well mer se och nach anerwäerts kënne gebrauchen, dat bei grousse Manifestatiounen am Fräien. Et handelt sech hei ëm transportabel Toiletten a Vestiairen, déi vun eisem Fuerpark kënnen transportéiert ginn. Käschtepunkt: 45.000 Euro;
- Eisen technesche Service kritt eng nei Software SIG, wou all Analysen an Handhabung vu geografeschen Donnéeë kënne gespäichert a behandelt ginn. Mer ginn domat ëmmer manner ofhängeg vun auswäertege Büroen.

Dat esou wäit vu menger Charge als Personalschäffen.

2. Stroossen, Transport a Kommunikatioun

Hei ass et am Joer 2009 leider och net iwwerall esou schëtzeg gaange wéi mer dat erhofft haten, mee verschidden Dossiere sinn awer elo esou wäit fäerdeg, datt d'Aarbechte geschwë kënnen ulafen.

Avenue de la Gare hei zu Péiteng: nodeems mer hei am Gemengerot en adaptéierten an aktualiséierten Devis gestëmmt hunn, ass den Dossier weider iwwer d'Ponts et Chaussées (et ass jo eng Statsstrooss) an un de Bauteminister gaangen: d'Soumissioun ass ausgeschriwwe ginn an d'Aarbechte gi viraussiichtlech am éischten Trimester vum nächste Joer un. Mer wäerten do, no Ofsprooch mat dem Entrepreneur, gläich mat der Erneierung an der Festegkeet vun dem Pavé am ënneschten Deel vun der avenue de la Gare an op der Lëtzebuerger Strooss ufänken a wäerten da lues a lues op d'rue du Chemin de Fer zougoen. Et ass keen einfache Schantjen, bedéngt duerch d'Verkéierssituatioun. Mer hunn an deem Beräich vill Dokteren, eng Apdikt, en Optiker, Restauranten, d'Post an den Zougang zur Gare. Am Budget 2010 steet eng Tranche vun 900.000 €.

D'rue Terre Noire zu Rodange ass am Joer 2009 ugefaange ginn a gëtt elo am Joer 2010 fir zousätzlech 320.000 Euro fäerdeg gemaach.

Wat en anere grousse Schantjen ugeet, d'rue Philippart zu Rodange, esou ass déi spezialiséiert Firma de Moment nach ëmmer domatter amgaangen, d'Emprisen an d'Cessioun dovunner ze regulariséieren. Wa mer gehofft haten, datt dëst Joer den definitiven Devis op den Dësch vun dësem Haus kéint kommen, esou ass dat leider nach net de Fall. Et ass nun emol esou, datt do déi privat Emprisen a Rechter vu verschiddene Bierger ganz ënnerschiddlech sinn an op e puer Plazen eng komplex Situatioun war, déi huet musse geléist ginn. Zesumme mat Stat – hei handelt et sech ëm eng Statsstrooss – hu mer eis gëeenegt, nëmmen op dat Noutwennegst vun den Emprisen ze pochen. An net, wéi et am Ufank sollt sinn, näämlech déi ganz privat Emprisen, déi an den ëffentleche Beräich falen. Doduerch si mer dem Accord e Stéck méi no komm. Mer mussen elo nach mat enger Handvoll Besëtzer individuell verhandelen an hoffen, datt dat an deenen éischte Méint vun 2010 zur Zefriddenheet vun alle kann ofgeschloss ginn. Da kënnt den definitive Projet hei op den Dësch, an d'Soumissioun gëtt ulafe gelooss. Mer wäerte kaum virun Enn 2010 mat den Aarbechte kënnen ufänken an hunn dofir och nëmmen 200.000 Euro am Budget stoen. Sollt et méi séier goen, erlabe mer eis, dem Gemengerot am Laf vum Joer nach eng Rajoute virzeleeën.

Zwou Stroosse ginn elo am Joer 2010 komplett erneiert.

a) d'rue du Bois zu Péiteng. Mer hunn am Gespréich mat den Awunner eng kloer Situatioun geschaf, hu mat dem Ingenieursbüro de Plang virgestallt a kënnen elo mat den Aarbechten ufänken. D'Soumissioun gëtt Ufank 2010 ausgeschriwwen an et stinn och 310.000 Euro am Budget.

b) d'rue Neuve zu Péiteng. Do ass déi selwecht Diskussioun mat den Awunner geschitt, den Ingenieursbüro huet och do seng Pläng virgestallt, a mer gedenke gläichzäiteg mat den Aarbechten an der rue du Bois och an der rue Neuve unzefänken. Dofir stinn 575.000 Euro am Budget 2010.

Bei zwou aner Stroosse gi mer an d'Ausschaffe vun de Pläng eran, an zwar:

a) d'rue Léonard Schroeder zu Péiteng. D'Infrastrukturen an de Belag sinn do schlecht a musse komplett erneiert ginn. D'Frais d'étuden am Hibléck op en definitive Projet stinn am Budget 2010 mat 50.000 Euro. Mer rechnen domat, datt mer méi eng grouss Zomm an de Budget 2011 aschreiwe kënnen.

b) d'rue de l'Eglise zu Péiteng. Do hu mer dëst Joer (2009) mat der Mathëllef vum Stat (et handelt sech och heim ëm eng Statsstrooss) eng nei dekorativ Beliichtung installéiert. Mat der neier Erëffnung vun eisem Fleegeheem miisst d'Ausfaart an d'Afaart op der Kräizung Eglise/Chiers nei iwwerduecht ginn. Idem den Aménagement vun der Kräizung Gillardin/Eglise. Mer hunn dofir e Kredit vun 50.000 Euro am Budget stoe fir esou déi noutwenneg Studien ze maachen an da mat de Ponts et Chaussées un d'Ëmsetzung ze goen.

Des Weideren ass de Reprofilage vu verschidde Stroossen oder Plaze virgesinn. Dat gëtt am Prinzip op deene Plaze gemaach, wou entweder d'Infrastrukturen déi do leien nach an engem gudden oder zefriddestellenden Zoustand sinn, wou aner Verwaltungen ewéi d'Post, d'Creos oder Sudgaz keng Aarbechte virgesinn hunn a wou net an deenen nächste puer Joer gréisser Aarbechte vun anere Säite virgesi sinn (Residenzen, Waasserbassengen oder Reeniwwerlafbecken).

2009 sinn Aarbechten an der rue de la Montagne zu Rolleng, der Belair Strooss an der Lentzstrooss zu Péiteng esou wéi an der rue de la Fontaine zu Rodange ausgefouert ginn. Fir 2010 stinn de Moment d'Dicks-, d'Michel Rodange- an d'Chiers-Strooss zu Péiteng an de Parvis virun der Morgue zu Rolleng um Programm.

De Parking op der Liberatiounsplaz zu Péiteng gëtt elo 2010 ugefaange well mer d'Enn vun den Aarbechte vun der neier Seniorenresidenz ofgewaart hunn. Dernieft gëtt och nach eng hydraulesch Etude op däer Plaz gemaach, well Problemer mat dem Ofwaasser vun der Korstrooss festgestallt gi sinn. Eventuell muss do och nach en zousätzleche Reeniwwerlafbecke gebaut ginn.

Wat de Verkéier, d'Sécherheet am Verkéier, d'Stroossesignalisatioun an aner Berouegungen ubelaangt, esou sinn dës Moossnamen an d'A gefaasst:

1. Eng Etude fir de generelle Balisage vun eiser Gemeng virzebereeden. Do handelt et sech ëm eng Virbereedung fir esou gutt all eis ëffentlech Parkplazen ewéi och déi ëffentlech Gebaier an Ariichtungen unzeweisen. Et stinn 25.000 Euro am Budget.

2. Gläichzäiteg maache mer och eng Etude fir sämtlech Schouareale méi sécher ze gestalten. Wuel gemierkt, datt de Gemeinschaftstransport do garantéiert muss bleiwen, de Foussgänger a speziell de Schüler muss awer optimal ofgeséchert sinn. E Kredit vun 30.000 Euro steet och am Budget.

3. Zesumme mat de Vereenegunge vun Handicap sollen nei Bestëmmungen a Sécherunge bei de Foussgängersträifen an eise roude Luuchte virgeholl ginn. Mer denken do un all Zorte vun Handicap an hunn do e Kredit vun 50.000 Euro virgesinn.

4. Op däer geféierlecher Kräizung Chemin de Brouck / route de Longwy zu Rodange solle rout Luuchten opgeriicht ginn. Hei si schonn eng etlech Accidenter geschitt. Well e gréissert Lotissement an der Noperschaft elo geschwënn ugefaange gëtt an d'Siicht op der Kräizung net optimal ass fir d'Leit, déi do wunnen, hu mer wëlles, do eng rout Luucht opzeriichten. Mer brauchen dofir den Accord vun de Ponts et Chaussées, hunn awer schonn de Kredit vun 100.000 Euro virgesinn.

5. Eist Verkéiersreglement soll liicht iwwerschafft ginn. Nodeems mer eis 2009 eng nei Reglementatioun iwwer d'Parken, de Parking résidentiel an de Verbuet vu Camionnetten iwwer Nuecht ginn hu wollte mer dës Bestëmmungen, no enger Ulafszäit vun 6 Méint, iwwerdenken, ofweien, a vläicht punktuell upassen. Mer haten eis schonn 2009 vun enger genereller a flächendeckender Zon 30 distanzéiert, an däer Iwwerzeegung si mer och nach haut. Fir de Verkéier a verschidde Quartiere vun eiser Gemeng awer méi lues a méi sécher ze gestalten, denke mer un d'Aféiere vun der Rietsvirfaart a spezielle Quartieren a Stroossendeeler. Ech hunn eiser Verkéierskommissioun deementspriechend Virschléi gemaach a waarden op hir Propositiounen.

6. Fir de Verkéier awer net onnéideg ze bremsen, denke mer och un d'Ersetze vu verschiddene Stopschëlter duerch en Dräieck, an dat no Modeller, déi et schonn am Ausland gëtt an déi och gutt fonctionnéieren. Verschidde vun eise Säitestroossen eegne sech besser fir en Dräieck wéi fir e Stop well d'Siicht souwisou net op engem Stopsträife garantéiert ass, an ee sech op ville Plaze lues muss eraus bewegen. Och do hunn ech d'Verkéierskommissioun gebieden, Virschléi ze maachen, déi mer da mat der staatlecher Verkéierskommissioun diskutéiere wäerten.

7. Mer fuere weider mat dem Akaf vun neien Armature fir eis Stroossebeliichtung. Do ginn déi al Armature systematesch ersat duerch neier, méi heller a vill méi ekologescher a konsumfrëndlecher. E Kredit vun 35.000 Euro steet heifir bereet.

8. Och speziell Iwwergangsluuchten op verschidde Foussgängersträife ginn installéiert, an dat no engem Prioritéitsplang vun eisem techneschen Déngscht. 7.500 Euro stinn dofir am Budget.

9. Neit Signalisatiounsmaterial fir de Verkéier gëtt bis 40.000 Euro kaf. Mer kréien och eng nei Camionnette mat enger sougenannter Hebebühne an den Transformator gëtt am Ufank vun der Pierre Hamer Strooss zu Péiteng verréckelt a vergréissert fir e Käschtepunkt vun 120.000 Euro.

Zesumme mat eise Grenzgemengen, déi an der „Association transfrontalière du PED" a mat eise Membere vum Sikor, si Bestriewungen ënnerholl gi fir Léisunge fir de verstoppte Contournement vu Péiteng ze sichen. Net méi spéit wéi gëschter huet de Contournement vum Rond-Point Biff bis op de Rond-Point Mont-Saint-Martin offiziell en neie gemeinsamen Numm kritt, näämlech Avenue de l'Europe. Vläicht dréit dat dozou bäi, datt d'Problemer um Contournement an eiser Gemeng geléist ginn. Deen neie Bauten- an Transportminister Claude Wiseler ass sech der Problematik voll bewosst an denkt mat senger Verwaltung iwwer Léisungen no, eventuell iwwer déi, déi am Optrag vum Sikor als Etuden am Kader vun den Aarbechte vun der „Association transfrontalière du PED" gemaach goufen, d.h. ënner anerem en Tunnel ënner dem Rond-Point Porte de Lamadelaine, a geleeëntlech Busspuere fir de Kollektivtransport. Et kann

net esou bleiwen, datt mer zu Lëtzebuerg hei eng Autobunn hunn, déi op der Biff zu Käerjeng – also ronn 3 km virun de Grenzen – ophält. Och muss een en opmierksamt An op de „plan sectoriel transports“ geheien, deen eis Regioun soll an Zukunft bestëmmen. Vu Lëtzebuerger Säit ass eis bestätegt ginn, datt d'Etuden op dem PED, hanner dem Verwaltungsgebai vun Arcelor-Mittal zu Rodange fir en Opfangparking vun circa 650 Plazen ofgeschloss sinn an op d'politesch Décideure gewaart gëtt. Och dat wäerte mer deem neie Bauten- an Transportminister bei enger nächster Entrevue an Erënnerung ruffen. Och gëtt mat eise regionale Partner versicht, eng Vernetzung vun de Foussweeër an och de Vëlosweeër iwwer d'Grenzen ewech ze realiséieren. Eng Etude iwwer d'„Mobilité douce“, abegraff Alternative mat dem ëffentlechen Transport, leie vir, an d'Verbindungen iwwer d'Grenzen ewech wäert dat nächst Joer Realitéit ginn.

Am Kader vun eisem „Plan local de la sécurité“ hu mer mat de Partner aus de Kommissariate vu Péiteng, Déifferdeng an der Direktioun vun Esch esou wéi mat eise Beamten aus den techneschen an administrative Servicer iwwer 2 Joer e Plang am „Comité de pilotage“ opgestallt, deen elo vun engem aneren „Comité d'évaluation“ beuerteelt an da Wierklechkeet gëtt. Mer hunn eis speziell Opmierksamkeet op verschidde Problematiken an eiser Gemeng geriicht, an dat, wat d'Sécherheet vun eise Bierger am Allgemengen, vun de Kanner, den eelere Persounen, an deene Leit, déi am Verkéier ënnerwee sinn, am Speziellen mee och d'Propretéit, d'Ëmwelt, de Knascht an de Kaméidi ugeet. Dëse Plang soll elo ufanks 2010 ofgeschloss ginn. An en neit allgemengt Polizeireglement wäert vill vun dësen Iwwerleeungen a Virschléi mat iwwerhuelen.

3. Waasser a Kanal

De Waasserpräis wäert 2010 an d'Luucht goen, hat ech bei der leschter Budgetsdiskussioun ugekënnegt, an hat do vun engem Gesamtpräis ëm 4,5 Euro pro Kubikmeter spekuléiert. Déi genee Berechnungen an dëser Budgetsvirlag leien net wäit donieft. Bei der Presentatioun vum Budget 2009 d'lescht Joer hat ech schonn op dat Damoklesschwäert higewisen, dat iwwer sämtleche Gemengen hei am Land géif hänken, an dat no der Europäescher Direktiv mee och no engem neie Lëtzebuerger Wasserrahmengesetz gestëmmt ass:

a) vum 1.1.2010 u muss dem Bierger e Waasserpräis, genannt „prix vérité“, verrechent ginn;

b) bis spéitstens 2015 muss all Ofwaasser gekläert a propper weider geleet ginn, well am anere Fall säfteg Geldstrofe vu Bréissel ze erwaarde sinn;

Wat elo deen neie Waasserpräis ugeet, dee vum 1.1.2010 berechent gëtt, esou muss no dem Käschtendeckungsprinzip iwwerluecht ginn:

a) Käschtendeckungsprinzip heescht, datt d'Käschte fir d'Waasserliwwerung an och fir d'Klärung vum Ofwaasser alleguer mussen erfaasst a weider verrechent ginn. Do abegraff den Amortissement vun Invester, déi scho bestinn an déi nach kommen, fir datt och eis Kanner a Kannskanner eng Réserve hannerluecht gëtt, fir dës Investissementer ze erneieren an auszebesseren;

b) Veruersaacherprinzip heescht: e Prinzip, dee mer scho bei der Müllentsuergung kennen, de Prinzip vum „utilisateur-payeur“ a gläichzäiteg de Prinzip vum „pollueur-payeur“;

c) dobäi kommen nach Taxen, déi de Papa Stat op der Totalitéit vum Lëtzebuerger Gebitt erhieft, dat heescht, d'Käschten op eise Waasserressourcen oder déi sougenannt „taxe de prélèvement“, an d'Käschten zu Gonschte vun eiser Ëmwelt, déi sougenannt „taxe de rejet“;

d) dës 2 lescht Taxe si scho vum Stat festgeluegt ginn; d'„taxe de prélèvement“ op 0,10 € pro Kubikmeter, déi duerch d'SES soll opgehuewe a bezuelt ginn, an d'„taxe de rejet“ vun 0,19 €, déi duerch d'Ofwaassersyndikater opgehuewe soll ginn, an eisem Fall dem Siach.

All Gemeng am Land huet iwwer d'Waasserverwaltung relativ opwenneg a komplizéiert Formularen zougestallt krut, opgronn vun deene mer eise geneeë Käschtepunkt vun der Waasserliwwerung esou ewéi vun der Waasserklärung sollte berechnen. Wat fält elo alles an déi Berechnung?

Bei der Waasserliwwerung:

- d'Zuel vun de Stéit an der Gemeng;
- d'Zuel vun den industrielle Betriber;
- d'Zuel vun de landwiertschaftlech Betriber;
- den Duerchmiesser vun de Leitungen;
- d'Fonctionnementskäschten;
- d'Amortissementskäschten;
- d'Quantitéit an de Präis vum Waasserakaf.

Bei der Ofwaasserklärung:

- d'Quantitéit vum Ofwaasser ;
- d'Gesamtfläch vun der Gemeng ;
- d'Zuel vun den Awunner ;
- d'Zuel vun de Stéit ;
- den Duerchmiesser vun de Waasserleitungen;
- d'Fonctionnementskäschten;
- d'Amortissementskäschten.

No de Bestëmmunge vum neie Gesetz misst en Inventaire gemaach ginn (Ist-Zoustand) vun allen Infrastrukturen, déi bestinn (Waasserleitung, Waasserbasseng, Kanal, Kollektoren, Pompelstatiounen, Reeniwwerlafbassengen, Staukanäl, asw.), hir Liewensdauer geschat ginn an den aktualiséierten Erneierungswäert agesat a schonn amortiséiert ginn.

Mer hunn eng ronn 67 km Waasserleitungen hei leien, hunn 3 Waasserbassengen a donieft grad esou 67 km Gemengekanal esou wéi eng 6 km Kollektoren an eiser Gemeng leien. Derbäi kënnt jo och nach eng Bedeelegung un der interkommunaler Kläranlag vum Siach. Et ass och gewosst, datt an deenen nächste 5 Joer nach massiv muss an d'Ofklärung investéiert ginn. Ech erënneren nëmmen un den Uschloss vu Rodange-Frontière an der Fonderie, Pompelstatiounen, Reeniwwerlafbassengen op deene Plazen, de Fonçage an d'Opfänke vum Iwwerflächewaasser an der Nidderkuerer Strooss zu Péiteng, d'Upasse vun der Kanalisatioun an der rue de la Gare zu Péiteng, d'Erneierung vum ale Kollektor bei der Maragole. Zesumme sinn dat Investissementer, déi sech op eng 11 Milliounen Euro belafen a wou mer nach guer net wëssen, wéivill d'Bedeelegung vum Stat wäert sinn. En neie Waasserbasseng um Hierschtbierg zu Péiteng kéint och mat ronn 4 Milliounen zu Buch schloen. Den Ausbau vun der Kläranlag mat der Erweiderung op 110.000 Eenheetsgläichwäerter wäert och nach eng Kéier mat 35 Milliounen Euro derbäi kommen, a mer wëssen elo schonn, datt de Stat net méi mat 90% bei allem derbäi ass. De Reschtsaldo muss da vun deene 4 Gemengen aus dem Kordall gedroe ginn. Et si rieseg Zommen, déi am Buedem, an den Infrastrukturen an an der Kläranlag verschwannen. Alleng fir d'Ofwaasser aus de Siach-Gemengen aus dem Kordall ze kläre si bis elo scho ronn 55 Milliounen Euro (ausser Uertsnetzer) investéiert ginn a wäerten nach zousätzlech 48 Millioune musse bis 2015 investéiert ginn. Zesummen also um Stand vun 2015 eng ronn 103 Milliounen Euro oder an ale Frangen

iwwer 4 Milliarden. Deem géintiwwer stinn all Joer ronn 3,5 Milliioune Kubikmeter Ofwaasser vun deene 4 Gemengen. Et kann ee sech also virstellen - wa keng staatlech Subventioune méi kommen – wat alleng d'Ofwaasser géif an der Zukunft kaschten. Mee Gott sei Dank si mer nach net do an hoffen och, net op dëse Szenario an de kommende Joere mussen zeréckzegräifen.

Wat elo eis Iwwerleeunge fir e gerechte Waasser- an Ofwaasserpräis ugeet, esou hu mer eis mat de Schäfferéit aus de Kordallgemengen a mat de Verantwortlechen aus dem Siach zesummegesat fir gemeinsam Parameteren ze fanne wat d'Ofwaassertax ubelaangt. An déi hu mer och fonnt. Et war effektiv op dësem Gebitt och méi einfach well mer jo als Haaptkäschten eng gemeinsam Kläranlag a gemeinsam Konventioune mat dem Siach an de betraffene Gemengen hunn.

D'Gemengen aus dem Kordall – Péiteng, Déifferdeng, Käerjeng a Suessem – wäerten also viraussiichtlech eng selwecht variable Ofwaassertax applizéieren, déi bei 1,65 Euro pro Kubikmeter läit, zousätzlech eng fix Tax, déi je no Gemeng verschidde ka sinn, mee zu Péiteng no de Bestëmmunge vum Gesetz op ee mëttlere Verbrauch pro Eenheetsgläichwäert vun 20 Euro a pro Waasserrouer vun ¾ Zoll bei 5,66 Euro pro Mount a pro Compteur soll leien. Da kéint, je no Gewunnecht a Verbrauch, en Netto-Endpräis vun ëm 2,08 Euro pro Kubikmeter sinn. Doranner enthalen ass dann awer schonn déi virgenannten „taxe de rejet".

Wat eise pure Waasserpräis ubelaangt, esou hu mer och do déi déifst méiglech Berechnung an d'A gefaasst a sinn do op eng variabel Tax vun 1,75 Euro pro Kubikmeter komm. Zousätzlech kënnt nach d'TVA, wat dann 1,802 Euro gëtt, an eng fix Tax pro Compteur vun 7 Euro plus TVA, also 7,21 Euro, pro Mount. Do ass dann och d'Erhéijung vum Waasserpräis vum Sebes an „taxe de prélèvement" abegraff.

Zesumme geet also de Waasserpräis spierbar an d'Luucht mat engem Total an der variabeler Tax vun:

1,17 (+ TVA = 1,802 Euro) fir d'Waasser plus 1,65 Euro fir d'Ofwaasser, also zesummen 3,452 Euro pro Kubikmeter plus déi fix Tax vun 7 (+ TVA = 7,21 Euro) pro Mount fir d'Waasser an 5,66 Euro pro Mount fir d'Ofwaasser. Mer wäerten am Reellen esou bei gefillten 4,20 Euro pro 1.000 Liter Waasser leien. E Liter Drénkwaasser mat Ofwaassertaxe kascht also reell 0,0042 Euro pro Liter. Zum Verglach: e Liter Mineralwaasser aus dem Buttek läit sécherlech 200 Mol méi héich.

Dës Erhéijung, an ech soen dat nach eng Kéier, war déi klengst méiglech wann ee vun de Virlagen aus dem Ministère, dem Waasserwiertschaftsamt an dem Wasserrahmengesetz ausgeet. D'Präisser sollen elo vum 1.4.2010 a Kraaft trieden.

Si wäerte sécherlech net onbemierkt um Bierger laanscht goen. No enger Simulatioun, enger Héichrechnung, wäert all Mount de Käschtepunkt vum Waasser an Ofwaasser bei enger normaler Famill vun 2 Erwuessenen an 2 Kanner bei ongeféier 60-70 Euro leien. Mer sollten eis also all Gedanke maachen, wéi mer mat deem wäertvolle Gutt wat eist Waasser ass, ëmgoe wëllen. D'Gedanke ginn dohinner, datt mer Alternative fir d'Nätze vun eise Wisen, fir d'Wäsche vun den Autoen an Trëttoiren, fir d'Spulle vun eisen Toilette mat deierem Drénkwaasser sollte sichen. Dës Alternative wäerten awer net vun engem Moment zum anere parat sinn. Bei verschidde Famille si se net denkbar oder méiglech, an dofir wëlle mer och parallel zu dëser Erhéijung an enger nächster Sëtzung Virschléi ënnerbreeden, wéi mer sozial Familljekomponenten an Hëllefe kënne virgesinn.

Zeréck elo zur Budgetsvirlag 2010, wou mer am ordinären Deel gesinn, datt eise Bäitrag un de Siach am Joer 2009 vun initial 843.334,20 Euro op rektifizéiert 766.316,81 Euro fält, dogéint awer fir 2010 op 1.159.732,69 Euro eropgeet, bedéngt duerch déi nei Direktive vun den Ofschreiwungen.

Am extraordinären Deel geet eise Bäitrag un de Siach vun initial 696.334,24 Euro am Joer 2009 op rektifizéiert 771.371,53 Euro erop, an dat bedéngt duerch d'Ausbauaarbechte vun der Péitenger Kläranlag. De Bäitrag fir 2010 fält awer erof op 385.766,08 Euro well am Joer 2010 nach keng gréisser Ausbauaarbechten dobäikommen, spéitstens awer Enn 2011 an am Joer 2012 méi staark zu Buch wäerte schloen.

Am Kanalwiese sinn dann och vun eis aus Aarbechte virgesi fir den Uschloss vun e puer Haiser um Ufank vun der Athuser Strooss zu Péiteng, mat abegraff eis al Millen, un d'Haaptkanalisatioun. Dës Haiser schëdden de Moment nach un eng al Leitung laanscht d'Kor aus. Den definitive Projet hat op sech waarde gelooss, an e Kredit vun 100.000 Euro steet elo am Budget.

Den Uschloss vu Rodange-Fonderie ass net esou séier weidergaangen ewéi mer dat erhofft haten. Den Areal, dee vun der Agora verwalt gëtt, ass um doudege Punkt ukomm, esou datt mer onofhängeg vun de Projete vun der Agora aner Alternative sichen.

Eng déck Ausgab huet d'Renaturéierung vun der Eechelsbaach am Budget 2009 duergestallt a wäert och nach am Budget 2010 mat 323.000 Euro zu Buch schloen. Do ginn d'Aarbechten elo ofgeschloss a mer soen nach all deene betraffenen Awunner Merci fir hiert Entgéintkommen an hire Versteesdemech. D'Aarbechten um grousse Reeniwwerlafbasseng op dem Rond-point Porte de Lamadelaine si praktesch ofgeschloss an deen endgültegen Dekont kënnt elo hei op den Dësch.

Mer loossen nach eng Etude maache fir erauszefannen, firwat an der Maragole Haiser ëmmer Waasser kréien. Dofir sinn och 10.000 Euro virgesinn. De Fonçage ënner der Eisebunn vun der rue de la Liberté op d'Nidderkuerer Strooss gëtt ëm ee Joer no hanne gesat, eng Mise à jour vun eiser Kanalsétude gëtt fir 25.000 Euro virgesinn, an de definitive Projet fir den Assainissement vum ënneschte Basseng vun der Kor, d.h. Rodange-Frontière, gëtt elo mat 200.000 Euro ugefaangen.

Wat déi spezifesch Aarbechten um Waassernetz uginn, esou si mer no laange Verhandlungen elo Besëtzer gi vun der Parzell, déi mer brauche fir den neie Waasserbasseng um Hierschtbierg zu Péiteng opzeriichten. D'Etuden an d'Verhandlunge mat der SES fir do en „droit de passage" ze kréie sinn elo fäerdeg, an an der Sëtzung vum 18. Dezember gëtt den defintive Projet virgestallt. Wann alles normal leeft, fänke mer am 2. Semester 2010 mat den Aarbechten un. Mer hunn dofir 200.000 Euro am Budget virgesinn.

De Bouclage vum Waassernetz am Schwaarzewee zu Péiteng ass gemaach, an den éischten Teppech ass schonn op der Stroooss. Ronn 48.000 Euro ginn an d'Télésurveillance vun eise Waasserbassengen investéiert, an dann hu mer dëse Projet och ofgeschloss.

Am ordinäre Budget stinn dës Kéier erëm 60.000 Euro fir lues a lues eis Waassercompteure mat engem elektroneschen Ofliessystem auszestatten.

4. Informatioun, Relations publiques an Zeremonien

D'Aarbechten um 1. Stack vum Stadhaus ginn dem Enn entgéint, an da si sämtlech Servicer, déi direkt mat dem

Bierger a Verbindung stinn, an neie Raimlechkeeten ënnerdaach. Et gëtt dann nach den 2. Stack renovéiert a moderniséiert. Enn 2010 wäert dann dat ganzt Stadhaus méi funktionell a méi biergerfrëndlech fonctionnéieren.

Eis Publikatiounen ewéi Péiteng Aktuell, Meng Gemeng oder de Bilan all 2 Joer, hu sech bewährt an vermëttelen e korrekt, objektivt an informativt Bild vun eiser Gemeng an hire Schantercher a Projeten. Eisen Internetsite an eisen Info-Canal sinn nach méi performant an aktuell. Ufank 2010 kënnt erëm e Bilan iwwer d'Realisatiounen an de leschten 2 Joer an eiser Gemeng eraus. Mer hunn och vu sämtleche gréissere Manifestatiounen an eiser Gemeng Filmer dréine gelooss, déi fir d'éischt iwwer de Fernsehkanal .dok landeswäit ausgestrahlt ginn an duerno nach e puer Mol iwwer eisen eegenen Info-Canal. Weider Informatiounsdéngschter fir de Bierger stinn zur Verfügung: den éischten iwwer SMS – dat ass sms2citizen -, wou een aktuell Infoen iwwer Verkéiersaschränkungen, Enkpäss an der Waasserversuergung oder och grouss Evenementer, Sport, Kultur a Jugend ka kréien. E selwechten Déngscht kënnt derbäi wat dës Infoen iwwer e-mail ubelaangt.

Bei gréissere Projeten, an der Urbanisatioun, beim neie PAG, bei den „Plans directeurs" vu Quartieren a vun neie Reglementer ewéi Verkéier oder Veräiner, sinn a gi lokal oder kommunal Opklärungsversammlungen dem Bierger ugebueden.

Mat eisem Gemengesyndikat Sigi schaffe mer de Moment un engem Pilotprojet fir e performanten Intranet an dynameschen Dialog mat dem Bierger ze erreechen, e sougenannten virtuelle „guichet unique", dee mat den neien Technologie grouss Erausfuerderunge kann ustriewen.

Eis Zeremonien entwéckele sech a konzentréiere sech ëmmer méi um kommunalem Plang. Mer hunn nach weider Efforte gemaach fir nach e besseren Dialog mat eise Veräiner, hiren Ententen a Syndikater kënnen ze erreechen. D'Aféierung vu groussen a klenge Partenariater tëscht der Gemeng a verschidde gréisseren Organisatiounen hu sech zur géigesäiteger Zefriddenheet entwéckelt an och zur Stabiliséierung an enger gréisserer Ausstrahlung vun dësen Evenementer mat bäigedroen. D'Budgete fir eis Rentnerfeieren (40.000 Euro), eis Journée des Méritants (10.000 Euro), eis Journée du Grand Âge (4.000 Euro), ëffentlech Feierlechkeeten (50.000 Euro) bleiwen onverännert. De Budget fir kulturell Organisatioune geet vun 29.000 Euro op 15.000 Euro erof (hie war wéinst de Liberatiounsfeieren am Joer 2009 gehéicht ginn), dee vum „Fonds de support d'organisation d'intérêt communal" geet liicht erop, an zwar vun 40.000 op 43.000 Euro wéinst dem Plus un Demanden.

5. Kultur an Tourismus

Mer hunn de Moment eng flott touristesch Mapp, mat verschiddene Rubriken an Deplianten, ewéi eis Natur, eis Monumenter. Mer wäerten nach weider Rubriken entwéckelen ewéi Kultur, Sport, Events, asw. Dofir stinn 10.000 Euro am Budget. De Sikor gëtt ufanks 2010 e gesamttouristeschen Depliant eraus iwwer d'Kordall-Gemengen.

Mer wollte schonn 2009 e kuerzen touristesche Film realiséieren, an dat eventuell mat enger Sikor-Initiativ mat de Lycéeën aus der Grenzregioun. Do sinn awer elo technesch a formalistesch Problemer opkomm, esou datt mer de Film net iwwer dës Quell kënne realiséieren. Mer kucken elo no neie Mataarbechter an hunn dëse Projet ëm e Joer verréckelt.

Och hu mer schéin an uspriechend Fotoe vun eiser Gemeng aus der Loft maache gelooss, déi fir propagandistesch an touristesch Zwecker kënne gebraucht ginn. Mer wäerten ufanks 2010 eng schéin Ausstellung hei an der Gemeng organiséieren, wou eis Bierger sech dës Fotoe kënnen ukucken an eventuell och kënne kafen. Donieft soll dann eng Flott Fotosbroschür entstoen, déi eis Gemeng am Ausland optimal ka virstellen.

Mer sinn och derbäi, bei den lwwerleeungen zur Grënnung vun engem „Office régional du tourisme" fir eise Süden, en ORT, dee vum Tourismusministère finanziell begleet gëtt.

Mer bereeden eis op ëmmer méi grouss an attraktiv touristesch Infrastrukturen an Attraktivitéite vir, dat an eisen eegene Strukturen, mee och mat eisem Propaganda- an Informatiounsmaterial. Mer gleewen drun, datt spéitstens mat der Renovatioun an dem Fonctionnement vun der Rollenger Millen, der Astandsetzung vun der Péitenger Millen, der Stäerkung vun de Strukture vun engem Train 1900, enger Minièresbunn, dem historesche Patrimoine vum Fonds-de-Gras, eisem PiKo, dem Giele Botter, dem Tëtelbierg, de Fëschweieren, dem Hotel, dem nationale Keelenzentrum, iwwerdeckten a fräi Spillplazen, eise grousse sportlechen a kulturellen Eventer - fir nëmmen dës puer Magnéiten ze nennen – mär touristesch net schlecht ausgestatt si fir eisen Usproch an d'Fënster ze stellen, nach méi komplementar an ergänzend Strukturen an eis Gemeng ze kréien ewéi Ënnerkommes- oder Museumsstrukturen.

De Projet Rollenger Millen gëtt elo geschwë Realitéit, a mat dem Stat zesummen entsteet hei en didaktesch rekreative Raum. Zesumme mat ProActif ass do investéiert ginn, an elo gëtt den Dekont virum 1. Abrëll 2010 virgeluegt.

Den Dossier Péitenger Millen ass um Lafen. D'Adjudikatioun un den Entrepreneur ass gelaf, den historesche Mobiliar ass erausgeholl fir restauréiert ze ginn, an d'Stabiliséierungsaarbechte wäerte ganz geschwënn ufänken. Am Budget 2010 steet e Kredit vun 1,6 Milliounen Euro. Fir dat rout Haus si fir eng Etude 50.000 Euro virgesinn.

Esou wäit meng Kommentaren zur Budgetsvirlag 2010. Ech hoffen, ech war präzis, mee och diskret genuch fir iech verschidde Visiounen, mee ganz vill Realisatioune fir 2010 virzedroen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

De Rapporter vum Budget an der Chamber schwätzt vum Schnapp, d'Zeitungen an d'Medie schreiwen all Dag nei Hiobsbotschafte vun der neier Gripp, op der Bourse fueren d'Coursen Achterbunn, ëmmer méi Leit sinn am Chômage an an der Kuerzaarbecht, an engem Wuert, mir si matten an der Kris, an enger gesondheetlecher, materieller a struktureller.

An genee an esou enger schwéierer Zäit mussen all Gemengeverantwortlech hire Verflichtungen esou seriö wéi méiglech nokommen. Mir ginn Dag fir Dag ëmmer méi gefuerdert mat de Problemer, déi dës Kris mat sech bréngt. D'lescht Joer hu mir schonn nei sozial Moossnamen ergraff an ons Hëllefe fir déi manner bemëttelt Matbierger aus onser Gemeng substantiell erhéicht. 2010 musse mer mat der Deierecht vum Waasserpräis dësen Akt nach emol widderhuelen.

E Merci un all eis Mataarbechter déi gehollef hu fir dëse Budget seriö an der Zäit entspriechend, dat heescht net mat iwwerméissege Fuerderungen, opzestellen.

Och wann eise Budget am Equiliber ass, a mir am Budget extraordinaire d'Méiglechkeet hu fir ronn 18,977 Milliounen Euro ze verschaffen, musse mer awer op Gronn vun der Zuel vun deene grousse Projeten, déi gestëmmt an an der Aarbecht sinn, en plus déi nei Projeten, déi 2010 ulafen, ganz genee kontrolléieren.

Konsequenze musse mer zéie vis-à-vis vu Partner, déi hir Chantieren net mat

däer vun eis erwënschter Seriositéit leeden.

2010 wäerte mer virsiichteg a konsequent ons Aarbechte weiderféieren, esou wéi an de vergaangene Joeren. Virun Iwwerraschunge si mir och net geschützt. Déi kënnen ëmmer en cours de route optrieden, an däers si mer eis bewosst. Awer si dierfen net auswucheren, an an deene spezielle Fäll muss nei verhandelt ginn.

Ech wëll mech bei dëser Presentatioun op verschidden Dossiere bezéien, fir déi ech en charge sinn. De Buergermeeschter huet d'Analys virgeluegt, an ech wëll e kuerze Réckbléck wäerfen op d'Realisatioune vun 2009 an eng Ausbléck maachen op 2010 wat déi verschidde Chantieren an der Bauphas an d'Projeten, déi an der Planung sinn, betreffen.

An onsem Walprogramm stoung 'Erneierung vun eisem Schoulraum'. Eng grouss Aufgab ass do op eis duerkomm, fir eise Schüler modern Schoulsäll, dem heitege Standard entspriechend, zur Verfügung ze stellen. Wichteg Erneierunge si scho realiséiert an Neies steet un. 'Eigent' geet 2010 an d'Bauphas, 'Rolleng' an d'Projektioun. Ech erënneren un d'Schoulgebai 'Paesch', dat schonn a Betrib ass, an u Chantiere wéi 'Neiwiss', wou och schonn dran enseignéiert gëtt an nach de Finissage ze maachen ass.

Esou ass dann am Budget extraordinaire verbucht:

De Projet Neiwiss-Schoul, deen direkt nom Ausbau vun der Paesch-Schoul an Ugréff geholl ginn ass. Fir d'Rentrée vum Schouljoer 2009/2010 konnte mer 6 nei modern Schoulsäll fir Schüler aus dem Primaire an der Maternelle bereet stellen, esou wéi eng flott Bibliothéik, e Bastelsall, 2 Säll fir d'Spillschoulen an 2 Säll fir den Enseignement précoce.

Dësen Enseignement précoce mat 40 Kanner bezitt déi nei Klassesäll an der Neiwiss no der Chrëschtvakanz. Den Enseignement fir déi Klasse fënnt do statt fir d'Iwwergangszäit während dem Neibau am Blobierg.

D'Aarbechte vun de 'salles polyvalentes' sinn an der Ofschlossphas, esou datt zousätzlech nach Raim der Schoul zur Verfügung stinn.

En ambitiéise Projet, verbonne mat Iwwerraschungen, wéi zum Beispill eng duebel Zetär, déi während den Aarbechte fräigeluegt ginn ass an déi op kengem Plang duergestallt war. Doduerch ass Fiichtegkeet an de Bau gezunn. Dëse Makel ass reparéiert ginn, huet ons Retarden abruecht an zousätzlech Geld kascht.

De grousse Chantier Neiwiss ass a Phasen ofgelaf, well verschidden Aarbechten nëmmen an der Vakanzenzäit realiséiert konnte ginn. Déi Vergréisserungen a Moderniséierungen hunn och e Präis, en héije Präis: 4.445.000 Euro huet de leschten aktualiséierten Devis ausgewisen. 593.000 Euro stinn nach am Budget 2010 fir lescht Aarbechten un dësem Bau fäerdegzestellen. Den 17. Dezember 2008 hu mir vum Inneministère e 'subside global' vun 1.000.350 Euro zougesprach kritt. 220.000 Euro sinn 2008 verbucht ginn, 540.266 Euro am Joer 2009 a mir erwaarde fir 2010 nach ronn 240.000 Euro.

Déi zwee Schoulhäff ginn den heitege Bedierfnesser ugepasst. Mir realiséieren dës Verschéinerungen och an zwou Phasen. Fir 2010 stinn 200.000 Euro am Budget. Mat de Verantwortleche si scho Virgespréicher gefouert ginn, wat d'Bedierfnesser ubelaangt. Den Entworf wäerte mer, wann d'Viraarbechte weider fortgeschratt sinn, - esou wéi mer et regelméisseg bei grousse Projete maachen - zesummen am Gemengerot diskutéieren. Déi zweet Phas soll 2011 an Aarbecht geholl ginn.

D'Fënstere vun 'partie arrière' vun dësem Schoulgebai mussen erneiert ginn. D'Fotoe leien dem Devis bäi an dës Erneierung ass mat 140.000 Euro programméiert.

Fir bei de Schoulen ze bleiwen:

E Projet, dee mer mussen ugoen, ass den Ausbau vun der Primärschoul zu Rolleng, wou zousätzlech Schoulsäll an e Konferenzsall an éischter Instanz noutwenneg sinn. Mir hunn an dësem Budget 80.000 Euro virgesi fir Etuden.

Den neigestalltene Schoulhaff zu Rolleng ass e flotten 'point de rassemblement' fir ons Kanner, an de Square François Ney mat engem Investissement vun 535.000 € ass eng nëtzlech Verschéinerung vum Duerfkär.

De Site vun der Eigent-Schoul zu Péiteng wäert déi gréissten Ëmännerungen a Chantieren an deenen nächste Joere mussen erdroen. Grouss Investitioune sinn do an d'Maach. 13.707.900 Euro wäert dat Investissement fir den neien Enseignement précoce an déi nei Maison relais ons kaschten, wa keng Deierechten an deenen nächsten 2 Joer ufalen, déi Zäit wou dës grouss Baulechkeete bis zur Realisatioun brauch.

E Subside vum Stat fir de Bau vun der Maison relais an der Héicht vun 2.533.500 € goufen eis an Aussiicht gestallt. Doranner sinn enthalen: 10.000 € maximum pro Kand - mir hunn 12 Säll zur Verfügung à 20 Kanner - , 50% fir d'Ariichtung vun der Kichen, mat enger maximaler Zomm vun 125.000 € an 8.500 € fir de Schoulhaff. Mir erwaarden eis fir 2010 eng Avance vun 400.000 €.

De gestëmmte Projet 'Précoce-Primaire' gesäit fir:

4 Säll fir den Enseignement précoce, déi mer um Rez-de-chaussée mussen a Conformitéit setzen. 2 nei Schoulsäll fir d'Primärklasse kommen um 1. Stack bäi, wou och de Sécherheetbestëmmunge Rechnung gedroe gëtt mam Bau vun enger zousätzlecher Trap, déi op de Rez-de-chaussée féiert. Dofir sti fir déi 1. Phas 314.000 Euro am Budget 2010. Während der 1. Phas gëtt déi kleng Schwämm, déi net méi conforme ass, ewechgerappt an e provisoresche Schoulhaff gëtt fir eis Schüler aménagéiert. Dee klenge Schoulhaff verschwënnt zum Deel mam Bau vun der Maison relais.

Da kommen ech zum Bau vun der Maison relais, déi och um Site vun der Eigent-Schoul soll entstoen. Eng grouss professionell Kiche soll an dee Bau integréiert ginn, a wou zousätzlech de Repas sur roues soll mat preparéiert ginn. Eng 'salle polyvalente', benotzbar vun de Gebai an der Maison relais, ass ageplangt. De Projet ass scho vum Gemengerot gestëmmt. 240 Kanner kënnen do betreit ginn, an 154 Kanner sti fir de Moment op enger Waardelëscht fir kënnen an enger Maison relais opgeholl ze ginn. An déi Waardelëscht gëtt vun Dag zu Dag méi grouss. Mir hoffen aus deem Grond, datt mer kënnen esou schnell wéi méiglech mat deem Chantier ufänken, well gewosst ass, datt de Bau vun engem Gebai an däer Gréissenuerdnung op mannst 2 Joer wäert daueren. Fir déi éischt Phas am Joer 2010 kënnen ze baue sinn 1.756.000 Euro virgesinn.

Mir wëssen, datt esou een enorme Chantier ganz vill Versteesdemech vum Léierpersonal verlaangt, déi op dësem Site ënner kengen normale Konditioune während enger längerer Zäit musse Schoul halen. Mir versichen déi gréissten Aarbechten esou ze programméieren, datt an der grousser Vakanz vill ka realiséiert ginn, a fir domatter de Schoulbetrib esou mann wéi méiglech ze stéieren.

D'Problemer mat der Étanchéitéit vun de Fënsteren an der Spillschoul 'An Eigent' si längstens bekannt. Mir hunn dofir 25.000 Euro virgesinn, a während dem Chantier ginn an dësem Gebai dës Refektioune gemaach.

Eise Projet 'Précoce Rodange' ass an der Maach, mä well mer dëse Projet

mam Fonds de Logement realiséieren, hu mer dëst Joer nach näischt fir de Bau am Budget stoen.

3.463.000 Euro stinn am Budget extraordinaire fir eis Schoulgebaier an d'Maison relais. Wann een dovunner 150.000 Euro fir 'premier équipement - matériel informatique' ofzitt, dann investéiere mer 2010 déi stolz Zomm vun 3.313.000 Euro alleng an d'Bausubstanz.

Crèche zu Péiteng:

Bis zu dësem Datum - wann d'Wieder et erlaabt an den Dag sollt fäerdeg gi bis Chrëschtdag, esou wéi d'Firma eis dat versprach huet - sinn op dësem Chantier ronn 550.000 Euro verschafft ginn. 2.350.000 Euro plus zousätzlech 130.000 Euro fir der 'salle polyvalente' e Stack dropzesetzen si vum Gemengerot den 20. Oktober 2009 gestëmmt ginn.

1.300.000 Euro sti fir 2010 am Budget. Fir d'Rentrée 2010/2011 soll dësen Neibau bezéibar sinn. 54 Kanner vun Null bis 4 Joer kënnen do dagsiwwer versuergt ginn. Dës Crèche sollt 10% vun hirer Kapazitéit fir tranfrontaliers Kanner reservéieren. Als Projet pilote sollt dës Zesummenaarbecht fonctionnéieren. De Stat bedeelegt sech bei de Chèques services awer nëmme bei deene Kanner, déi zu Lëtzebuerg wunnen. Mir sinn do a Gespréicher fir Léisunge mat Partner ze fannen, déi u Crècheplaze fir hir Mataarbechter aus der 'région transfrontalière' interesséiert wieren.

D'Problemer vum Verkéier, deen do duerch d'Bréngen an d'Ofhuele vun deene klenge Pensionäre vun der Crèche sollten entstoen, hu mir mat de Responsabele vum Fleegeheem ofgeschwat. Well si wäerten dës Afaart och zum Deel benotzen, an et gëtt iwwer versenkbar Polleren nogeduecht fir de Site beschtméiglechst ofzesécheren.

Am extraordinäre Budget hu mer 21.000 Euro fir de P.A.P. am Zentrum vu Péiteng virgesinn. 2009 sinn 10.000 Euro gebraucht gi fir d'Levée topographique ze maachen. Etude fir d'Erneierung vum Ilôt Cour intérieure hanner Rousen, dem Haus Heintz, dem Haus an der Liberté-Strooss - wat onbewunnbar ass - mussen 2010 ofgeschloss ginn. Dëse Raum am Zentrum vun onser Stad, wou mir scho méi laang mat der Architektin un engem Projet a Gespréicher an am Plange sinn, muss konkret ugepak, revaloriséiert a bewunnbar gemaach ginn.

Am ale Pompjeessall zu Péiteng hu mer nach eng Rei vu Fënsteren ze erneieren, esou datt mer fir 2010 - nodeems mer 2009 schonn 15.000 Euro investéiert hunn - nach emol 17.000 Euro prett stoen hu fir dës Aarbechten am Musekssall an am Sall vun der Chorale ze realiséieren.

Am Kader vun der Sécherheet an eise Gebaier gëtt am ale Pompjeesbau eng 'détection d'incendie' fir 28.000 Euro agebaut, zesumme fir d'Jugendhaus an de Säll vun der Musek an der Chorale. D'Rodanger Jugendhaus gëtt genee esou ausgerüst, an dëst kënnt eis 10.000 Euro ze stoen. Am Joer 2009 hu mir am Zenter vun der Protection Civile eng 'protection d'incendie' an eng 'centrale de détection d'intrusion' fir 20.974 Euro installéiert.

D'Peschenhaus brauch nach weider nei Fënsteren. 2009 sinn an dësem Haus 30.000 Euro fir d'Ersetze vun enger Partie Fënstere bezuelt ginn. Elo brauche mer nach zousätzlech 9.000 Euro.

D'Spillplaz 'Zauberschoul' zu Rodange ass e Succès ginn, a mir kënnen nëmmen hoffen, datt se vun de Benotzer an Éiere gehale gëtt. Ronn 500.000 Euro hate mer budgetiséiert fir dës Spillplaz.

Leider ass de Vandalismus op de Spillplazen an eiser Gemeng nach ëmmer ze grouss. Et ass och gewosst, datt et e landeswäite Problem ass. Mir hunn awer an der leschter Zäit regelméisseg Zerstéierunge krimineller Aart, déi grouss Gefore fir eis Kanner mat sech bréngen. Ech maachen eng kuerz Klamer op: Op der Liberatiounsplaz sinn am September an elo, den 30. November, um selwechte Spill an 3 Meter Héicht Brieder vun 80 op 80 Zentimeter erausgeseet ginn. Aus de Klunsche goufen d'Sécherheetsschrauwen erausgedréint, Spiller goufen a Brand gestach a vum Graffiti guer net ze schwätzen.

Mir schaffe weider ganz enk mat Luxcontrol zesumme wat d'Conformitéit vun eise Spillplazen ubelaangt. Mir hu Leit extra forméiert fir op de Spillplazen ze schaffen, déi iwwer d'Sécherheet heivunner am Bild sinn. Mir maachen och all Kéiers, wann eppes do virgefall ass, eng Plainte a fuerderen d'Police op nach méi Kontrollen ze maachen.

An dësem extraordinäre Budget fir d'Joer 2010 si weider 20.000 Euro virgesi fir d'Spiller an de Schoulhäff ze erneieren an 60.000 Euro sinn agesat fir nei Spiller op de Spillplazen an zousätzlech Pictogrammen ze installéieren. Mir mussen d'Benotzungszäite vun de Schoulhäff an de Spillplaze begrenzen, fir domatter der Police eng Handhab ze gi fir beim Netrespektéieren dovunner anzegräifen.

Zousätzlech stinn am ordinäre Budget fir d'Reparature vun de Spiller nach emol 10.000 Euro. Am Akaf vun de Materialie kënnt nach eng héijer Zomm dobäi, wou iwwer de Magasinier dat néidegt Reparaturmaterial ugefuerdert gëtt.

Am ordinäre Budget sti vermierkt - esou wéi an deene vergaangene Joeren - 10.000 Euro fir Organisatiounen am Beräich vun der Jugend. De Jugendkino 'A Rousen' huet e schéine Succès, de Music-Contest wëlle mer weiderféieren, de Jugend-Bus fiert weider op d'Schueber-fouer, den Open-Air-Festival gëtt nei orientéiert an d'Jugend an d'Handwierk mat deenen interesséierten Intervenante weider gefeiert.

D'Jugendkommissioun wäert, esou wéi an de vergaangene Joeren, sech u verschiddenen Organisatiounen zesumme mam Jugendhaus bedeelegen.

20.000 Euro hu mer budgetiséiert fir interkommunal Jugendaktivitéite mat de Kordall-Gemengen an och zesumme mat Dippech a Suessem. Aktivitéiten, déi während de Vakanzen ugebuede gi fir Schüler ab 12 Joer a wat e flotten Austausch tëscht eiser Jugend aus onsen Nopeschgemengen ass.

D'Ausbildung, d'Fräizäit an d'Sécherheet vun onse Kanner a vun onser Jugend huet a ville Beräicher Prioritéit. Dofir toleréiere mer net, datt do Vandalen hiert Onwiese kënnen dreiwen.

Mir bedeelegen eis bei den Ausgabe vun der Maison des jeunes mat 143.500 Euro. Dee selwechte Betrag leet de Stat fir d'Fonctionnéiere vun deenen Haiser bäi. Eis Maisons des jeunes hunn déi lescht Joere vill an gutt Programme mat eiser Jugend ausgeschafft. Éierunge stoungen an d'Haus an dës Gelder si gutt investéiert.

Zanter dem Fréijoer ass eng nei Educatrice - zousätzlech zu den 3 Educateuren - mat enger halwer Tâche an de Jugendhaiser beschäftegt. Ech betounen 'Jugendhaiser', well Rodange huet sech esou entwéckelt an déi Jugendlech vu Rodange sinn do a gudder Betreiung.

D'Funktiounskäschte fir eis Maisons relais, an deene ëm déi 176 Kanner bis elo betreit ginn, belafe sech op 1.218.077 Euro. Den éischten Akont vum Ministère beleeft sech 462.785 Euro, 180.000 Euro erwaarde mer nach vum 'solde restant' vun 2009. Dat mécht eng Rentrée vun 640.000 Euro. De Bäitrag vun den Elteren hu mir fir 2010 mat 143.000 Euro verrechent, dat ass eng Hausse op d'lescht Joer vun 17.200 Euro. Den elterleche Bäitrag gëtt no hirem Akommes berechent, an dat erkläert och déi Schwankungen. Den

zousätzleche Grupp vun 10 Kanner zu Rodange bréngt eng Méibelaaschtung mat sech. Mir erwaarden ons no der neier Berechnung vum Stat nach eng Zomm vun 343.751,75 Euro. Wahrscheinlech wäert déi awer eréischt 2011 errechent ginn.

Mir hunn am Mäerz d'Charte européenne pour l'égalité des chances am Gemengerot gestëmmt an och ënnerschriwwen. De Budget vun der Gläichheetskommissioun hu mer op 13.000 Euro gehéicht fir Spezialausgaben. Mir sinn am gaangen de Plan d'action - dee mer bannen zwee Joer sollen opstellen - a Form ze bréngen. Mir hunn ee Punkt realiséiert, mat der Administratioun, dee scho länger sollt duerchgefouert ginn. Wa mer prett si mam Plan d'action, da stelle mer iech dee Programm an enger Sëtzung zur Diskussioun.

D'Auslännerkommissioun huet hir Aarbecht am vergaangene Joer fir eng besser Integratioun vun den Net-Lëtzebuerger, déi an onser Gemeng wunnen, gutt weidergefouert. Mir hunn interessant Kontakter mat den asiateschen an den afrikanesche Länner, sou wéi och de Länner aus dem Balkan, wou Projete mat Hëllef vun hiren Associatioune geplangt a realiséiert solle ginn. Fir 2010 ass e Projet vun engem multikulturelle Fest virgesinn, wat am September soll iwwer d'Bühn goen. En nächste Punkt an onser Aarbecht zur Integratioun vun eisen Auslänner ass d'Virbereedung vun de Walen 2011. Mir hunn ëm déi 77 verschidden Nationalitéiten an eiser Gemeng wunnen. Fir e sozialt, sportlecht a kulturellt Zesummeliewe mat onser auslännescher Communautéit si mir all zesumme gefuerdert.

Dëst war nëmmen e kuerzen Abléck iwwer verschidden Aarbechte vun 2009 an 2010. Déi Erneierung a Reparaturen, déi vun onsen Servicer erleedegt ginn an déi Aarbechten déi dagdeeglech ufalen, sinn net extra hei ernimmt. Si sinn awer och vu grousser Wichtegkeet an enger Gemeng wéi mir se sinn.

Ech wënsche mir, datt am Joer 2010 dee selwechten Elan an onsen Aarbechten erhale bleift fir eise Matbierger weiderhin eng gutt Liewensqualitéit ze bidden.

Ech soen iech Merci, datt dir mer nogelauschtert hutt.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wann ech iech haut déi fënneft, respektiv déi zweetlescht Budgetsvirlag an dëser Amtsperiod virdroen, da gëtt dat mer d'Geleeënheet, menge Kollegen am Schäfferot Merci ze soe fir wäertvoll Mathëllef, fir déi gemeinsam Entscheedunge vun enger virsiichteger Budgetspolitik, fir déi Suen, déi ech fir meng Ressorten am Budget 2010 ofséchere konnt, an dat trotz der momentaner Krisenzäit. Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Ech wollt iech Detailer ginn zu der Budgetsvirlag, wat meng Ressorten ugeet, an zwar d'Ëmwelt, d'Schwämmen, de Sport, den 3. Alter, den Handicap, déi regional a wiertschaftlech Affairen.

Loosse mer mat der Ëmwelt ufänken. Wéi der alleguer wësst, kommen d'Gemengen dëst Joer duerch eng europäesch Bestëmmung net méi laanscht eng Erhéijung vum Waasserpräis, dee sech jo selwer droe muss. Mer sinn eis bewosst, datt dat bei enger grousser Zuel vun eise Matbierger wäert wéi doen. Et gouf dofir en Hëllefssystem op d'Bee gestallt, fir déi, déi ganz schlecht dru sinn. Mer waren eis awer séier eens, datt mer keng weider Taxenerhéijung virhuelen, esou och net bei der Müllabfuhr.

Bei de Recetten am Gesamtartikel 2/0734 vun der Tax fir d'Müllabfuhr hate mer am Budget 2009 eng Zomm vun 1.697.300 Euro virgesinn. Am rektifizéierte Budget 2009 gouf dës Zomm op 1.665.100 Euro verbessert.

Festgestallt gouf, datt mer wuel beim Asammele vum PMC an de bloen Tute bei Valorlux e Plus vun 63.000 op 69.000 Euro ze verzeechnen hunn, allerdéngs de Präis fir verschidde recyclabelt Material am Laf vum Joer 2009 gefall ass. Ausserdeem stelle mer fest, datt eis Matbierger och méi ëmweltbewosst gi sinn, well mer och bis elo manner Recette fir d'Eidelmaache vun de Poubellen erakruten. Mer hunn d'Recetten am rektifizéierte Budget 2009 ëm 29.000 Euro erofgesat op 1,420 Milliounen Euro.

Deem géintiwwer stoungen an de Gesamtausgaben 2009 eng Zomm vun 1.718.197 Euro. Am rektifizéierte Budget gouf dës Zomm ëm 93.000 op 1.811.000 Euro eropgesat. De Malus vu ronn 146.000 Euro ass deels zeréckzeféieren op Personalkäschten, an zwar ass eng Persoun nei am Recyclingcenter agestallt ginn.

Am Budget 2010 hu mer an de Recetten en Total vun 1.694.500 Euro virgesinn, respektiv Ausgabe vun 1.764.500 Euro. Ënner dem Stréch e liichte Malus vu méi oder manner 4%. Dës Differenz ass net héich genuch fir datt mer an dëse Krisejoeren eng Präiserhéijung vun eiser Tax fir d'Müllabfuhr virhuele géifen. Als Vertrieder vun eiser Gemeng an der Müllverbrennungsanlag Sidor war ech frou, festzestellen, datt mer manner Müll ofgeliwwert hu wéi erwaart, esou datt mer d'Ausgabe vun 2009 vun 395.000 Euro am rektifizéierte Budget op 380.000 Euro erofsetze konnten. Fir 2010 hu mer 385.000 Euro agedroen, dëst no der Bestätegung vum Sidor, datt 2010 hirersäits keng Erhéijung vum Tonnage-Präis fir de Müll virgeholl gëtt. Ech wollt iech och bei dëser Geleeënheet soen, datt d'Aarbechte fir déi nei Anlag zügeg viruginn, an datt bis haut bei der Konstruktioun keng Verspéidung entstanen ass.

D'Iwwerwaache vun der Loftqualitéit:

Och 2010 solle mer näischt dem Zoufall iwwerloosse wat d'Loftqualitéit an eiser Gemeng duerstellt. Esou wëlle mer no 10 Joer Diagnostike vun der Loftqualitéit och 2010 weider Miessungen duerchzéien. Engersäits wéinst dem Enjeu vun der Gesondheet vun eise Matbierger, anersäits fir den Entreprisen, déi mat der Ëmwelt ze doen hunn, ze demonstréieren, datt mer aktiv sinn an iwwer d'ganzt Joer eng Präsenz um Terrain weisen.

Eis Miessunge vum Geméis bleiwen onverännert a sinn zu Rodange 3 Mol tëscht de Méint Juli an November. D'Analysen op de Molybden- an och de Bläigehalt gi bei ongewäschtem a gewäschtem Geméis virgeholl. Mer hunn 25.000 Euro am Budget 2010 virgesinn. De „plan de surveillance“ presentéiere mer iech an der Sëtzung vum 18. Dezember.

Den Direkter vun der SLR huet eis wësse gedoen, datt et méiglech wier, datt sengersäits – nodeems all Formalitéiten ofgeschloss an autoriséiert wieren – d'SLR 2010 mam Ofbau vum Crassier zu Rodange ufänke wëll. Et ass dofir am Januar eng Entrevue virgesinn, zesumme mam Direkter a mat engem Verantwortleche vum Ministère fir Detailer gewuer ze ginn. Mer iwwerwaachen am Joer 2010 hire Site falls d'Exploitatioun vum Crassier lassgoe sollt, an hunn e Forfait vun 5.000 Euro am Budget virgesinn. Fir déi ganz Iwwerwaachunge vun der Industrieverschmotzung hu mer 25.000 Euro am Artikel vun der „Conservation de la nature“ stoen.

Péitenger Ëmweltdiplom an aner Aktiounen:

De Péitenger Ëmweltdiplom fir d'Schoulkanner war och dëst Joer nees e groussen Erfolleg, esou datt och 2010 dës Aktioun weidergefouert gëtt. D'Kanner kreativ matschaffe loosse mat Aktiounen iwwer dat ganzt Joer, an hinnen esou d'Ëmwelt méi no ze bréngen, dat schéngt mer méi wichteg ze sinn ewéi Ausstellungen ze

organiséieren, déi deier kaschten a wéineg Erfolleg ze verzeechnen hunn.

Eng weider Aktioun, déi 2009 belount gouf, ass d'Offalltrennung an eise Schoulgebaier. Vun dësem Schouljoer u maachen eis sämtlech Schoulkanner an alle Schoulgebaier mat.

Och aner Organisatioune sinn nees virgesinn, ewéi den Dag ouni Auto, deen e flotten Erfolleg hat an dee mer zesumme mat 4 Nopeschgemengen all Joer nei organiséieren.

Dann d'Käschte fir Étudë fir d'Commodo-Incommodo-Dossieren an de Mérite am Beräich vun der Ëmwelt:

All dës Onkäschten hu mer am Artikel 3/0730/6170 als „Frais divers de fonctionnement" vun eisem Ëmweltdepartement mat enger Zomm vun 20.000 Euro fir 2010 agedroen. Als Klimabündnis-Gemeng bezuele mer e Bäitrag vun 9.000 Euro, an un d'Asbl Ëmweltberodung 1.120 Euro.

Sicona:

Den Aktiounsprogramm fir d'Joer 2010 vun der Sicona läit eis vir. Mer hunn Ënnerhaltsaarbechten a Fauchage virgesinn, d'Kontroll an d'Botze vun den Nichë fir d'Eilen, an e Programm mat 10 Aktivitéiten iwwer d'Ëmwelt fir eis Schoulkanner, dat Ganzt fir 35.000 Euro. De Stat participéiert mat 50-70% un de Käschten. Dës finanziell Participatioun geet direkt un d'Sicona. D'Sicona iwwerhëlt da fir dëse Betrag nei Ënnerhaltsaarbechten. Dëse Punkt fir d'Approbatioun vun den Aarbechten, de Plang an den Devis kommen an d'Sëtzung vum 18. Dezember 2009.

Bleift nach drun ze erënneren, datt eise Bäitrag fir d'Joer 2010 bei 23.306,55 Euro läit, gerechent op eis Fläch a laut eiser Populatioun. De Betrag ass quasi dee selwechten ewéi 2009.

Minett-Kompostanlag zu Monnerech:

De Remboursement vum Emprunt, deen de Komitee vum Syndikat Minett-Kompost opgeholl huet fir déi nei Gärungsanlag ze baue gëtt 2010 an enger éischter Tranche vu Kapital an Zënse rembourséiert. Den Total fir déi Gemengen, déi sech fir den Emprunt entscheet hunn, beleeft sech op 2.909.925 Euro. Dovunner ginn am Total 340.649,74 Euro dat nächst Joer rembourséiert. Fir eis Gemeng beleeft de Remboursement sech op 39.856 Euro. Dës Ausgab steet ënner „Enlèvement ordures – participation à la construction de l'installation de fermentation Minett-Kompost" an den extraordinären Ausgaben. Eis Participatioun un den Betribskäschte fir d'Offäll vum Recycling-Center, vun der grénger Dreckskëscht a vun eise Gemengeservicer gouf am rektifizéierte Budget 2009 vun 198.000 op 204.000 Euro eropgesat. Fir d'Joer 2010 hu mer 215.000 Euro virgesinn.

De „Plan de gestion" vun eise Bëscher:

Am Gemengerot vum 20. Oktober 2009 gouf eise Plang, dee mer zesumme mat dem Fierschter an der „Administration des eaux et forêts" opgestallt hunn, gestëmmt. Mer hunn am Budget 2010, an zwar bei de Recette vum Holzverkaf, 41.400 Euro stoen. D'Ausgabe fir d'Bëschaarbechten, eis Participatioun un de Peien asw. belafe sech op 80.086 Euro. An der Tëschenzäit sinn all eis Bëscher an d'Entréeë mat de Schëlter vum FSC Label markéiert.

2010 ginn d'Aarbechten u fir de Bëschwee am Rollengerbësch an engem Stéck iwwer eis Terraine lafen ze loossen. Do hat miissten eng Parzell kaf ginn, esou datt elo, laut dem Fierschter, d'Aarbechten ufänke kënnen. Mer hunn 98.000 Euro an den extraordinären Ausgabe stoen.

Drëttwelt-Hëllef bei Naturkatastrofen:

Als eng vun deenen éischte Klimabündnis-Gemenge leeschte mer, esou wéi all Joer, och 2010 nees eise Bäitrag fir déi Drëtt Welt a fir Hëllef bei Naturkatastrofen. Mer wëllen och nees 2010 2 bis 3 Projeten, déi och vun der Regierung gedroe sinn, ënnerstëtzen. Dofir sinn 30.000 Euro bei den Ausgabe virgesinn.

Mer hunn och festgestallt, datt duerch de Klimawandel ëmmer méi schrecklech Naturkatastrofe geschéien, esou datt an der Lescht z.B. dëst Joer, déi 7.500 Euro, déi mer zur Verfügung haten, virzäiteg opgebraucht waren. Mer hunn aus deem Grond dës Zomm op 10.000 Euro eropgesat. Domat hu mer fir 2010 d'Méiglechkeet, bis zu 4 sinistréiert Gebitter mat 2.500 Euro ze ënnerstëtzen.

Primen am Energieberäich:

Am Interesse vun dem Naturschutz hate mer 2009 d'Prime fir eis Matbierger am Energieberäich nei definéiert, an dëst op der Basis vun de Staatshëllefen an op d'Propositioune vum Klimabündnis Lëtzebuerg. D'Gesamtzomm gouf esou 2009 vun 12.500 Euro op 30.000 Euro eropgesat. Dës Zomm gouf och fir 2010 virgesinn, obscho bis haut eréischt knapp 14.000 Euro engagéiert sinn.

Naturstroum:

Eis sämtlech Gebaier an Anlage profitéiere vun der Liwwerung vum Oekostroum. An eisem Kontrakt hu mer d'Liwwerung vum Naturstroum gestaffelt, an zwar mat 25% Erhéijung pro Joer. 2010 si mer bei 75% Naturstroum. Déi nächst Joere gi mer da mat 100% Naturstroum beliwwert. Mer hunn eis verschidde Stroumartikelen deementspriechend ugepasst. Eis Elektriker hunn och dëst Joer déi nei Méiglechkeete fir Energie ze spuere voll ausgenotzt, esou datt ness iwwer 50 Luuchtekäpp gewiesselt goufen. Déi nei 70 Watt-Biren ersetzen déi al 150 Watt-Biren. Eis Luuchten op de Kräizunge verbrauchen nach 1/8 vun deem, wat virdru verbraucht ginn ass. Esou kann och eis Gemeng de Verbrauch vun den CO2-Wäerter reduzéieren.

All déi aner Ëmweltaktiounen, déi 2009 organiséiert goufen, fannen nees 2010 statt, esou wéi d'Fréijoersbotz (3.600 Euro am Budget), d'Fräschen- a Moukenaktioun, d'Fliedermais- an Eilenaktioun, d'Korksammlung, den Dag vum Bam, d'Beemplanze mat de Schoulklassen aus der Gemeng, asw.

Ernimme wollt ech awer och nach, datt mer 2010 nees e Subsid fir d'Realisatioun vun ëmweltfrëndleche Projete vun 1.000 Euro am Budget virgesinn hunn. Dëse Subsid ass geduecht fir Associatiounen – an ech hoffen, datt mer deen een oder anere flotte Projet eragereecht kréien -, wat déi lescht Joeren net de Fall war.

De Bau vum Keelenzenter:

Eng vun deene grousse Realisatiounen ass de Bau vun dem nationale Keelenzenter mat der Integratioun vun der Tennishal. De Gesamtpräis vun 7,4 Milliounen Euro gouf am Gemengerot vum 25.7.2008 autoriséiert. Zanter engem Joer leien och sämtlech Autorisatioune vir. Des Weideren hu mer d'Confirmatioun vun engem Staatssubsid iwwer 3,2 Milliounen Euro. D'Aarbechten hunn am Juli dëst Joer ugefaangen, esou datt mer bis Enn 2009 mat Ausgabe vun 1.000.000 Euro rechnen. Fir 2010 gëtt de Gros vun den Aarbechte realiséiert, esou datt mer méi en décke Batz Ausgabe virgesinn hunn, an zwar eng Zomm vun 2,8 Milliounen Euro. De Rescht vun den Ausgaben ass da fir 2011 virgesinn, esou datt dann och de Keelenzenter an d'Tennisterrainen am 2. Semester 2011 fonctiounsbereet wäerte sinn.

De Staatssubsid beleeft sech jo op 3,2 Milliounen Euro. Den 6. Oktober 2009 krute mer déi éischt Tranchë vum Subsid iwwerwisen. 1 Millioun fir de Keelenzenter an 500.000 Euro fir d'Tennishal. An den extraordinäre Recette vum rektifizéierte Budget 2009 hu mer dëse Betrag festgehalen. Mer rechne mat der nächster Tranche fir 2011, esou datt mer näischt fir 2010

virgesinn hunn. D'Quote-part fir de Virfinanzement vum Stat beleeft sech op 399.526 Euro a steet an den extraordinäre Recette fir 2010. Mer wëllen an dësem Dossier keng Verspéidung kréien an hoffen, datt déi betraffe Leit sech strikt un d'Delaien halen.

D'Erneierung vun der Péitenger Schwämm:

Dëst ass en anere wichtegen Dossier. Déi wichteg Aarbechte fir d'„mise en conformité" vun der Péitenger Schwämm hunn am September 2008 ugefaangen. Mer hunn en aktualiséierten Devis d'lescht Joer am Dezember iwwer 620.000 Euro autoriséiert. D'Haaptaarbechte ëmfaassen en neien Daach, d'Fassad, d'Heizung, d'elektresch Installatioun, d'Entlüftung, d'Filteren an d'Installatioun vun engem Inox-Basseng.

De Bau vun engem Reeniwwerlafbasseng ass och nach virgesinn. Am Gemengerot vum 18.12.2009 steet dëse Punkt zur Diskussioun.

D'Rechnungen, déi 2009 bezuelt ginn, belafe sech op ronn 3 Milliounen Euro. Fir 2010 bleiwen dann nach d'Fäerdegmaachen, wat spéitstens fir d'Schoulrentrée virgesinn ass, eng Zomm vun 1,678 Milliounen Euro. D'Staatshëllef läit bei 30%. Am rektifizéierte Budget 2009 hu mer an den extraordinäre Recetten 1 Millioun Euro an am Artikel Quote-part beim Virfinanzement vum Stat 533.000 Euro fir 2009 esou wéi 825.000 Euro fir 2010 stoen.

Well d'Schwämm am Laf vum Joer 2010 nees opgeet, goufen dann och déi Käschten am Budget virgesinn, déi noutwenneg sinn, esou z.B fir Gas an Elektresch 35.000 Euro, fir d'Botzen 51.600 Euro. Bei de Recetten hu mer fir d'Entréeën e ganz klenge Betrag agesat, an zwar 1.250 Euro, dëst well d'Schwämm jo nach eng ganz Rei Méint zou ass an och well se gréisstendeels fir d'Schoul reservéiert bleift a fir de Public wahrscheinlech 1 Mol pro Woch wäert op sinn. Eng weider Recette ass de Loyer vun der Buvette, dee wéinst den Aarbechten ëm d'Halschent reduzéiert gouf. E Betrag fir 2010 vun 3.465 Euro.

Wat déi Rodanger Schwämm PiKo ugeet, esou konnte mer – gréisstendeels duerch dat exzellent Wieder am Summer – eng Recette vun 374.000 Euro an de rektifizéierte Budget 2009 androen. Dee selwechte Betrag ass och fir 2010 virgesinn. Dat sinn 21.000 Euro méi wéi am Joer 2008. Bei der Sauna si Recette fir 2010 vun 32.800 Euro virgesinn, an an de Recette vun der Buvette sti ronn 89.000 Euro. Fir d'Coursen an eisen Deel vun den Automaterecetten hu mer 36.300 Euro agedroen.

D'Recetten, d'Remboursementer, d'Redevancen an d'Taxen, déi mer vum Stat wéinst dem Schoulschwamme vun de Primär- an de Lycéesklassen erëmkréie sinn och ewéi all Joer am Artikel ‚Piscines' festgehale ginn.

De Verbrauch u Gas an Elektresch läit fir 2010 bei 290.000 Euro. De Waasserverbrauch bei 240.000 Euro, dat sinn 44.300 Euro méi wéi 2009, bedéngt duerch d'Upassung vun dem neie Waasserpräis. Fir d'Ënnerhaltsaarbechten, d'Botzen an d'Sécherheet, d'Peie vum Personal a fir d'Studente sti méi oder manner déi selwecht Zuelen ewéi d'lescht Joer am Budget.

Extraordinär Ausgabe fir 2010 si keng virgesinn. Déi nei Ventilatioun am Keller fonctionnéiert an d'Planschbecken huet och déi nei „bâche-tampon" kritt. Iwwerleeunge lafen, fir datt de PiKo emol ka mat engem Microchip fonctionnéieren. Dat hätt de Virdeel, datt de Client net méi an der Buvette a bei de Schief miisst mat Borgeld hantéieren. Allerdéngs fonctionnéiert dëse System an anere Schwämmen nach net optimal an ass och zimlech deier. Mer bleiwen awer um Ball.

Eis Schoulklassen an eis Sportsveräiner profitéieren a si begeeschtert vun der neier Sportshal zu Rodange. Niewendru konnte mer eise syntheteschen Terrain mat den Alentouren zu Rodange dëst Joer an Zäit vun e puer Méint fäerdeg maachen. Eisen Devis louch bei 1,1 Milliounen Euro. Am rektifizéierte Budget 2009 hu mer Ausgabe fir 1 Millioun Euro. Bleift nach e klenge Betrag fir 2010 vun 26.000 Euro. E Subsid vum Stat kréie mer och, an zwar hu mer fir 2009 209.500 Euro kritt. Et bleiwen nach 40.000 fir 2010. Och déi nei Beliichtung vum Stade Philippart fonctionnéiert. Vum Stat krute mer 40.000 Euro Subsid. Eis Ausgabe louche bei 238.000 Euro.

2 vun eise Squash-Terrainen an der Péitenger Sportshal mussen an d'Rei gesat ginn, an dofir hu mer 21.000 Euro virgesinn. Den Dossier fir de Vote vum Devis presentéiere mer iech den 18.12.2009 an der Gemengerotssëtzung.

2010 ass och fir de Schoulsportdag eng Zomm vun 1.200 Euro an de Ausgabe virgesinn.

3. Alter:

An eiser Gemeng hu mer d'Fleegeheem mat dem Ubau, deen ab Januar 2010 funktionell ass, eng Rei Seniorewunnengen, déi esou gutt ewéi fäerdeg sinn. Dëst si Privatinitiativen, déi vun de Gemengeverantwortlechen héicht ugerechent ginn.

Eis Gemeng hëlleft awer och nees 2010 eise Senioren an ënnerstëtzt si mat villen Aktivitéiten. Den „Repas sur roues" fir jiddereen ab 60 Joer. Mer hunn am Ausgabeberäich fir 2010 e Betrag vun 273.580 Euro virgesinn. An dësem Betrag sinn d'Peie vum Personal, de Käschtepunkt fir d'Iessen, d'Uschafe vun isotherme Këschte fir d'Iessen, de Benzin an den Ënnerhalt vun den Autoen. Op der Recettesäit rechne mer fir 2010 mat 18.200 Iessen, déi ausgeliwwert ginn zum Präis vun 8 Euro de Menu, dat mécht 145.600 Euro.

Fir 2010 brauche mer zwee nei Gefierer. Eis zwee Autoen hunn elo iwwer 150.000 km erof, esou datt mer de Risiko lafen, datt si all Moment eng Pann kéinte kréien. Dofir sinn an den extraordinären Ausgabe fir d'Uschafe vun zwee neien Autoen 30.000 Euro virgesinn. Derbäi kommen 5.000 Euro fir d'Uschafe vun de Regaler, déi an den Autoen installéiert musse ginn.

Ausser enger ganzer Rei Seniorevereäiner aus eiser Gemeng, déi mer duerch e Subsid ënnerstëtzen a Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, hu mer och eng finanziell Participatioun als Gemeng bei dem Club Senior Prënzebierg. Dës Associatioun huet e groussen diversifizéierten Aktivitéitsprogramm, deen duerch eng Summer- a Wanterbroschür ëffentlech gemaach gëtt, a wou eis Matbierger zu all Moment matmaache kënnen. An dëser Associatioun sinn déi 4 Kordall-Gemenge vertrueden. 2010 brauchen se en neie Minibus fir den Transport vun hire Leit, déi Member sinn a schlecht zu Fouss kënne goen. De Verrechnungsschlëssel fir déi 4 Gemenge geet op d'Stéckzuel vun den Awunner. Mir hunn 7.000 Euro fir 2010 am Budget virgesinn.

Nei ass och, datt all Gemeng e Vertrieder an de Comitésversammlungen huet, esou wéi d'Statuten dat virgesinn. Domatter ginn automatesch all Entscheedunge vun de Gemengevertrieder mat geholl.

„Sécher doheem" mat der Télé-Assistance. Et gëtt ëmmer méi Leit, déi vun dëser Hëllef profitéieren a froen, fir och esou e Band mam roude Knäppchen ze kréie fir Hëllef ze ruffen. An dëser Zesummenaarbecht mat der Asbl „Sécher doheem" iwwerhëlt d'Gemeng d'Installatiounskäschte vum Téléalarm. Hei hu mer fir 2009 am rektifizéierte Budget d'Zomm vun 60.000 Euro op 68.000 Euro eropgesat. Dëse Betrag ass och fir 2010 virgesinn.

Weider Ënnerstëtzunge vun der Gemeng am Beräich vum 3. Alter sinn d'Geschirkëscht vum Cigl. Dës Leit maachen eisen eelere Matbierger Aarbechten, déi si alleng net méi realiséiert kréien, z.B. Fléckaarbechten am Haus, Gaardenaarbecht, asw. .

„Help" an „Hëllef doheem", zwou Associatiounen, déi hire Sëtz an eise Gemengegebaier hunn.

Den Dag vum héijen Alter (Journée du Grand Âge) ass och nees fir 2010 virgesinn, an natierlech och eis Chrëschtmatinée fir eis pensionéiert Matbierger. An dat iwwer 2 Deeg.

„Affaires économiques et classes moyennes" – de Grand Bis :

Dësen Dauerbrenner huet nach ëmmer seng Problemer. Nodeems mer d'Resultater vun de Buedemprouwen iwwer de Bureau Soletude kruten, wësse mer, datt eis Gemeng d'Entsuergungskäschten net alleng droe kann. Et heescht, datt beim Zoubetonéiere resp. Versigele vum Terrain – wann dat vum Ëmweltministère autoriséiert géif ginn -, d'Entsuergung vum verschmotzte Buedem 1 Millioun Euro géif kaschten. Beim Fortféiere vun all deem verschmotzte Buedem 25 Milliounen Euro.

Engersäits gëtt dëse Site als immens wichteg vum Wiertschaftsminister ageschat, anersäits ass bis elo am Ëmwelministère net ganz vill geschitt, ausser datt mer schonn 10 Joer blockéiert ginn. Et kënnt mer vir wéi wann den Ëmweltministère eng gëlle Kou wier. Well awer an dësem Ministère e Changement no de Landeswale geschitt ass, versiche mer elo nach eng Kéier e positivt Resultat ze erreechen. Dat heescht: d'Mathëllef vum Minister zougesot ze kréien. Am rektifizéierte Budget 2009 hu mer 30.000 Euro stoe gelooss wéinst den Etuden, an och fir 2010 ass e Betrag vun 100.000 Euro agedroen.

Déi 4 Korgemenge sinn sech eens, datt de Grand Bis vum Sikor, also regional, iwwerholl soll ginn. Och déi aner 3 Gemenge ginn dann Terraine mat eran. Duerch de Sikor hu mer dann och en direkten Drot zum Transfrontalier. Och a Frankräich an an der Belsch si wéinst de Walen Ëmstrukturéierungen am Transfrontalier geschitt. Mer mengen awer, datt eng enk Zesummenaarbecht mat hinne wichteg ass, datt versicht muss ginn, nei Iddie fir d'Entwécklung vun eisen Industrie- an Handelszone festzehalen, respektiv d'Problemer gemeinsam ze diskutéieren an ze léisen.

Handicap:

Ech kommen zum Schluss, wollt awer nach ee Wuert iwwer den Handicap verléieren. Dat lescht Joer hate mer ugekënnegt, datt mer fir eis behënnert Leit eng Rei Aktioune virgesi respektiv weiderféieren. Mer hu fir 2010 virgesinn, d'Bordurë bei alle Foussgängersträifen erofzesetzen an esou dem Rollstull unzepassen, d'Foussgängersträifen hell ze beliichte respektiv en akustesche System fir déi Blann z'installéieren.

Ech soen iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Séance publique 14 décembre 2009

Durée de la séance: *14.30 à 17.10 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance publique

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Ordre public: autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange - décision.
3. Enseignement: organisation d'après-midi de loisirs « Vakanzaktioun » - décision de principe.
4. Prévisions sociales
   - 4.1. Office Social: renouvellement d'un cinquième de l'office social - proposition.
   - 4.2. Organisation, par le Syndicat Intercommunal PRO-SUD, du service « Night Rider » dans la région Sud pour l'année 2010 - décision.
5. Budget rectifié de 2009 et projet de budget pour 2010 de l'administration communale: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir wollten iech en neie Verkafspräis fir Brennholz annoncéieren. Bis elo huet d'Brennholz 78 € TTC kascht. Dat war fir eng Corde. Et ass awer elo esou, datt d'TVA vum Holz erofgesat ginn ass, an zwar vun 12% op 6%. D'Livraisoun vum Holz ass bis elo ëmmer vum viregte Fierschter assuréiert ginn, an do wäerte mer nach en neie System fanne fir d'Holz heem geliwwert ze kréien. Well d'TVA erofgesat ginn ass, kënnt elo eng Corde Holz 73,59 € TTC. Dat heescht, de Bierger spuert elo e bësse méi wéi 4 Euro a profitéiert deemno komplett vun der Reduktioun vun der TVA.

2.

Ordre public.

Autorisation pour une collecte à domicile dans la localité de Rodange.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi all Joer freet d'Amicale Nidderréideng fir am Kader vun hirem Buergbrenne kënnen eng Collecte vun Haus zu Haus ze maachen. An déi soll lafe vum 18. Januar bis den 21. Februar 2010. An dofir brauchen se d'Zoustëmmung vun der Péitenger Gemeng

Accord à l'unanimité.

3.

Enseignement.

Organisation d'après-midi de loisirs «Vakanzaktioun» - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dëst ass e Punkt, iwwer dee mer all Joer hei am Gemengerot sollen ofstëmmen. An zwar geet et ëm eis Vakanzaktioun, déi am Summer 2010 vum 26. Juli bis den 6. August soll lafen. Si adresséiert sech jo haaptsächlech un d'Kanner vum 2. Spillschoulsjoer bis de ganze Primaire, wat jo elo d'Ecole fondamentale ass. Mir brauchen och nees erëm ëm déi 65 qualifizéiert Moniteuren a Monitricen, déi ënner der Direktioun an der Surveillance vu verschiddene Chef-moniteurs solle schaffen. Mir hunn e Kredit vun 76.495,47 Euro am Budget stoen. Ech géif iech biede fir deem zouzestëmmen, fir datt mer d'Vakanzaktioun och kënnen esougutt organiséiere wéi et schonns an de vergaangene Joeren de Fall war.

Roger Klein (LSAP):

Dir wäert iech net wonneren, datt ech och dëst Joer nees eppes dozou wäert soen. Well mech stéiert ëmmer dee fir mech verfréiten Datum vun däer Vakanzaktioun. Ech géif déi Vakanzaktioun iergendwou an der Mëtt vun der Schoulvakanz gesinn, an net 10 Deeg nodeems d'Vakanz un ass. Well dann haten d'Schüler während 10 Méint hir Zäit verplangt duerch d'Schoul, an da hu se 10 Deeg an deenen se fräi a kreativ an iergendenger Form a Fantasie eppes plange kënnen, a scho gëtt d'Zäit erëm verplangt duerch d'Vakanzaktioun.

D'Argument, wat d'lescht Joer gesot ginn ass, datt een d'Vakanzaktioun muss maachen ier de Congé collectif kënnt, an ier dann d'Schüler mat hiren Elteren an d'Vakanz fueren, kann ech net guttheeschen. Well ech ka mech erënneren, datt - wou d'Vakanzaktioun an d'Liewe geruff gi war - gesot ginn ass, datt mer eppes musse maache fir déi Kanner déi net mat hiren Eltere kënnen an d'Vakanz fueren. Mir mussen eppes maache fir déi Kanner déi mussen 2 Méint doheem bleiwen. An elo ginn d'Kanner séier an d'Vakanzaktioun, fir datt se eriwwer ass, ier se an d'Vakanz fueren. A wa se dann erëmkommen, da fänkt d'Schoul nees erëm esou lues un. An da freet ee sech, ob d'Kanner wierklech nach Fräizäit hunn. Mä ech si mer bewosst, datt mer eis iwwer den Datum vun der Vakanzaktioun ni eens ginn.

Op der anerer Säit huet et jo awer och kee Wäert méi driwwer ze diskutéieren, well den Datum jo scho publizéiert ginn ass am Kalenner deen d'Gemeng fir 2010 erausginn huet. An dat ass net grad elegant, wa mer haut eréischt d'Décisioun huele wéini mer am Joer 2010 d'Vakanzaktioun maachen. A well dat jo schonns décidéiert ass, wäert der och verstoen, datt ech mech beim Vote wäert enthalen. Well ech wëll näischt décidéiere wat scho fest steet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass schonn eng Traditioun, an esoulaang ech am Gemengerot sinn, ass déi Vakanzaktioun ëmmer ëm déi Zäit gewiescht. Et kann ee sécherlech eng Kéier iwwer deen Datum diskutéieren. Et muss een natierlech och zesumme mat de Partner doriwwer diskutéieren. Well et si jo Leit, déi dat mat organiséieren, an et muss ee kucken, ob dat machbar ass oder net. Hei si mer an enger Kontinuitéit, an dat ass vläicht och d'Ursaach firwat et schonn an enger Publikatioun stoung. Ech ginn iech awer Recht, datt een hätt kënnen ofwaarde bis d'Décisioun hei gefall war ier een et public mécht. Et hätt een d'Décisioun eigentlech miissten éischter huelen. Mä et ass aus enger Traditioun eraus, wou déi Datumen esou festgehale goufen.

Accord par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP).

4.1.

Prévisions sociales.

Office social: renouvellement d'un cinquième de l'office social – proposition.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer all Joer e Renouvellement maache vun 1/5 vum Office social. Dës Kéier ass d'Mandat vum Här Robert Polfer zu Enn komm, an dat Mandat soll dann erëm eng Kéier verlängert ginn. An der Délibératioun vum Office social vum 23.11.2009 gëtt den Här Polfer och fir déi nächst 5 Joer als Kandidat proposéiert.

Les 13 bulletins trouvés dans l'urne portent tous la mention 'Oui'. Par conséquent, M. Robert Polfer, de Pétange, est appelé aux fonctions de membre de l'Office social pour une nouvelle période de 5 ans.

4.2.

Prévisions sociales.

Organisation, par le Syndicat Intercommunal PRO-SUD, du service «Night Rider» dans la région Sud pour l'année 2010 – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Säit e puer Joer hu mer jo mam Prosud a mat e puer anere Gemengen den Night Rider fonctionnéieren. All Joer gëtt eng nei Conventioun gemaach, an et gëtt ëmmer gekuckt wéi de Gebrauch vun dësem gudde Service ass, dee mer eise Bierger ubidden. Mir stellen awer fest, datt déi Zuel net esou héich ass wéi urspréinglech erwaart ginn ass. Wann een elo géif en Décompte maachen - trajet par trajet - da géife mer manner héich leie wéi dat, wat mer

eigentlech bis elo bezuelen. Dat heescht, mir hunn e Forfait a Fonctioun vun der Awunnerzuel, a Fonctioun vun enger Conventioun, déi mer ausgehandelt haten, an dat war esou ausgehandelt ginn, datt - wann et driwwer gaange wier - dat dann zum détriment vun der Firma an zum Avantage vun der Gemeng gewiescht wier. A wann et drënner gewiescht wier, da wier et zu eisen Ongonschte gewiescht. Mir stellen awer fest, datt déi Zuel awer nach e gutt Stéck méi héich läit wéi dat, wat mer eis eigentlech erwaart hu vun Utilisatioun vun dësem Service.

An dofir hu mer eis elo, zesumme mat deenen anere Südgemengen, eng nei Conventioun mat der Bedreiwerfirma ausgehandelt, bei däer mer elo eigentlech just d'Fahrte mat enger gewëssener Remise bezuelen. Dat gëtt - wann d'Utilisatioun vun deem Service d'selwecht bleift wéi 2009 - sécherlech méi bëlleg. Mir riskéieren awer, wa vun deem Service vill méi géif profitéiert ginn, datt mer dann natierlech méi miisste bezuelen. Mä et ass eis awer dee Risiko wäert. Mer haten eng länger Diskussioun mam Prosud, a mer sinn allgemeng zum Schluss komm, datt an all Südgemeng méi bezuelt ginn ass, wéi wann d'Gemenge just de reellen Trajet bezuelt hätten.

Ech ginn awer dovunner aus, datt mer op kee Fall bei de Fahrte méi héich wäerte leie wéi d'lescht Joer. Esou datt et mat deenen 12.000 Euro, déi mer am Budget stoen hunn, miisst duergoen.

Jeannot Linden (LSAP):

Kann ech de Chiffer gewuer ginn, wéi oft dee Service hei an der Gemeng an Usproch geholl ginn ass?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et sinn ongeféier 600 Fahrte gewiescht. Ech hunn awer dee geneeë Chiffer um Büro leien. Ech kann iech e siche goen.

Jeannot Linden (LSAP):

Neen, et ass an der Rei esou. Ech wollt nëmme wësse wéivill et der ongeféier waren.

Accord à l'unanimité.

5.

Budget rectifié de 2009 et projet de budget pour 2010 de l'administration communale.

Discussions et appréciations des conseillers communaux – réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da kéime mer zum Budget rectifié 2009 an zum Budget 2010. Folgend Leit hu gesot, datt se wéilte gären zu deem Punkt Stellung huelen. Dat wieren de John Polfer, Romain Becker, Jeannot Linden, Camille Bosseler, Carlo Gira, Guy Brecht an de Romain Rosenfeld.

An deem Kontext, a fir d'Diskussioun e bësse lieweg ze halen, géif ech proposéieren, datt mer mat engem vun der Majoritéit ufänken, duerno ee vun der Oppositioun, an esou weider. Wa mer dat ofwiesselnd maachen, da komme mer gutt zu Enn. Mir géifen awer mam Här Polfer ufänken, well hie jo de President vun der Finanzkommissioun ass, an dofir soll hien de Privileg hu fir als éischten aus dem Gemengerot zu deem Punkt hei Stellung ze huelen.

John Polfer (CSV):

Madame, Dir Häre,

Nodeem de Buergermeeschter de leschte Freideg seng Analys zum Budget gemaach huet, an de Schäfferot esouvill Erklärunge ginn huet, wäert ech mech kuerz faassen.

Wann ech meng éischt Impressioun zu dësem Budget mat engem Saz miisst resüméieren, da géif ech soen, e Budget vu Virsiicht, Wuechtsamkeet a Wouerecht. Hei huet de Schäfferot duerch eng gewëssenhaft Opstellung vun de Gemengefinanzen am Intressi vun de Leit an de Betriber, hinne Vertrauen an Zouversiicht an dëser schwiereger Zäit verschaaft.

An der aktueller wiertschaftlecher Situatioun ass et vu grousser Wichtegkeet, d'Recette virsiichteg anzeschätzen an och eng realistesch Aschätzung vun de finanzielle Méiglechkeete muss an den Ae behale ginn. Et ass e virsiichtege Budget, awer och kee Spuerbudget, deen op manner grousse Recette baséiert. Déi geschätzt Recette passe sech der aktueller Krisesituatioun un. Eng Kris, déi och net um Gemengebudget laanscht geet, an net laanscht gaangen ass.

Mir kënnen am ordinäre Budget op e Plus vun 6,5 Milliounen Euro kucken. Dat sinn der zwar 1,5 Milliioune manner wéi am Budget 2009, an trotzdem kënne mer houfreg sinn.

Wa mer ronderëm aner Gemenge gesinn, déi ferm un d'Struewele geroden, déi musse Sue léinen, esou brauche mir dat net ze maachen a mer kënnen trotzdem eis ugefaange Projeten duerchzéien. Eis Scholde ginn erof, an domatter och d'Pro/Kappverschëldung vun de Leit aus der Péitenger Gemeng. Hei kéint ee vläicht drun denke fir déi nach lafend geléinte Sue bei de Banke méi zesummenzeleeën.

De Budget huet trotzdem dat Sozialt net vergiess. Hei huet eise Schäfferot net brauchen op der grénger Partei aus der Stad hir Propositioun ze waarde fir d'Allocation de vie chère bei der Waasserpräiserhéijung spillen ze loossen. Neen, hei gouf schonn un déi Leit mat nidderegem Akommes geduecht.

Zum Waasserpräis: Op den éischte Bléck fënnt een deen neie Präis schonns gepeffert. Vun 1,44 €/m3 mat TVA op 1,80 €/m3 mat TVA, dann d'Locatioun vum Compteur vun 1 € op 7 € de Mount. Dat mécht am Joer 84 €.

Zum Ofwaasser: Hei muss ech soen, datt et do net vu Muttwëll ass, well do liewe mer nach am 19. Joerhonnert. Jorzéngte gouf näischt oder net vill ënnerholl fir eis Baachen a Flëss propper ze kréien an eis Waasserbassengen op de leschte Stand ze bréngen. Déi eelste Waasserleitung am Land soll vun 1903 sinn. Hei maachen ech eng Klamer op. Nach haut hu mir op eisem Stauséi, ausser e puer Reeniwwerlafbecken, keng Kläranlag. Bei däer aus dem Heiderscheidergronn sinn no 10 Joer Bauzäit nach net vill Dierfer ugeschloss.Vun der Musel guer net ze schwätzen. Klammer zou.

Hei zu Péiteng kënne mer houfreg sinn op eis Kläranlag, och wann do nach net all Ofwaasser aus der Ëmgéigend gekläert gëtt. Hei geet de Präis vun 1,22 €/m3 op 1,65 €/m3 erop. Taxe fixe fir d'Ofwaasser kascht elo pro Joer 68 €. Den Total vun deenen zou Taxe sinn 152 €. Dat mécht net grad 13 € de Mount. Wann ech zwee Humpen drénken, an dem Kolleg seng zwee matbezuelen, da kascht mech dat bestëmmt och 13 €.

Ech stelle mer awer elo d'Fro, wann elo soll massiv beim Waasserverbrauch gespuert ginn, datt et doduerch jo och manner Ofwaasser gëtt. Wéi ass et do da mat der Gefor vun der Legionellos, a mam Verstoppe vum Kanal, oder och mam Gedéiesch dat doduerch erëm méi opkënnt?

Ech hunn haut nëmmen iwwer dat geschwat wat an d'A stécht. Net datt all dat anert net wichteg wier, mä well ech fäerten, datt ech vu villem Stuerksen op den Detail dat Ganzt net méi géif gesinn.

Alles an allem war d'Finanzkommissioun der Meenung en akzeptabele Budget presentéiert kritt ze hunn. Merci dem Buergermeeschter a senge Mat-

aarbechter fir dëse Budget, dee vill Aarbecht bedeit.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech wollt kuerz op dem Här Polfer seng Bedenke wat d'Problemer ugeet, wann d'Waasser géif agespuert ginn, agoen. Deen eenzege Problem, dee kéint entstoen, ass deen, datt d'Präisser, déi mer gerechent hunn, net méi géife stëmmen. Datt de variabele Präis ze kleng wier, an datt en nach eng Kéier miisst an d'Luucht gesat ginn. Et ass am Moment e gewëssene Volume gerechent ginn. Mir hu ronn eng Millioun Meterkipp Waasser déi akaf ginn, a ronn 900.000 Meterkipp, déi nees zeréck un d'Kläranlag ginn. Wann elo vill géif agespuert ginn, da géifen och d'Komponenten net méi stëmme mat deene mer de Präis gerechent hunn. Dofir hu mer schonns eng Taxe fixe agesat fir dat e bëssen ze kompenséieren.

Wa manner an d'Kläranlag geliwwert gëtt, dann ass dat keen Drama. Mir hunn am Moment déi Dimensionéierung vun de Kollekteren, déi alles op d'Kläranlag liwwert, op 70.000 Einwohner-gleichwerte gerechent, a mer hunn elo - well alles jo méi grouss gëtt - op 110.000 spekuléiert. A wann elo géif agespuert ginn, da fale mer sécherlech net méi ënner déi 70.000 zeréck. A mat deenen ass d'Kläranlag ëmmer gutt gelaf. A wann d'Ofwaasser bis op der Kläranlag ukënnt, da gëtt et dann op déi verschidde Compartimenter opgedeelt. Ech gesinn also doranner keng Gefor.

Jeannot Linden (LSAP):

Här Buergermeeschter, Madame, Dir Häre Schäffen,

No der ausféierlecher a professioneller Virstellung vum Här Buergermeeschter - ech sinn iwwerzeegt, datt et keng zweet Gemeng hei am Land gëtt wou de Budget an esou enger präziser an detailléierter Form presentéiert gëtt - an den Erklärunge vun de Schäffen zu deenen eenzelne Ressorten déi hinnen ënnerstinn, vum an zum Budget rectifié 2009 an dem Budget prévisionnel 2010 de vergaangene Freideg, wëll ech nach eng Kéier op meng Bemierkung vum leschte Joer zur Rezessioun, vun däer eist Land jo net verschount bliwwen ass an déi sécher nach net zu Enn ass, hiweisen. Schléit ee mueres Zeitung op, da gesäit een all Dag eng aner Hiobsnoriicht: Kuerzaarbecht ugefrot, Plazen ewechrationaliséiert, asw., jee, all Dag eng aner schlecht Noriicht. Wann am vergaangene Joer nach vu staatlecher Säit erkläert ginn ass, datt d'Gemenge solle weiderhin Investitiounen tätegen, esou kritt een haut ze héieren "spueren, spueren, an nach emol spueren". Dat war esouguer dem Rapporter vum Statsbudget seng Ausso. De Banke geet et elo erëm gutt, mä de Stat dréint de Gemengen de Geldkrunn zou. Minus am Impôt commercial, manner an der Dotatioun. Wou soll d'Gemeng, fir hiren Aufgaben nozekommen, d'Piepen dann hierhuelen?

Wann ee bedenkt, datt et 13,51% manner am Impôt commercial ginn, an nëmmen 1% méi an der Dotation de l'Etat par rapport zu de Konten 2008, da muss een dach op d'Barrikade goen. De Banken ass zum Merdjëss gehollef ginn, an dofir sollen d'Gemengen elo kucke wéi se eens ginn. A wann eise Stat manner Geld huet, da sollen déi Zommen, déi mer an d'Ausland als Hëllef iwwerweisen, méi kleng ausfalen an de Rescht vun deene Sue fir eis Hëllef zeréckbehale ginn. Oder mussen d'Déngschtleeschtungen ofgebaut ginn? Muss um soziale Plang e Schratt zeréckgemaach ginn? Muss de Bierger nees dofir duerhale fir eppes, woufir hien net verantwortlech gemaach ka ginn? Bis haut sinn nach keng spierbar Schrëtt ënnerholl gi fir d'Opdeele vun de Gelder tëscht Stat a Gemengen ze regelen. Et sëtzen dach genuch 'député-maires' an der Chamber, déi an hire Gemenge kämpfe musse fir iwwer d'Ronnen ze kommen.

Nun, dëse Budget prévisionnel 2010 ass ee mat Virsiicht opgestalltent Dokument. Merci alle Persounen, déi zum Erstelle vun deem Dokument bäigedroen hunn. Et ass e Budget, deen der heiteger Zäit Rechnung dréit an dat Dréngend, dat Néidegt virum Nëtzlechen an Erfreelechem virgesäit.

Ech bieden lech nach e puer punktuell Froen zu eenzelnen Artikelen ze beäntweren:

Bei de Recettes ordinaires, do ass mer just opgefall - an ech mengen ech hat schonn do eng Bemierkung gemaach - , datt déi Telefonstax vun 3 Euro an der Eigentschoul nach am Budget steet. An do freet ee sech, ob deen Apparat nach a Betrib muss bleiwe bei esou enger Einnam.

Art. 2.0420.7620.001 - Remboursement par l'Etat du congé politique: Do klëmmt d'Recette vun 43.278,38 € am Budget rectifié op 90.877,03 € fir 2010. Kann ech dozou eng Erklärung kréien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass wéinst dem Georges Engel, deen elo Vollzäitbuergermeeschter ass. A mir kréie säi ganze Salaire remboursëiert. A virdru waren et nëmmen 40%.

Jeannot Linden (LSAP):

Art. 2.0710.7021.001: Bei dësem Artikel wollt ech opmierksam maachen, datt nach en Numm opgeféiert ass vun enger Persoun, déi net méi ënner eis ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Fra ass elo virun 14 Deeg verscheet. An d'Wunneng ass nach net un en neie Locataire verginn. Mir sinn am gaange mam Office social ze kucken, wien de Moment a Fro géif komme fir an déi Wunneng, an da gëtt den Numm och geännert.

Jeannot Linden (LSAP):

Da kéim ech zu den Dépenses ordinaires. Art. 3.0134.6195.001 - Autres cours de formation et de perfectionnement du personnel communal. Do geet de Chiffer vun 7.000 € op 12.000 € erop. Wëll déi Hausse soen, datt méi vun eisem Personal a Coursen zur Weiderbildung geschéckt ginn? Wa Jo, da wier dat nëmmen ze begréissen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass de Fall.

Jeannot Linden (LSAP):

Art. 3.0320.6210.001 - Rémunération des fonctionnaires agents municipaux: Do wollt ech froen, wéini mer dann nach e puer Leit mussen astellen. Déi 3 Fonctionnaire kréien ëmmer méi Aufgaben, déi d'Police net maache kann oder net maache wëll, zougedeelt. Dat ka jo awer net esou weidergoen. Ech hoffen, datt et net esouwäit kënnt, datt geschwënn all Quartier seng eege Miliz op d'Bee stellt fir sech ofzesécheren. Dat wier ganz schlëmm.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt de Moment d'Agents municipaux nëmmen d'Méiglechkeet hu fir am Verkéier ze wierken. An nach nëmme beim Stationement. Hir Aufgabe sinn nach net ausgebaut. Et läit e Gesetzesprojet vir, wou se sollen als Agent municipal och nach d'Fonctioune vun engem Bannhidder dobäikréien. Dat heescht, si wieren och responsabel a si kéinten och wierken am Sënn vun engem Polizeireglement. Dir hutt Recht, datt - wa mer déi Aufgaben dobäikréien - et héchstwahrscheinlech net duergeet mat 3 Fonctionnairen. Ech sinn de Mueren nach zoufälleg duerch de Park getrëppelt, a wann ech gesi wat do erëm Spuere sinn vu Béierfläschen a soss aner Saachen, an dee regelméissege Vandalismus, deen opdaucht, da muss do eppes ënnerholl ginn. Mä de Moment si si nach net autoriséiert fir dat ze maachen. No Aussoe vum

Polizeichef, mat deem mer regelméisseg Kontakt hunn, geet et - mat deenen Aufgaben, déi se de Moment hunn - mat deenen 3 Agenten duer. Och mam Ausbau vun Stationnement résidentiel a mat der Aufgab fir d'Camionnetten ze kontrolléieren.

Mä esou séier wéi eng nei Aufgab dobäikënnt, wäert et net méi duergoen. An do si mer och ganz interesséiert fir gewuer ze ginn, wat se kënne maachen, ob se wierklech kënnen agräifen, oder ob se nëmmen dierfe kontrolléieren a signaléieren. Well da si mer awer erëm net méi wäit wéi bis elo. Wa si awer bei engem Flagrant délit kënnen agräifen an zur Ried stellen, da wäerte mer eis sécherlech dohinnersëtzen an d'Situatioun nach eng Kéier iwwerdenken.

Jeannot Linden (LSAP):

Art. 3.0350.6322.001 - Part du centre de protection civil, etc. . Ech wollt de Buergermeeschter froen, ob hie vläicht e puer Informatioune vum Inneminister kritt hätt, wéi wäit et mat der Reorganisatioun vun all deene Servicer steet, wéi zum Beispill de Pompjeeën, dem Sauvetage, der Protection civil, asw.?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech war an der Mëttesstonn am Syvicol, an do ass doriwwer Rieds gaangen. An do si Gruppen, déi sech dorëm këmmeren. Et gëtt eng Analys gemaach fir ze kucke wou mer haut stinn. Et soll jo drop erauslafe fir déi zwee Corpsen zesummenzeleeën. Do sinn awer nach muench Problemer ze klären. D'Sécherheet ass d'Aufgab vum Buergermeeschter, an dat och laut der Constitutioun. An do muss een Ännerungen op deem Niveau virhuelen. An do weess ee jo, datt dat net esou einfach ass. Et lafe fir de Moment Gespréicher, a mer hu sécherlech Plaze wou et net gutt geet, mä mer hunn awer och Plazen, wéi zum Beispill hei zu Péiteng am Pompjeeswiesen, wou et ganz gutt geet. An och do komme wahrscheinlech déi Schwieregkeeten, datt déi Gemengen - wou et net esou gutt geet - drop drängen, datt et virugeet, an déi Gemengen - wou et gutt fonctionnéiert - éischter vläicht net grad op der Brems sëtzen, mä - well deen ablëckleche System gutt fonctionnéiert - net zu de Leit wëlle soen, datt se vun haut op muer net méi géife gebraucht ginn an aneschters mussen zesummeschaffen. Well dat huet an der Vergaangenheet jo ëmmer erëm zu Problemer gefouert, wann déi Zesummenaarbecht tëscht Protection Civile a Pompjeeswiesen net esou geet wéi déi eenzel Leit sech dat virstellen.

Dofir wäert dat doten eppes si wat länger Zäit an Usproch hëlt, a wou eppes soll erauskommen, bei deem kee widder de Kapp gestouss gëtt, a wou een dat - wat gutt fonctionnéiert - och ka viru fonctionnéiere loossen, a wat net gutt fonctionnéiert huet, verbessert ka ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Art. 3.0613.6170.001 - Frais divers de fonctionnement - Promotion féminine: insertion et réinsertion dans la vie professionnelle, actions diverses.

Hei stinn am Budget rectifié 2009 10.000 € an am Budget 2010 13.000 €. Wat ass 2009 vun Aktivitéite gemaach ginn? Wat ass um Niveau vun der Egalité des chances gemaach ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

2009 hate mer haaptsächlech e Questionnaire, deen zesumme mat eise Beamten ausgefëllt an ausgewäert ginn ass vun engem spezielle Büro. Mir haten dat schonns eng Kéier virun 4, 5 Joer gemaach. An de Besoin, fir dat ze widderhuelen, war effektiv do. An déi Zomm, déi fir 2010 drasteet, déi och relativ héich ass, ass geduecht fir Workshopen z'organiséiere fir op déi Froen anzegoen.

Mir hate jo och schonn eng Kéier esou ee Questionnaire fir eis ganz Belegschaft gemaach. Mir hunn och wëlles fir dat erëm eng Kéier ze maachen a kucke wéi mer weiderkomme mat deene ganze Workshopen, déi mer de Moment am gaange sinn.

D'nächst Joer wëlle mer och nach weider dru schaffe fir bei der Charte européenne, déi mer ënnerschriwwen hunn, den Aktiounsplang opzestellen. Well dat geet elo net nëmme Richtung Fra, mä et ass jo Chancëgläichheet fir jiddwereen, och fir eis behënnert Mataarbechter. An do soll och mat deenen eenzelne Parteie gekuckt ginn, watfir Aarbechten an dee Pool kënne materageholl ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi Aarbechte sinn also fir 2010 virgesinn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass richteg.

Jeannot Linden (LSAP):

Art. 3/0631/6230/001 Services sociaux - généralités: supplément de rentes, allocation de vie chère, prime d'encavement, etc. aux crédirentiers.

Hei gi mer vun 148.000 € op 250.000 € erop. Wann een déi Erhéijung vun den Ausgabe vu ronn 150.000 € ukuckt, da gëtt engem bewosst, datt sech an eiser Gemeng lues a lues de schläichenden Aarmut breet mécht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den Effet vun deenen 150.000 op 250.000 € aus zum Deel doduerch ze erklären, datt mer dem Gemengerot an der nächster Sëtzung eng Propositioun op den Dësch leeë fir bei deene Leit de Waasserpräis ofzefiederen an hinnen e supplementaren Apport ze gi bei hirer Allocation de vie chère. An dofir hu mer de Betrag miissten eropsetzen.

Dat ass och nëmmen eng Schätzung, déi mer op Grond vun deene Leit gemaach hunn, déi mer de Moment enregistréiert hunn. Mä et ka sinn, datt et mat deenen 250.000 € net duergeet.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat beweist jo awer, datt lues a lues d'Aarmut ëmmer méi grouss gëtt. Well wa mer scho mussen déi extra Saachen aféiere fir deene Leit e bëssen entgéint ze kommen, da wäerte mer et jo och duerno um Niveau vum Office social mierken.

Art. 3.0800.6176.001 - Frais de jumelage. Ech begréissen, datt d'Fraisen hei vun 6.000 € op 20.000 € eropgesat ginn. Ech si jo selwer Member vun den Amis des Jumelages, an ech versprieche mer dovunner da méi Aktivitéiten.

Dann hunn ech nach eng Fro zu den Recettes ordinaires.

Art. 2.0740.7013.001 - Taxes d'eau, location des compteurs et primes fixes - facturation aux abonnés externes.

Net nëmmen de Präis vum Meterkipp Waasser an Ofwaasser geet an d'Luucht. Wat d'Loune vum Compteur ubelaangt, esou gëtt do och eng massiv Erhéijung virgeholl, an zwar vu ronn 1 Euro de Mount op 7 Euro de Mount. Dat sinn 600% méi. Huet e Stot bis elo ronn 3 Euro pro Trimester bezuelt, esou steigt dat elo op 21 Euro, dat heescht 84 Euro pro Joer. Wéi héich ass de Präis vun engem Compteur? Wann ech d'Lounen op 5, respektiv 10 Joer ausrechnen, dann hätt ech besser de Compteur ze kafen. Natierlech miisst en adequat Reglement geschafe ginn. Wéi gesäit de Schäfferot dës Situatioun?

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass net den Uschafungspräis vum Compteur, deen hei zeréckverrechent gëtt. Hei gëtt u sech de Präis vum Waasser aneschters verrechent. Bis elo hate mer e symbolesche Locatiounspräis vun engem Euro pro Compteur. Elo geet et op 7 Euro erop, mä dat huet u sech näischt direkt mam Compteur ze dinn. Et huet einfach domatter ze dinn, datt op Grond vun der Berechnung, déi gemaach ginn ass vum Waasser, mir

hätte miissten e Präis froen - Waasser an Ofwaasser zesummen - vun ëm déi 5,20 €. Elo hu mer dat opgedeelt, well am Waasserrahmegesetz steet, datt ee soll eng Part fixe an eng Part variable dobäimaachen.

D'Part fixe ass ganz einfach, fir déi Leit net ze bevirdeelegen, déi eng grouss Zäit vum Joer am Ausland sinn, oder enzwousch aneschters wunnen, an doduerch net vill Waasser verbrauchen. Déi ganz Leitungen am Haus, déi ganz Zouleitungen sinn awer och fir si geluegt ginn. Deen neie Waasser-basseng, deen elo gebaut gëtt, ass och fir si do. An dofir soll all Mënsch solidaresch un deene Bestanddeeler an Infrastrukturen deelhuelen. An dofir ass de fixe Betrag, deen elo op de Compteur berechent gëtt, eropgaangen. A wa mer dat elo net esou gemaach hätten, dann hätte mer de Waasserpräis vun 1,87 € nach weider an d'Luucht miisste setzen, a mer géifen da bei ronn 2,20 € leie fir deem Rechnung ze droen.

Jeannot Linden (LSAP):

Da miisste mer jo awer higoen, an dat op eise Rechnungen änneren. Well bei de Rechnunge vum Müll steet zum Beispill eng Prime fixe. A beim Waasser hu mer de Präis vum Waasser an d'Locatioun vum Compteur.

Roland Breyer, Schäffen:

Do wäert eng Ännerung kommen.

Jeannot Linden (LSAP):

Zu de Recettes extraordinaires hätt ech nëmmen eng Feststellung ze maachen. Do kann een an der Rubrik zeréckhalen, datt déi Einnamen a Subsiden aus dem Zeréckbezuele vu Préfinanzéierunge sinn, zum Beispill e Subsid vun 201.250 € fir en TLF fir d'Pompjeeën, deen am Ganzen 402.500 € kascht huet. Am Enseignement kommen ongefeier 640.084 € zeréck. An der Rubrik 'Culture, loisirs et cultes' fält fir 2010 e Subsid vun 825.352 € un a fir de Keelenzenter mat der Tennishal 300.526 €. An der Rubrik 'Hygiène et santé' fält eiser Gemeng e Remboursement vum Syndikat HPMA vun 2.161.200 € zou. Kéint ech zu der leschter Rubrik e puer Erklärunge kréien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Beim HPMA ass et esou, datt mer während Joeren am Kader vun dem HPMA hu miisste regelméisseg engersäits d'Kapital bréngen. Dat war an den 80er Joeren. Duerno si mer eigentlech higaangen an hunn, all kéiers wa Lächer do waren, mat finanzéiert. Fir d'lescht war dat 2001, 2002, 2003, wou mer als Péitenger Gemeng 4,5 Milliounen Euro an d'Nidderkuerer Spidol investéiert hu fir engersäits déi Defiziter, déi entstane sinn, ofzedecken, an anersäits fir och eng Rei Saachen opzekafen, Material ze kafen, dat noutwenneg war fir d'Gestioun am Nidderkuerer Spidol ze assuréieren.

Entretemps hu mer jo d'Fusioun mam CHEM. Am Kader vun däer Fusioun hate mer eng Conventioun mam CHEM gemaach an däer festgehale gouf, datt mer hinnen dat Gebai, dat nach do steet, mat der Valeur comptable déi besteet, géifen zeréckverkafen. Op der anerer Säit hu mer e ganze Koup Material, dat mer kaf haten, a wat eréischt an deenen nächste Joeren amortiséiert gëtt - dat war eng Valeur vun 7 bis 8 Milliounen Euro - hinne ginn. An deenen nächste Joere kréie si déi Sue vun de Krankekeese rembourséiert. An dofir hu mer hinnen awer gesot, datt se eis mussen deen Deel, dee se an deenen nächste Joere vun de Krankekeesen amortiséiert kréien, och erëm zeréckiwwerweisen.

Dësweideren huet de CHEM en Deel vum Terrain krut, deen dem HPMA gehéiert huet. En aneren Deel - dat ass haaptsächlech do, wou de Parking elo ass, an och vir sinn nach 2 Haiser gewiescht - geet net iwwer an de Patrimoine vum CHEM, mä d'Déifferdanger Gemeng huet deen Deel fir 1,7 Milliounen Euro opkaf, esou datt eng gewëssen Zomm, déi ongefeier op 10 bis 11 Milliounen Euro geschat gëtt, wäert bleiwe wann déi ganz Fusioun ofgeschloss ass.

Et sinn awer nach e ganze Koup Dekonte mat de Krankekeesen ze maachen. Mir sinn am gaange mat hinnen d'Dekonten ze maache vun all deene Joeren (2002-2007) wou mer nach fonctionnéiert hunn. Dat heescht, mir hunn eis nach Provisioune gehale fir ze kucken a fir ze wëssen, wat bei deenen Dekonte schlussendlech erauskënnt. Op mer do nach eppes mussen un d'Krankekeesen zeréckbe-zuelen, ass nach net bis an de leschten Detail gekläert. Esou datt mer awer gemengt hunn, datt 6 Milliounen, vun engem Total vun 11 Milliounen, kéinten un d'Gemengen ausgeschott ginn, a wou mir als Péitenger Gemeng op Grond vun engem Verdeeleerschlëssel déi Suen erëmkréien.

Eisen Deel bedréit 36,02% vun deene 6 Milliounen, dee mir als Gemeng zeréckkréien, an dat mécht d'Halschent vun deem aus, wat mer an de Joeren 2001-2003 iwwerwisen hunn. Mir wëssen awer alleguerten, datt mer vill méi an dat Nidderkuerer Spidol gestach hunn, an datt déi Investissementer, déi mer gemaach hunn, ëmmer 'en fonction' vun der leschter Vollekszielung definéiert goufen. An dat huet variéiert. An den 80er Joeren, wou dat éischt Kapital gemaach gouf, hu mer eis wahrscheinlech op d'Zielung vun 1981 baséiert. Bei deene leschten Defiziter, déi mer ofgedeckt hunn, hu mer eis op Vollekszielung vun 2001 baséiert. An do hunn déi Prozenter geännert. A bei der Opléisung vum HPMA stoung net an de Statuten, wéi dat soll vu Statte goen. An dofir proposéiert all Gemengerot, dat heescht Péiteng, Käerjeng, Déifferdang, fir all d'Apporte vun de Gemengen ze huelen, an dann ee Schlëssel 'moyen' ze huelen an no deem Schlëssel d'Remboursementer ze tätegen.

Mir wäerten an der nächster Sëtzung awer nach am Detail doropper ze schwätze kommen.

Jeannot Linden (LSAP):

Da kommen ech nach kuerz zu den aussergewéinlechen Ausgaben:

Art. 4.0112.2111.001 - Acquisition terrain Rodange-Doihl (2010).

Hei belafe sech Ausgaben op 620.000 € mam Acte. Ëm watfir een Terrain handelt et sech do?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dëse Punkt kënnt och nach eng Kéier an de Gemengerot. Mä mir hu Verhandlunge mat engem Bauer, deen do Terrainen huet. Dat ass emol deen Terrain, dee mer fir de Moment gelount hu fir de Parking drop ze maachen.

Et ass awer och, wann een a Richtung vun deem Parking fiert, op der rietser Säit eng Sträif, déi deem selwechte Bauer gehéiert. Déi Sträif lénks laanscht den Terrain hate mer jo scho kaf.

An op der Héicht vum Terrain ass och nach op der rietser Säit en Terrain. Dat wäerten awer am Ganze ronn 1,5 Hektar duerno ausmaachen, déi mer wëlle kafen.

Op Grond vun de Verhandlungen hu mer elo emol dee Betrag an de Budget geschriwwen. Mä wa mer eis net géifen eens ginn, dann hätte mer déi Zomm am Budget stoe fir eventuell aner Terrainen ze kafen.

Jeannot Linden (LSAP):

Am Enseignement sinn 3,4 Milliounen Euro virgesi fir Aarbechten auszeféieren a Mobiliar unzeschafe fir d'Schoulen, d'Maisons relais an de Précoce, esouwuel zu Rodange, wéi och zu Péiteng a Rolleng.

2010 sollen an der Crèche hannert dem Home zu Péiteng 1.300.000 € verschafft ginn. Da muss awer do al

duergemaach gi fir op dee Chiffer ze kommen an deen ewechzekréien.

Art. 4.0733.2143.003 - Assainissement du bassin inférieur de la Chiers à Rodange-Fonderie. Am Budget 2010 sinn 200.000 € ageschriwwen. Mir gesinn awer och am Libellé, datt et als neie Projet zeréckbehale gëtt, an aus engem bestoende Projet erausgeholl gëtt. Kann ech dozou e puer präzis Erklärunge kréien?

Roland Breyer, Schäffen:

D'Explicatioun ass relativ einfach. De Grand-Bis war ëmmer zesummenhängend an der Industrialiséierung vun däer Zone, an och selbstverständlech an der Ofwaasserklärung vu ganz Rodange-Frontière. Well awer déi zwee Projet ganz verschidden Urgencen hunn, an och op zwou verschidde Schinne lafen - dat eent hänkt beim Environnement fir d'Genehmegung ze kréien a beim Ministère de l'Economie fir d'Fiabilitéit dovunner ze kréien, an dat anert ass méi eng Affär vu Sanéieren - wëlle mer dat eent net vun deem aneren ofhängeg maachen. Well awer elo zu Rodange e granze Koup changéiert - et sinn eng ganz Rei Lotissementer geplangt - musse mer eppes ënnerhuelen. Mir mussen de Kanal an d'Kläranlag féieren, a wa mer bis 2015 alles musse fäerdeg hunn, da gëtt et elo Zäit, datt mer mat deenen Aarbechten ukommen.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir hunn elo 12 Länner an der EU bäikritt. A wann ech Biller kucken, zum Beispill aus Rumänien oder Bulgarien, esou ass et schéin an de Stied, an 50 oder 100 Km ausserhalb rennen se nach mam Iesel iwwer d'Strooss. A wat geschitt mat deenen hiren Ofwässer? A wéi bréngen déi et fäerdeg fir bis 2015 dat alles propper ze maachen? Dat muss emol ee mer erklären. Mir mussen hei Strofe bezuele wa mer bis 2015 net fäerdeg sinn. Mussen déi dat och bezuelen? Wa mir ëmmer d'Messer op d'Broscht gehale kréien a mat de Geriichter gedréit kréien, da froen ech mech wéi et do bei deene leeft?

Roland Breyer, Schäffen:

Mir sinn net Virreider an däer Saach. Mir hunn einfach déi Bestëmmungen a lëtzebuerger Recht iwwerholl. An dee Moment musse mer se och ëmsetzen. Mir sinn awer en ziviliséiert Land a mer hunn eben dann d'Kadenz Nummer 1, esou wéi déi ziviliséiert Länner alleguerten.

An an anere Länner muss et net fir 2015 ëmgesat sinn, mä fir méi spéit.

A wann een et streng hëlt, dann hätte mer fir 2012 scho miisste fäerdeg sinn, an dofir goufe mer scho condamnéiert. An elo gëtt et héich Zäit. A mer hunn eis engagéiert fir et ze maachen, also musse mer et och ëmsetzen.

Jeannot Linden (LSAP):

Art. 4.0733.2143.004: Hei geet et ëm d'Iwwerschwemmunge vu bestëmmten Haiser an der rue Maragole. Ëm watfir Haiser handelt et sech do?

Roland Breyer, Schäffen:

Ënnen, do wou d'Maragole och leeft, ass festgestallt ginn, datt ëmmer Problemer bestinn. An et ass fir ze kucke wou de Problem hirstaamt. Sinn et Problemer mat der Hydraulik vum Kanal, oder ass de Kanal zou, oder muss e klenge Reeniwwerlafbecken do gebaut ginn? Et sollen Analyse gemaach gi fir de Problem erauszefannen, well regelméisseg stinn do d'Kelleren ënner Waasser.

Jeannot Linden (LSAP):

Fir den neie Waasserbasseng um Hierschtbierg sinn Ausgabe vun 200.000 Euro virgesinn. Fir d'Waxweiler Millen 1,6 Milliounen Euro, fir de Keelenzenter mat Tennishal 2,8 Milliounen Euro. D'Péitenger Schwämm ass mat 1.678.842 Euro veranschlagt. Déi gëtt jo 2010 sécher fäerdeg. Wat de Grand-Bis ubelaangt wäerte mer nach weider waarde mussen.

Bei eise Gemengegarage gëtt 2010 e Projet ausgeschafft, an do muss also och nach gewaart ginn. Wat d'Stroossennetz ugeet, esou ginn do Aarbechte realiséiert an der rue Neuve, rue du Bois an an der rue Léonard Schroeder zu Péiteng an an der rue de la Terre Noire zu Rodange. Mä wéi ass et mat den C.R.-en rue de la Gare zu Péiteng an d'rue Jos. Philippart zu Rodange? Geschitt do 2010 eppes, oder wéini ginn do d'Aarbechten un?

Roland Breyer, Schäffen:

Bei der Avenue de la Gare hei zu Péiteng rechne mer mam 1. Trimester 2010 fir kënnen unzefänken. Mir wäerten ënnen ufänke fir de Pavé nei ze maachen, well vun do aus déi gréisste Gefor fir de Foussgänger an den Automobilist ausgeet.

An der Philippart-Strooss rechne mer domatter, datt mer am éischte Semester d'Formalitéite mat den Urainer fäerdeg kréien. Do hu mer bis op e Grapp d'Accorde vun de Leit virleien. Mir musse bei vereenzelte Leit nach négociéiere fir déi och nach op de Pabeier ze kréien. An da gëtt den definitive Projet gemaach an et wäert dann Enn Joer si bis mer e gestëmmt hunn an d'Soumissioun ass. Wann et ganz séier geet, kënne mer nach Enn 2010 domatter rechnen, mä realistesch wäert awer 2011 si fir mat den Aarbechte kënnen unzekommen.

Mir hunn och nach aner C.R.-en, déi an engem schlechten Zoustand sinn, oder wou deelweis Ausbesserunge miisste geschéien. Dat ass d'avenue de la Gare zu Rolleng, de Blobierg zu Rodange an d'rue de l'Eglise zu Péiteng. An mer hunn den Ponts et Chaussées déi Stroosse matgedeelt an der Hoffnung, datt se e Schlammage, e Reprofilage oder eng Refection complète maachen. Do muss awer den Ponts et Chaussées d'Initiative huelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wa mer elo hei ënnen - bei der avenue de la Gare zu Péiteng - déi Aarbechte maachen, musse mer net do e Budget rectifié stëmmen? Am originale Projet waren déi Aarbechte jo net virgesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu se mat drageholl. Am Devis actualisé sinn déi Aarbechte mat dran.

Jeannot Linden (LSAP):

Bei den aussergewéinlechen Ausgaben ass e ganz ambitiéise Programm opgestallt. Normalerweis ginn déi virgesinnen Zommen net verschafft an et bleift eng gutt Zomm Suen iwwereg. Am Budget autorisé 2008 waren 20.631.192,97 Euro, am Rectifié nach 15.881.300,10 Euro an am Kont 2008 nach 10.962.091,35 Euro.

Am Budget 2009 hate mer am Autorisé 25.209.963,76 Euro, am Rectifié 19.640.091,87 Euro, wat wierklech aussergewéinlech ass. Do kucke mer dann d'nächst Joer de Kont.

Fir 2010 sinn elo am Budget prévisionnel - dat ass duerno den Autorié - Ausgabe vun 18.976848,41 Euro virgesinn. Do gi sécher net all Aarbechten ugefaang oder ausgefouert, an da bleift e bestëmmte Chiffer iwwereg, dee sech duerno op de Boni définitif auswierkt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach just op zwou Saachen agoen, déi Dir am Ufank an och elo zum Schluss ugeschwat hutt.

Déi éischt Saach ass sécherlech déi ganz Saach, wat d'Reform vun de Gemengefinanzen ubelaangt. Do sinn erëm Diskussiounen ugaangen. Net méi spéit wéi haut ass an der Spezialcommissioun, déi sech ëm d'Gemengefinanze këmmert, eng Versammlung gewiescht, an däer och Leit aus dem Syvicol dobäi waren. Et muss een natierlech wëssen, wat dat konkret heescht. Heescht dat - wa sech vill Gemengepolitiker eng Reform vun de

Gemengefinanzen erwaarden - , datt dat d'office heescht, datt déi ganz Zomm, déi de Gemengen zur Verfügung gestallt gëtt, erhéicht gëtt well ëmmer méi Aufgaben op d'Gemengen duerkommen, awer d'Apporten net deementspriechend eropgesat ginn. Dat ass sécherlech dat, wat mir eis als Gemengen erwaarden. Mä ech fäerten, datt duerno déi Saach sech dorop reduzéiert, datt dee Kuch, dee besteet, aneschters tëscht de Gemengen opgedeelt gëtt. A wann et doropper erausleeft, dann hu mer net vill geschafft an dann hu mer just deen ee vis-à-vis vun deem aneren an e bessert d'Liicht gesat. Ech wëll net ofstreiden, datt dat vläicht vereenzelt noutwenneg ass, well et Gemenge ginn, déi finanziell besser do sti well se pro Awunner méi d'Dotation de l'Etat kréie wéi aner Gemengen. Mir stinn do net als allerbescht Gemeng do, mä awer och net als allerschlechste Gemeng. Mir befannen eis am Mëttelfeld. Mä wann et nëmmen esou ass, datt de Kuch aneschters opgedeelt gëtt, da wäerte mer als Péitenger Gemeng sécherlech frou si wa mer do bleiwe wou mer de Moment sinn. Mir däerfen eis do net allzevill erwaarden. An déi Gemengen, déi iwwerméisseg Reserven hunn, well se iwwerméisseg vill Zommen erakréien duerch Gegebenheeten, déi se an hire Gemengen hunn, wäerten alles dru setzen, datt dat net antrëtt. Well bei deene gëtt jo dann e Stéck vum Kuch ofgeschnidden. An do fäerten ech, datt mer an nächster Zäit nach Diskussioune mam Stat kréie wäerten, well dat ënnerschiddlech interpretéiert gëtt. Mir verstinn et als eng Opbesserung, eng Opstockung vun deem Kuch dee mer ënner de Gemenge verdeelen, a bei Stat gesi vläicht verschidde Leit et nëmmen als eng aner Opdeelung vun de Finanzen. A jee nodeem wéi een dat gesäit, kann et positiv oder negativ sinn.

Da wollt ech zum Schluss nach soen, datt een all Joer e Programm opsetzt. An d'Kollegen aus dem Schäfferot kënnen dat bezeien, datt mer soen, et soll dat an de Budget geschriwwe gi wat technesch machbar ass. Do stellt een awer ëmmer erëm fest, datt - och wann ee mat den Entreprise schwätzt - si den optimale Volet gesinn, a bei der klengster Saach, déi dotëschent kënnt, kënnt een net mat de Projete virun. Et muss een awer soen, datt mer elo am gaange sinn e puer ganz grouss Projeten ze maachen. An do geet de Schantjen, wann e bis un ass, och virun. Dat heescht, do si mir net déijéineg déi un de Ficellen zéie fir datt de Schantje méi séier oder méi lues geet. Do geet de Schantje virun 'en fonction' vun den technesche Gegebenheeten, an do si mir als Politiker net déi, déi kënnen dogéint steieren a soen, et soll méi lues gemaach ginn.

Ech sinn awer iwwerzeegt, datt déi Zomm vläicht net integral verschafft gëtt, mä awer eng Zomm ass, déi realistesch ass. Ëmsou méi, datt mer eis gewëssen Ziler gesat hu fir fäerdeg ze ginn, a wou mer och hannert de Firmae si fir datt se bis dohinner fäerdeg sinn. An op Grond vun deenen Erkenntnisser miisst de Gros vun deenen Zommen, déi hei stinn, verschafft ginn. An dir wäert gesinn, datt déi extraordinär Ausgabe vun dësem Joer wäit iwwer deene leie vum leschte Joer. Mir hunn elo 19 Milliounen drastoen, an do wäerte mer och net wäit dovunner ewechleien.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann ech nach eng Kéier op d'Verdeelen, op de Kuch, dierf zeréckkommen. Am Fong geholl ass et eis aner jo egal, wéi si dat wëllen opdeelen. Mä de Bierger gëtt ëmmer méi gezwonge fir déi Saachen ze maachen, déi de Stat net méi wëll maachen. De Stat mécht eppes gutt, näämlech seet hien 'Dir musst!'. Do ass en Eins A. Mä mir kréien awer näischt fir datt mer et kënne maachen. Do geschitt awer näischt. An ech widderhuele mech nach eng Kéier. A Plaz datt se esouvill Gelder an d'Ausland ginn, soll de Stat en Deel vun de Suen hei halen an de Gemengen se ginn. Well mir hunn och aarm Leit hei.

Et gesäit een all Joer, datt de Chiffer vum Office social an d'Luucht geet. Domatter ass jo awer bewisen, datt d'Aarmut do ass. An d'Gemenge solle méi finanziell gehollef kréien, well si kréie jo vum Stat gesot, datt se aussergewéinlech Projete solle virundreiwen, fir datt d'Wiertschaft weiderleeft. Mä de Stat soll awer och hiren Deel dozou bäidroe fir datt d'Gemengen dat kënne realiséieren.

Carlo Gira (CSV):

Madame, Dir Häre,

Ech wëll mech bei menger Interventioun zum Budget 2010 kuerz faassen. De Schäfferot war e Freideg esou explizit, datt laang Commentairen a vill Froe sech eriwweregen. Et ass e Budget an der Kontinuitéit, an deem dat ëmgesat gëtt wat de Walprogramm vun eiser Partei virgesäit.

Et bestinn Obligatioune géintiwwer eise Bierger. D'Waasserversuergung muss garantéiert ginn. No den neie Bestëmmungen elo käschtendeckend. D'Gemeng huet och dofir ze suergen, datt den Dreck ewechgeholl gëtt. E richtegt Signal ass, datt déi gréng Dreckskëscht gratis bleift. An der Offallproblematik sollt ee weider dofir suerge fir d'Bierger ze initiéieren Offall ze vermeiden.

Mir hunn dofir ze suergen, datt d'Stroosse befuerbar bleiwen a virun allem datt d'Infrastrukturen ënner dem Buedem an engem gudden Zoustand sinn. Wéineg spektakulär ass och eist Kanalnetz an d'Moossnamen, déi am Sënn vum Ofwaasser ze leeschte sinn, wéi den Här Breyer schonn dacks ënnerstrach huet. Penibel gëtt et just, wann dës Infrastrukturen net fonctionnéieren.

Fir eis Kanner muss genuch Schoulraum zur Verfügung stoen. Gëtt et Berechnungen, déi eis Unhaltspunkte ginn, fir wéi laang de Schoulraum, deen an de leschte Jore kontinuéierlech ausgebaut ginn ass, nach duergeet, wa mer wëllen den Obligatioune vum Pacte logement gerecht ginn? Bei den Opfankstrukturen an eise Schoulen hu mer och kee Choix, esou datt et néideg ass, datt bei der Eigent-Schoul d'Aarbechten uginn, fir och de Bierger vu Péiteng dëse Service ze bidden.

Mir kënnen eis glécklech schätzen a Breedegraden ze liewen, wou och dat sportlecht an dat kulturellt Liewen net ze kuerz kënnt. An Zäite wou Geld awer méi knapp gëtt, muss bei Projete besonnesch drop geuecht ginn, datt se funktionell sinn a finanziell vertrietbar bleiwen. Bei der Péitenger Mille wollt ech wëssen, ob et nei Momenter ginn, wat d'Aktivitéite betrëfft, wann d'Aarbechten ofgeschloss sinn a wéi et mat de Funktiounskäschten ass?

Der wësst, datt d'Ëmwelt mer besonnesch um Häerz läit. An dësem Punkt huet d'Gemeng och eng Virbildfonktioun. Bei de rezente Verhandlungen zum Klimaschutz, déi op Weltniveau gefouert gi sinn, ass méi wéi eemol betount ginn, datt et 5 vir 12 ass, an datt et heescht ze handelen. D'Madame Conter huet an hirer Interventioun gesot, datt d'Conseillere bei der Presentatioun vun deenen eenzelne Projeten d'Méiglechkeet hätten, dës am Detail ze diskutéieren. Ech wäert am nächste Joer d'Geleeënheet notze fir mat Nodrock op Moossname fir den Ëmweltschutz hinzeweisen. Mir als Conseil si gefuerdert ëmzedenke fir eiser Virbildfonktioun gerecht ze ginn. Et verlaangt sécher Courage fir dëst beschtméiglech duerchzesetzen. Ech mengen awer, datt et néideg ass fir d'Bierger nach méi ze sensibiliséieren.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat d'Berechnung bei de Schoulen ubelaangt, esou ass et esou, datt mer

wëssen, datt haaptsächlech zu Rodange d'Populatioun an deene leschte Joeren an d'Luucht gaangen ass an och kuerzfristeg nach weider an d'Luucht wäert goen. Dofir hu mer an deene leschten 10 Joer och haaptsächlech do vill an d'Schoulinfrastrukturen investéiert. Mir hunn am Ufank d'Fonderie-Schoul gemaach, duerno d'Päesch-Schoul vergréissert, an elo d'Neiwiss-Schoul vergréissert. Mir hunn also Reserven, fir an deenen nächste 10 Joer der Progressioun, déi mer erwaarden, gerecht ze ginn.

Zu Péiteng - wa sech eng Kéier dat Lotissement bei der Eucosider géif realiséieren - sinn dann och Terraine virgesi fir eventuell eng Schoul oder Strukturen ze schafen, esou datt ee muss soen, datt zu Péiteng wahrscheinlech wäert eng vun de Mesurë sinn, déi mer mussen huele fir nach Schoulraum ze schafe wann d'Zuel vun de Lotissementer géif an d'Luucht goen.

Zu Rolleng wäerte mer - an dat steet jo schonn am Budget - eng Etude am nächste Joer maache fir ze kucken, wéi een d'Primärschoul kann ausriichten an eventuell vergréisseren. A wann dat Realitéit gëtt, a wa mer dat richteg plangen, dann hätte mer och do fir déi éischt Joere genuch Schoulraum fir eis Kanner.

Ech géif soen, datt dat, wat elo an der Planung ass, respektiv wat geplangt a scho realiséiert ass, duergeet fir Rodange a Rolleng, mä zu Péiteng, wann do e gréissert Lotissement kënnt, musse mer eng weider Planung an Usproch huelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Bei der Mille frot der, ob do nei Momenter si wat d'Aktivitéite betreffen. Et si mer keng nei Momenter bewosst, ofgesi vun deenen, déi mer zesummen hei am Joer 2008 hei am Gemengerot beschloss hunn. Do hat ech d'Konzept virgestallt, wat an der Mille kéint geschéien a wéi den 'premier plan d'investissement et de fonctionnement financier' kéint ausgesinn. Dëse Plang ass eestëmmeg vu sämtleche Gemengeréit gestëmmt ginn, a mir halen eis selbstverständlech un déi Zilstrebunge wat d'Aktivitéiten an d'Funktiounskäschten ubelaangen.

Fir d'Aktivitéite bleift et e kreativ-artistesche 'Lieu de rencontre' vun de Generatiounen. An dorunner gëtt och näischt geännert. A bei de Funktiounskäschte bleift et bei deem Konzept, dat mer virgeluegt haten, datt et eng Selbstverwaltung muss sinn an datt et - wa méiglech - käschtenneutral soll opgoen.

Mir wäerten am Laf vum nächste Joer déi éischt Schrëtt maache fir emol Interessenten ze sensibiliséiere fir an engem zukënftege Comité de gérance et d'animation matzemaachen. Mir stellen eis fir, datt mer Leit do drakréien, déi sech Gedanke maache wéi een déi Aktivitéiten an Zilsetzunge kann ëmsetzen, an dat dann och am Kader vun engem Budget.

D'Recette kéimen duerch Loyeren eran, duerch bestehenden Infrastrukturen, déi an den Haiser sinn (Café oder Restaurant) a Participatioun u Coursen. An op der anerer Säit sinn dann d'Ausgaben, an do ginn et jo Virbiller an eiser Gemeng, wou esou Haiser an däer Gréissenuerdnung gutt fonctionnéieren ouni datt d'Gemeng muss ëffentlech mat draklammen. Mir iwwerhuelen duerno eis Missioun als 'propriétaire des lieux', wou mir duerch eng gewëssen 'mise à disposition' dësem Verwaltungsrot dëst Instrument zur Hand ginn. Mir géifen eis Missiounen an eis Responsabilitéiten nëmme just als Propriétaire vun deem Ganzen iwwerhuelen. An de Locataire oder Occupant muss kucken, datt hien a sengem Rahmen a mat sengen Aktivitéiten eens gëtt.

Esou hate mer eis dat virgestallt, a bei deem bleiwe mer och, esou wéi mer dat och virun 2 Joer hei praktesch diskutéiert hunn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt nach zu der Ëmwelt e Wuert soen. Et ass ganz richteg, datt d'Ëmwelt ganz wichteg ass an datt mer eis solle Gedanke maachen. Effektiv si mer am gaangen eis Gedanken ze maachen, an dat schonn eng gutt Zäitchen. Schonn 2005, wéi mer fir d'éischte Kéier am Schäfferot zesummekomm sinn, hu mer eis iwwerluet, wat ee gréissere Projet hei an der Gemeng kéint ausmaachen. Mir hunn awer du festgestallt, datt - wa mer eis ablécklech Gebaier wëllen analyséieren - mer Viraarbechte musse maachen. An déi Viraarbechte sinn dann och geschitt, andeems datt mer als Klimabündnisgemeng autoriséiert kritt hu fir alles emol eenzel mat elektresche Compteuren an alles eenzel ze trennen. Mir hate verschidde Schoulgebaier, déi nach um Stroossennetz houngen. Nëmme fir ze soe wéi schwéier datt et ass. Mir wollten näämlech eng Analys maachen, wat effektiv an eise Gebaier verbraucht gëtt, a wou den Hiewel miisst ugesat ginn. Nodeems mer eis Büroen esouwäit haten, an datt zwee Joer hannereneen analyséiert gi war, konnte mer elo e Point maachen. Dat heescht no engem Joer konnt een net direkt eppes soen. Dofir hu mer zwee Joer ofgewaart. An eis Leit hu sech an den technesche Servicer an am Ëmweltbüro ganz vill Aarbecht gemaach fir dat opzestellen. Dat war alles guer net esou einfach fir déi Chifferen ze kréien.

Déi Zuele sinn awer elo alleguerten do, a si goufen och weidergeleet, an zwar u Gobelet/Lavandier fir eng Etude ze maachen, an déi Etude kascht manner wéi 2.000 €. A mir wäerte vun hinnen aus ganz präzis matgedeelt kréien, watfir ee Gebai a Fro kënnt, wou mer sollen usetzen a wéi mer dat ganzt och sollen iwwer d'Ronne kréien.

Do gëtt un alles geduecht, och u Solarenergie, asw. . Déi ganz modern Méiglechkeete solle mat agebaut ginn. Et ass effektiv am Budget 2010 nach näischt virgesi well si och e puer Méint brauche bis si dat analyséiert hunn. Duerno kënnt et bei eis, de Conseil kritt et virgestallt, a mer musse kucke wéi mer d'Suen an deen nächste Budget mat eranhuele fir eng Realisatioun ze maachen.

Dat ass eng Saach, déi wichteg ass. Eng zweet Saach, déi mer eis awer och schonn am Schäfferot iwwerluet hunn a wou mer driwwer geschwat hunn ass, datt mer eng gemeinsam Heizung maachen am PED, mat däer mer eis Schoul zesumme mat der Maison relais, mat der Sportshal, dem Keelenzentrum géifen hëtzen, an och deementspriechend Energie géife spueren. Ausserdem hu mer an der leschter Zäit ganz vill mat Niddregenergie geschafft, esou datt ech der Meenung sinn, datt effektiv - och wann een dat elo net direkt esou gesäit - villes an der Maach ass an a kuerzer Zäit wäert aneschters ausgesinn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Här Buergermeeschter, Madame, Dir Hären,

"Aux yeux du Gouvernement, il importe de poursuivre une politique budgétaire rigoureuse afin de conserver les atouts favorables actuels de notre situation financière", seet den Inneminister a senger Circulaire vum 23. Oktober 2009.

"La Cour tient à souligner que, dans les années à venir, l'impact de la crise économique va être très important sur le plan des finances communales. En effet, les administrations communales doivent s'attendre à ce que les recettes communales vont connaître un tassement certain à partir de 2010", steet am Avis vum 11. November 2009 vun der Cour des comptes iwwer de Statsbudget 2010.

Mir wësse wat op eis duerkënnt, a mer mussen och duerno handelen. Mä wat

mer op kee Fall dierfe maachen ass éischtens den Däiwel un d'Mauer molen an zweetens resignéieren an d'Knëppele bei Tromm werfen. Mir alleguerten, als gewielte Vertrieder vun eiser Bevëlkerung, sollen a musse probéiere beim alljährleche Budget de Gros vun eiser Populatioun an de Genoss vun eise Gemengeninvestitioune kommen ze loossen.

Wann den Inneminister a senger Circulaire seet, datt d'Gemenge miisste spueren, esou ass dat ganz eescht ze huelen.

An eisem Budget fir d'Joer 2010 ass näischt weider Neies, näischt weider Innovatives, näischt wieder Ekologesches. Et ass e Spuerbudget. Wat hätt ee sech och méi erwaart, an esou soll et och sinn.

Wat e Freide bei der Presentatioun awer opgefall ass, dat war wéi dee leschte Riedner aus dem Schäfferot seng Presentatioun ugefaangen huet, dunn huet hie senge Kollegen aus dem Schäfferot Merci gesot, datt hien och Sue krut fir säi Ressort. Miisst dat dann net selbstverständlech sinn. Ech war doriwwer e bëssen erféiert, well dat léist déif blécken.

Elo zu e puer Punkten aus dem Dokument:

Dépenses ordinaires: bibliothèques scolaires - 22.725 €

Dëst ass natierlech ze begréissen an et ass immens wichteg, datt eis Kanner méi liesen. Well de momentanen Trend geet dohinner, datt Liesen oncool ass an ëmmer méi Computer- an Tëleesspiller respektiv Tëlee kucke bei eise Jéngsten ugesot ass.

Dépenses ordinaires: classes de neige - 90.000 €.

Wat kéinte mer awer do aspuere wa mer géifen d'Schnéiklassen, déi absolut net méi zäitgeméiss a scho guer net ekologesch sinn, duerch eng aner Manéier vu Klassenopenthalt ersetzen. Datt dat ka fonctionnéieren huet d'Stad Lëtzebuerg virun enger Woch bewisen. Här Polfer, et gëtt och d'Décisiounen, wou mir gutt drun di fir 'déi Gréng' aus der Stad Lëtzebuerg nozelauschteren. Si hunn de Courage fir hir Schnéiklassen ofzeschafen an hu wëlles eng Alternativ unzebidden. Mä natierlech ginn et dann och do Leit am Enseignement déi net immens frou iwwer dee Schratt sinn. Firwat wuel?

Dépenses ordinaires: aménagement d'un jardin solidaire, frais de matériaux - 25.000 €.

Kéint der mer soen, wat ee Jardin solidaire ass? Well mir kënnen esou onméiglech jugéieren, ob déi Sue gutt fir eis Populatioun ugewannt ginn oder net.

Dépenses extraordinaires: aménagement d'une épicerie solidaire, frais de matériaux - 40.000 €

Wann et sech hei ëm eng Solidar-Epicerie handelt wéi se zu Esch an zu Déifferdang opgaange sinn, ass dëse Méi-Invest voll a ganz ze begréissen, virun allem fir an dëse Krisenzäiten eise mannerbemëttelten Awunner entgéint ze kommen. An ech ka mer virstellen, dat et däer de Moment méi gi wéi nach virun enger Zäitchen. Et geet duer, datt e Familljepapp seng Aarbecht verléiert, entlooss gëtt 'pour raisons économiques', datt eng Firma Faillite mécht a seng Leit op d'Strooss setzt.

Dépenses extraordinaires: étude de faisabilité, viabilisation de terrains à bâtir.

Do steet bei 2009 "étude de faisabilité pour l'implantation d'une structure d'accueil touristique à Rodange.

Ma schéin, a wat seet de Gemengerot dozou. Am 'Quotidien' stoung näämlech de leschten 10. November am Artikel iwwer d'Gemengerotssëtzung, déi genee een Dag virdru war, dat heescht den 9. November, ënner dem Titel 'Des crédits rallongés', ech zitéieren:

"L'auberge autrichienne. Autre dossier sur les rails: le projet de création d'une auberge familiale et de jeunesse de 133 chambres selon un concept autrichien. Un projet-pilote au Luxembourg et dont l'évolution est suivie de près par l'échevin Roland Breyer. "Nous avons une réunion technique à la fin du mois avec des responsables autrichiens. Nous évoquerons également le reclassement de certains terrains à proximité de la piscine PiKo là où doit se construire l'auberge", explique Roland Breyer. Une réunion qui sera suivie d'une rencontre avec la ministre du Tourisme, Françoise Hetto-Gaasch. Il sera question d'études et de subventions. On espère débuter les travaux fin 2010. Mais il faudra compter encore une année d'études. Notamment, par rapport à la faune environnante."

Ech war selwer an der Sëtzung vum 9. November a ka mech genee esou wéineg wéi aner Kollegen heibannen drun erënneren, datt an däer Sëtzung esou eppes sollt am Gemengerot gesot gi sinn.

Ech hunn och den Ordre du jour vun eiser Sëtzung vum 9. November nach eng Kéier duerchgelies, den Aide-mémoire, mä näischt dergläiche fonnt. Datt d'Journaliste Saache gezielt kréien, déi net emol de Gemengerot gesot kritt, fannen ech, geet e bëssen ze wäit. An da ginn et och Rumeuren, datt déi éisträichesch Responsabel vun den "JUFA-Gästehäuser", wou mir mat eise Schoulkanner an d'Classes de neige fueren, genee déi sinn, déi dann iergendwa wëllen d'Auberge familiale et de jeunesse zu Rodange exploitéieren. Stëmmt dat?

Dépenses extraordinaires: tables, chaises et autres objets mobiliers: 10.000 €.

Et ass keng grouss Zomm, mä do liesen ech fir 2010 'acquisition d'un piano pour les besoins du centre de loisirs de Lamadelaine' an direkt an der nächster Zeil fir 2011 'acquisition d'un piano pour les besoins de la maison de la culture A Rousen à Pétange'. Musse mer wierklech an all eise Kulturzentren e Piano stoen hunn? Kéint een dann net och do Geld aspueren?

Dépenses extraordinaires: cultes - 144.000 €.

Dës Sue ginn, wéi all déi aner hei am Budget, aus dem Trach mam Geld fir d'Allgemengheet esousgeholl fir dann Aktivitéite vun enger eenzeger Relioun ze bezuelen, an dat fir eng Minoritéit vun eiser Gesamtbevëlkerung. Duerch Kierchesteiere kéint dat vill méi éierlech a gerecht geregelt ginn, mä dat ass jo bekanntlech net an de Kompetenze vun enger Gemeng.

Dépenses extraordinaires: industrie - 100.000 €.

Déi Geschicht mam Grand-Bis ass natierlech en décken Hummer, wou mer natierlech mussen doduerch. Mä ob mer dann duerno, sollt dat emol eng Kéier an der Rei sinn, eng Plus-value op dëse Site kréien an ob et dat Ganzt da wäert war, steet nach an de Stären.

Dépenses extraordinaires: réaménagement du parking de la place de la Libération - 100.000 €.

Dat ass natierlech och en décke Brocke fir, bal nëmmen, de Privatprojet zur Geltung ze bréngen. Besteet do keng Méiglechkeet, datt de Privat-promoteur, dee jo elo säi Chantier um Parking huet an deen duerno duerch déi nei Plaz vun enger wesentlecher Revaloriséierung ka profitéieren, kéint een Deel vum Parking matbezuelen?

Chauffage et éclairage des bâtiments - combustibles: 962.220 €.

Dëse Chiffer ass jo onméiglech héich, well do kéinte mer jo awer méi oppassen a bestëmmt méi aspueren.

Wéi dat kéint goen hu viru kuerzem e puer Gemengen hei am Land

virgefouert, virun allem d'Gemeng Diddeleng, wou 2 Mataarbechter während enger gewëssen Zäit dofir ze suergen hate fir dat ganzt Gemengepersonal zum Spueren unzereegen, an dat haaptsächlech beim Energiespueren (d'Computere mussen owes no der Schicht net op Standby sinn, mä carrément aus sinn, d'Luuchte mussen net brenne wa keen am Zëmmer ass, d'Heizung muss net op voll Toure lafen, ...) a fir och zweemol nozedenken éier een eppes vum Computer wëll erausprinten. All dës Spuermoossname mussen natierlech och fir eise Schäfferot gëllen, well hir Computer-schiermer sinn näämlech gutt vu baussen ze gesinn, dat heescht, et gesäit een owes wann hir Computeren op Standby sinn.

Ech denken, datt mir dat och ganz gutt hei zu Péiteng kéinte realiséieren an dobäi op d'Mataarbecht vun eisem ganze Personal ziele kéinten.

Wa mer nach virun engem Joer en Energieberoder agestallt hätten, zoustänneg fir d'Administratioun an natierlech fir d'Awunner aus der Gemeng ze beroden, kéinte mer elo schonns a Saachen Energiespueren e positive Bilan zéien.

Menger Meenung no ass nach enormt Spuerpotential an dësem Budget dran, an ech géif iech wierklech an éierlech un d'Häerz leeë fir dat Déngen emol am Laf vum Joer anstänneg ze duerchforste fir nach méi anzepueren.

Ech soen dem Schäfferot Merci fir hir Presentatioun vum leschte Freiden, haaptsächlech dem Buergermeeschter fir seng, mëttlerweil gewinnten, Powerpoint-Presentatioun. An da géif ech och all deene Beamten aus dem Haus Merci soen, déi un der Gebuert vun dësem Budget bedeelegt waren.

Ofschléissend wëll ech awer nach drop hiweisen, datt d'Memberen aus der Finanzkommissioun kee Budgets-dokument bei Hand haten, wéi an der Kommissioun driwwer délibéréiert ginn ass. Esou eppes däerf an Zukunft net méi virkommen.

Ech soen Iech Merci.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt op e puer Saachen agoen, déi mech perséinlech concernéieren. Ech gesinn dee Budget, dee mer elo hei virleien hunn, net als Spuerbudget. Ech gesinn en absolut net als Spuerbudget, an dat konnte mer maachen, well mer de Moment nach eng Situatioun hunn, déi ganz valabel ass. An dofir kënne mer 19 Milliounen Euro an de Budget extraordinaire setzen, ouni nach en Emprunt opzehuelen. Well wa mer en Emprunt hätte miissten huelen, dann hätte mer och Spuermoossname miissten ergräifen.

Mir hunn eng ganz Rei Mesurë geholl, an dat erlaabt eis och haut mat engem Iwwerschoss am ordinäre Budget ze stoe wéi mer en och uganks 2000 net haten, an datt mer wäit iwwer deene Beträg leien deen aner Gemengen hunn. Et brauch een nëmmen Zeitungen opzeschloen an da gesäit ee lénks a riets watfir Iwwerschëss déi eenzel Gemengen hunn. Genee deen Iwwerschoss, dee mer hunn, gëtt eis d'Méiglechkeet fir ze investéieren. An datt mer deen Iwwerschoss hunn ass de Beweis, datt an deene leschte Joeren - well esou Aspuerunge mécht een net an engem oder an 2 Joer, mä iwwer eng länger Zäit - an allen Domainer vill geschafft ginn ass. Et gi sécherlech ëmmer Saachen, déi een nach kéint aspueren, mä ech kann iech soen, datt mer hei zu Péiteng de Gros erschöpft hunn. Dat heescht, ganz vill geet net méi, well soss geet et 'au détriment' vun Déngschtleeschtungen, déi mer eise Bierger wëlle ginn.

Wat elo dee ganze Volet Energie-spueren ubelaangt, géif ech duerno dem Här Welter d'Wuert ginn. Ech wëll awer drop hiweisen, datt mer eng ganz Rei vu Saache schonn hei gemaach hunn. Zum Beispill brennen am Haus hei d'Luuchten net wa keen am Büro ass, well d'Luuchte ginn automatesch aus. Mir hunn eng ganz Rei vu Mesurë scho geholl. Mir hunn eng Rei Passivhaus-Systemer an eise Schoule gemaach, mir hunn Nidderegenergie gemaach. Also all eis nei Projeten, déi mer haten, sinn alleguerten op de leschte Stand gesat ginn. Mir kënnen natierlech nach méi maachen. Mir sinn am gaangen iwwer eng Cogenera-tiounsanlag nozedenken, fir de ganze Quartier Eigent do mat unzeschléissen. An dee Projet ass op de Schinnen. Mir waarden nach op e Partner fir ze kucken, wéi mer mat him eens ginn. A mir ginn och do eens, dovunner sinn ech iwwerzeegt, an dann hu mer och dat op de Schinne stoen.

Wat elo d'Schnéiklassen ubelaangt, esou huelen ech net un, datt grouss Problemer an der Stad waren an datt se de Budget vun de Schnéiklassen hu miisste sträichen. Et ass éischter esou, datt se am Grousse Ganzen eng Reduktioun vum Budget vun de Schoule gemaach hunn. Wann et just nëmmen d'Schnéiklasse gewiescht wieren, da mengen ech net, datt d'Léierpersonal virun d'Stadhaus gaange wieren. Et ass wesentlech méi, well ech hu mer déi Saach e bëssen am Detail ugekuckt. Et wëll dat awer elo net kommentéieren, well dat ass eng Décisioun, déi se an der Stat Lëtzebuerg geholl hunn an do wëll ech mech net dramëschen.

Wat ass de Jardin soldidaire an d'Epicerie solidaire?

Dat ass eng weider Initiative déi mer mam CIGL zesumme maachen. De CIGL, deen elo schonn eng relativ grouss Palette vun Déngscht-leeschtunge mécht. A mer hate geduecht fir e Jardin solidaire op d'Been ze setzen. Dee soll nieft d'Sportshal zu Péiteng kommen. Do soll e Gaart entstoen, wou 2-3 Leit kënnen dra schaffen, a wou och eis Schoulen d'Méiglechkeet hunn an dee Gaart ze goen. Well et ass eng Demande vun eise Schoule fir an esou Gäert ze goe fir datt d'Kanner och emol gesi wou d'Poretten oder d'Wuerzelen hier-kommen, an datt se net aus engem Geschäft vun enger gewëssener Chaîne kommen. Mir wëllen eis Kanner erëm méi no un d'Natur zeréckbréngen.

Mir wëssen awer, datt an de Vakanzen d'Léierpersonal an d'Kanner net do si fir - wann et un der Zäit vun der Recolte ass - dës Saachen ze récoltéieren an un de Mann ze bréngen. Dofir soll de Jardin solidaire weider vum CIGL bedriwwe ginn. An déi Wueren, déi do entstinn, 'y compris' eis Bongerten, déi mer an den Uertschaften hunn, a wou d'Äppel eroffalen a keen se opreeft, géife vum CIGL iwwerholl ginn, an dee géif dann an enger Epicerie solidaire déi ganz Wueren zum Verkaf ginn. Esou datt déi Leit, déi e bësse méi schlecht dru sinn, zu méi gënschtege Präisser Wuere kënne kréien.

Dat ass awer ganz limitativ an et gëtt keng Konkurrenz fir aner Geschäfter. Mir ginn och keng Wueren auswäerts kafe fir se do ze verkafen. Mir hunn och d'Méiglechkeet net fir dat ze stockéieren an och net den Know-how fir dat ze maachen. Mä et geet drëm fir de Leit erëm ze weisen, datt een och kann am Gaart Saachen uplanzen an datt een se kann aus dem Gaart eraushuelen a se verkafen. An dat soll zesumme mam CIGL realiséiert ginn. An d'Konventioun heiriwwer kënnt den 18. Dezember an de Gemengerot.

Dann hutt der och nach eng Fro gestallt zu de Pianoen an deene verschiddene Centren.

Mir hu mat de Pianoen e grousse Problem, an d'Museker kënnen do besser schwätze wéi ech. Ech sinn elo net e grousse Musikant. Mä mat de Pianoen hu mer d'Schwieregkeet, datt se - all kéiers wa mer se déplacéieren - mussen nei gestëmmt ginn. An dat ass och mat Käschte verbonnen, esou datt mer gesot hunn, et géif op laang Siicht

méi bëlleg gi wa mer a verschiddene Centren e Piano stoen hätten. Et ass och esou, datt et net grad gënschteg ass fir d'Instrument, wann et éiweg hin an hir transportéiert gëtt.

Mir wollten och net zwee Pianoen an engem Joer kafen, dofir hu mer dat op zwee Joer verdeelt.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech sinn direkt ugeschwat gi bei deem Artikel, deen den Dag no der Sëtzung an der Zeitung stoung. Den Artikel muss net direkt en Zesummenhang hu mat deem wat op der Dagesuerdnung vun der Gemengerotssëtzung stoung. No der Sëtzung vum 9. November huet e Reporter mech gefrot fir en Interview ze kréien. An dee selwechte Reporter hat scho virun engem Joer en Interview gemaach iwwert déi Hébergementer, an en huet gefrot, wéi et mat deem Projet wier. Hien huet dat einfach gefrot, well a mengem Büro och nach zoufälleg Dossiere louchen iwwer déi Kontakter, déi do lafen.

Mir verstoppen net, datt mer interesséiert sinn - nieft deenen touristeschen Attraktivitéiten, déi mer an eiser Gemeng schonn hunn - och nach eng Structure d'hébergement dobäi ze kréien. A mir hunn och kloer gesot, datt mer nach Terrainen opkafe wëlle fir nach Ausbauméiglechkeeten ze kréien. A mer wäerten och nach eng Kéier an de Gemengerot kommen - wann emol alles kloer ass - fir ze soen, wat mer gedenken ze maachen, an eventuell mat wiem mer gedenken et ze maachen. Bis elo leie Kontakter vir, esou wéi een dat als Promoteur mécht vun touristeschen Infrastrukturen, wou ee seet, mir kréien e Keelenzenter dobäi, mir hunn eng attraktiv Schwämm, mir kréien nach d'Millen dobäi déi attraktiv fonctionnéiere soll, mir hunn de Giele Botter an d'Zichelcher. Mir hunn also vill am Tourismus ze bidden, a mer wëllen déi touristesch Offer nach ofronne mat enger Structure d'hébergement. Dat kéint esou e Genre Jugendherberg ginn; dat kéint esou ee Genre Famillenhotel sinn; dat kéint elo net esou e klasseschte Hotel ginn, mä eppes wat op déi Attraktiounen zougeschnidden ass.

An do ginn et verschidde Partner, wou mer ee Privilegéierten hu mat deem mer am gaange sinn ze schwätzen, an deen och interesséiert ass. Mir musse kucken, ob en interesséiert bleift, an et muss een och kucken, ob et iwwerhaapt nach zustane kënnt. Well et si méi Interessenten hei am Süden, déi sech op esou Saache stierzen, an ech soen ëmmer, wa mir net séier maachen an eis net eens si wat mer wëlle maachen, dann ass eng Nopeschgemeng virun eis.

Mir hunn elo héieren, datt zu Esch eng Jugendherberg soll hikommen. A wa mer nach weider diskutéieren an eis net eens ginn, da wäert deen heite Projet och séier vergiess sinn.

Mir sinn awer nach ëmmer am gaangen - mat engem 'heißen Draht', wéi ee géif soen - mat deenen éisterräicheschen Investoren ze schwätzen. Si hu wëlles eng richteg lëtzebuerger Struktur heihinner ze setzen. Eppes wat dem lëtzebuerger Marché an de lëtzebuerger Besoinen ugepasst ass. Op dat Realitéit gëtt, hänkt vun de finanzielle Méiglechkeeten of. Mir wäerten eisen Deel dozou bäidroen, esou wéi mer et mat all Investor maachen deen hei an d'Gemeng kënnt. Wann en interessant ass, da kucke mer fir him ze hëllefen, an deem mer him zum Beispill en Terrain iwwer eng Zäit zur Verfügung stellen oder gewësse Strukturen iwwerhuelen. Méi wäerte mer net do mat draklammen. Mir wäerten och kucken, datt mer déi Struktur esouwäit diskutéiert kréien, datt mer domatter kënnen an de Gemengerot kommen. Well bis elo hu mer nach net genuch do leien. Mir hunn de Moment Kontakter, dat muss ee soen. Dee ganze Schäfferot hat scho Kontakt mat deenen éisterräicheschen Interessenten. Mä et läit nach näischt Konkretes um Dësch, well éischtens déi Strukturen - wat d'Form vun der Gesellschaft ugeet, wat d'Form vum Haus ugeet - nach net feststinn. An et däerf een och net alles gleewe wat an der Press steet. Esou sinn et zum Beispill keng 133 Zëmmer, mä 133 Better, also eppes wat vill méi kleng ass. Et läit och nach net kloer vir, wat de Ministère dozou seet. An der Tëschenzäit si mer beim Minister passéiert fir mat him iwwer e ganze Koup Saachen aus der Gemeng ze diskutéieren, wat touristesch Infrastrukture sinn, an och wat esou eng Hébergementsméiglechkeet betrëfft. De Minister huet eis och gesot, watfir Méiglechkeeten hie gesäit, a wat am 5-Joresplang virgesinn ass. An déi Hëllefen hu mer un déi Investore weiderginn a gesot, wa se géifen heihinner kommen, da kéinten se eventuell dëst an dat kréien.

A bis mer eis elo iwwer all déi technesch Gegebenheeten eens sinn - wou et soll hikommen, ob et iwwerhaapt op däer Plaz realisabel ass, wat et kascht a wien et exploitéiert - wäerten nach e puer Méint vergoen. An dann hu mer wëlles fir esou séier wéi méiglech eng informell Reunioun hei am Gemengerot ze maachen. A mir hu bis elo nach näischt décidéiert an hunn nach näischt verschenkt a keng Conventioun ënnerschriwwen. Mir hu just präventiv - am Hibléck, datt esou eppes kéint kommen - déi néideg Schrëtt ënnerholl a Rahmebedingungen ënnersicht. A wann dat sollt klappen, da wäerte mer am éischten Trimestrer 2010 dem Gemengerot e Projet virstellen, dee Kapp a Fouss huet. Fir de Moment ass de Projet nach komplett an der Schwief an et ass méiglech, datt de Projet guer net hei realiséiert wäert ginn. Dann hate mer just vill Zäit dran investéiert an en Dram ass einfach geplatzt. Mä mir gleewen nach drun, datt mer eng Struktur heihinner kréien, well mer mengen, datt mer esouvill touristesch Infrastrukturen op der Plaz hunn, an datt mer elo scho bei 30.000 Visiteuren d'Joer leien, an dat ouni eng 100.000 fir d'Schwämm dobäizezielen.

Mir gleewen un esou e Projet, a wann et net mat den Éisterräicher klappt, da gëtt et mat engem anere probéiert. Ech si perséinlech iwwerzeegt, datt mer an 3 Méint eppes méi Konkretes am Grapp hunn a kënnen domatter an de Gemengerot komme fir zesummen driwwer ze diskutéieren. De Gemengerot gëtt mat abezunn. Dat ass eise Wëllen.

An ech wäert och an nächster Zäit keen Interview méi hei ginn. Well et léist ee sech ëmmer iwwerrasche vu Reporteren, déi froen op een ee Moment Zäit huet, an een da séier am Büro op deen een oder anere Projet uschwätzen. Et stounge schonn 2007 an 2008 Artikelen an der Zeitung iwwer déi selwecht Strukturen. An déi waren e bësse verwässert an de Reporter wollt déi erëm e bëssen opfrëschen. Mä wéi gesot, et ass nach näischt sécher, et ass nach näischt décidéiert, an de Schäfferot huet de Gemengerot a kengster Weis iwwergaangen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat kléngt jo da berouegend. Well ech hat wierklech gefaart, datt do scho Saache gelaf wieren, respektiv schonn décidéiert wieren, ouni datt se fir d'éischt am Gemengerot diskutéiert gi sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech och nach op d'Liberatiounsplaz agoen. Do ass de Promoteur duerch e Kontrakt verflicht fir seng Participatioun ze bezuelen, an hien huet se och scho bezuelt. Déi Conventioun hate mer och hei am Gemengerot, an ech mengen, datt se eestëmmeg guttgeheescht gi war. Mir haten do gesot, datt déi Plaz muss nei gemaach ginn, d'Infrastrukturen an de Kanal mussen déplacéiert ginn. An do huet de Promoteur seng Participatioun bezuelt, a mir hunn décidéiert fir en ästhetesch

schéinen Deckel dropzemaachen, an dee mir och bezuelen. Hie profitéiert sécherlech och dovunner, mä déi attraktiv Agangspaart ass méi geduecht fir op eis Spillplaz ze kommen a fir do och eng Zone ze maachen, déi och fir de Foussgänger reservéiert ass. Mir maachen u sech eng kleng Allée, duerch déi de Foussgänger op d'Kor an op d'Spillplaz zou, kann higoen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass och dat, wat ech geduecht hunn. Well hie jo u sech deen eenzegen ass, dee vun dem Ästhetesche mat profitéiert an doduerch eng Plus-value hätt, war ech der Meenung, datt hie sech och beim Chantier finanziell soll bedeelegen.

Roland Breyer, Schäffen:

Hien huet déi Participatioun geleescht. An eist Jugendhaus profitéiert och vun deene Strukturen, déi mer hannenaus développéiert hunn am Beräich Loisirs.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt dem Här Becker nach äntweren op dee Merci, deen ech vis-à-vis vum Schäfferot ausgedréckt hunn. E Merci schwätzt ee gären aus, wann een eppes kritt oder wann een eppes méi kritt wéi dat Normalt. Et ass net esou, datt ech muss kämpfe fir mäi Budget ze kréien. Mä et ass ganz kloer an däitlech, datt mer am Schäfferot iwwer Plaze geschwat wou mer kéinten aspueren. Mir hunn op vereenzelte Plazen e puer Dausend Euro gekierzt. An ech sinn un de Schäfferot erugetrueden - wat d'Ëmwelt ubelaangt -, datt mer just bei den Naturkatastrofen net iwwer d'Ronne kommen. Meeschtens kënne mer Enn dës Joers e Projet net méi subventionéiere well mer keng Sue méi iwwereg hunn. Mir hunn 7.500 Euro am Budget gehat, an dee Budget gouf elo op 10.000 Euro gehéicht. An ech hunn einfach fonnt, datt dat e Merci wäert war.

En anere Punkt, wat d'Ëmwelt ubelaangt, ass, datt mer effektiv alles versiche fir Energie anzespueren. Mir hunn elo nach eng Décisioun geholl, datt mer an eise Kierche wäerten d'Temperatur liicht erofsetzen, an zwar op tëscht 19 an 20 Grad. Eis Centren, déi heiansdo zevill gehëtzt sinn, a wou mer Pannen hunn, sinn am gaangen analyséiert ze ginn. Mir hunn och do gekuckt, fir emol eng normal Temperatur eranzekréien, ouni datt muss d'Fënster opgemaach ginn. Mir hunn och déi Informatiounen zur Ëmwelt versicht un eis Schoule virunzeginn. Mir hunn dofir och 1.000 Euro am Budget stoe fir een oder zwee Projeten ze subventionéieren.

Mir hunn och e Resultat vun der Neiwiss-Schoul kritt, wou e ganz grousse Projet mat sämtleche Klasse leeft, a wou erkläert gëtt, wéi Waasser-, Wand- a Sonnenenergie zustane kënnt. A wat ee ka maache fir et besser ze maachen. An do kommen eng ganz Rei kleng Finessen, kleng Detailer. Dat geet vum Asammelen an Trenne vum Offall iwwer d'Luuchten ausmaachen oder Fënster net onnëtz opmaachen. A mat deenen 1.000 Euro, déi mer an de Budget gesat hunn, hu mer gutt Resultater an de Schoulen.

Camille Bosseler (CSV):

Madame, Dir Hären,

De Schäfferot huet a senger Presentatioun vum leschte Freideg drop higewisen, datt trotz engem schwierege finanziellen Ëmfeld all Efforte gemaach goufe fir engersäits déi virsiichteg Finanzpolitik weider ze féieren an anersäits awer all déi grouss Projeten, déi an dëser Mandatsperiod virgesi sinn, ze realiséieren. Et bleift ëmsou méi wichteg weiderhin op gesond Finanzen ze bauen, dat an enger Zäit, wou et onsécher ass wéi et mat den ëffentleche Gelder virugeet. D'Gemeng Péiteng brauch och dëst Joer net op en neien Emprunt zeréckzegräife fir säi Budget 2010 an den Equiliber ze bréngen. D'Joeren, wou regelméisseg en Emprunt huet miissten an de Budget gesat ginn, gehéieren deemno definitiv der Vergaangenheet un. Mir hunn et an de leschte Joere fäerdegbruecht fir eisen Iwwerschoss am ordinäre Budget op en Niveau ze bréngen, deen et erlaabt eis Projeten ze realiséieren ouni noutgedrongen op e Prêt zeréckzegräifen. Dëst war am Budget 2010 op en neits méiglech, obschonn den Impôt commercial zolitt zeréck wäert goen. Dëst konnt awer nëmmen erreecht gi well déi ordinär Dépensë streng am A gehale ginn an d'Gemeng Péiteng sech op hir eigentlech Aufgabe konzentréiert an all Experiment ënnerléisst.

Virun engem Joer hate mer de Kafakt vun engem Terrain um Hierschtbierg am Gemengerot approuvéiert, an den nächste Freideg wäert de Gemengerot de Projet vun engem neie Waasserbasseng op dësem Terrain ënnerbreet kréien. Ech hat bei de leschte Budgetsdebatten d'Hoffnung zum Ausdrock bruecht, datt mir am Joer 2010 mat de Konstruktiounsaarbechte vun dësem Basseng ufänke kéinten, wat dann och elo geschéie wäert. 200.000 € stinn op jiddefall fir dëse Projet am Budget 2010.

Leider ass elo erëm e Joer vergaangen, ouni datt d'Aarbechten an der Avenue de la Gare zu Péiteng, an och an der Philippart-Strooss zu Rodange, ugefaange konnte ginn. Et gesäit ee kloer, wéi komplizéiert et ass fir Stroosseninfrastrukturen ze erneieren, wann et sech ëm Statsstroossen handelt. Op jiddwer Fall stellt ee fest, datt dës Délaie wesentlech méi kuerz si wann et sech ëm Gemengestroossen handelt. Beispiller wéi d'Stroossen Neuve an Bois zu Péiteng, Siole an Terre Noire zu Rodange bestätegen dëst ganz kloer. D'Aarbechten am Schwaarze Wee ginn och dem Enn zou, wat sécherlech och eng gutt Saach ass. Engersäits am Intressi vun der Waasserqualitéit an de Stroossen, déi op de Schwaarze Wee stoussen, an anerersäits am Intressi vun de ville Bierger, déi dëse Wee benotze fir op Gare ze goen.

Schlussendlech ass et gutt, datt mir all Joer an enger Rei vu Stroossen en neie Stroossebelag maachen. Dësen Hierscht hu mir besonnesch am Zentrum vu Rolleng geschafft, wat sécherlech noutwenneg war. An d'nächst Joer ass jo virgesi fir déi selwecht Aarbechten a verschiddene Stroossen zu Péiteng duerchzezéien.

Wat elo eis Maisons relais ubelaangt, esou wäert dann do och d'nächst Joer de Chantier vum neie Projet bei der Eigent-Schoul ugefaange ginn. Dëst ass déi drëtt Maison relais an eiser Gemeng. A wann dës grouss Aarbechten, mat engem Käschtepunkt vun iwwer 7 Milliounen Euro, am Joer 2012 fäerdeg sinn, da besteet an allen dräi Sektioune vun eiser Gemeng eng Maison relais mat enger Opfangcapacitéit vun am Total iwwer 500 Kanner.

Schlussendlech muss ee soen, datt fir de Moment mat der Neiwiss-Schoul, eisem Stadhaus, dem Keelenzenter, der Maison relais, der Crèche, der Péitenger Schwämm an der Waxweiler Millen, 7 grouss Projeten an der Realisatiounsphas sinn. Projeten, déi alleng e Käschtepunkt vun iwwer 35 Milliounen Euro hunn. Alleng dës Zuel ënnersträicht déi bedeitend Aarbecht, déi am Moment zum Wuel vun eise Bierger gemaach gëtt. An ech kann och dofir ouni Bedenke meng Zoustëmmung zu dësem Budget ginn.

Ech hätt dann nach e puer Suggestiounen ze maachen. Ech hat an der Gemengerotssëtzung gefrot fir den Organigramm vun all eisem Personal ze kréien. Dat ass och erfollegt. Ech soe Merci an hoffen, datt den Organigramm och eng Kéier Gesiichter kritt, fir datt een déi zoustänneg Leit besser a méi séier erëmfënnt.

Den Absentéisme ass jo - wéi eis matgedeelt gouf - drastesch erofgaangen, wat mech freet. All Mënsch ka krank ginn, do hunn ech näischt

dergéint, mä datt sech gesond Leit duerch vläicht e schlecht Aarbechtsklima oder familiär Problemer einfach krank mellen, domatter ass deenen net gehollef. Well engersäits sanéiere si d'Krankekeess an op Dauer ginn dës Leit krank. Et muss net ëmmer den Dokter sinn, an e kuerzt Gespréich mat deene Leit - als Politiker, deem d'Wuel vu sengem Personal a senge Bierger net egal ass - wierkt oft méi schnell an efficace. Mir hu gutt Personal, wat sech awer och muss bewosst sinn, datt si eng sécher a gutt bezuelten Aarbecht hunn, an déi Aarbecht och musse maachen.

Ech soen Merci fir d'Nolauschteren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Bosseler och Merci fir seng Interventioun. Ech vu menger Säit hätt do näischt bäizefügen. Mä vläicht huet eise Personalschäffen eppes zum Organigramm ze soen.

Roland Breyer, Schäffen:

De ganze Gemengerot huet den Organigramm jo virgeluegt kritt. A mir sinn och am gaange mat den Delegatiounen ze schwätze fir d'Autorisatioun ze kréie fir vun eise Mataarbechter Fotoen ze maachen. A wann dat dann an der Rei ass, musse mer kucken, wéini mer se alleguerte beieneen hu fir ze knipsen. Dat ass nach eng logistesch Organisatioun déi nach muss gemaach ginn, mä mir wäerte versiche fir uganks 2010 dat ënner Daach ze kréien. Mir kucken och, datt mer eise 'Guide du citoyen' och e bëssen 'à jour' setzen.

Wat den Absenteismus betrëfft, esou ass deen net drastesch erofgaangen, mä en ass sensibel erofgaangen an d'Tendenz weist no ënnen. Dat ënnersträicht och dat, wat der elo just gesot hutt. Mir huelen den Absenteismus net nëmmen zur Kenntnis, mä mir géréieren en och a reagéieren drop. Esou hu mer och muer Gespréicher mat Leit, déi - loosse mer soen - eng anormal Frequenz vun Absenteismus hunn. An dat schéngt och seng Friichten ze droen, an déi Politik wäerte mer och an deem Sënn weiderféieren.

Guy Brecht (LSAP):

Här Buergermeeschter, Madame, Dir Häre n,

Erlaabt mer fir d'éischt all deene Leit Merci ze soen, déi un dësem Dokument geschafft hunn. Och e Luef un de Schäfferot, mam Här Buergermeeschter un der Spëtzt, fir déi virbildlech Presentatioun. E Budget opzestellen, matten a Krisenzäiten, ass wuel net esou einfach. Krisenzäiten, wou een einfach d'Impressioun huet, et géif hinne besonnesch gutt hei zu Lëtzebuerg gefalen. Wann aner Länner scho plus ou moins kënnen opootmen - laut hire Politiker - esou schéine mir hei zu Lëtzebuerg nach laang net iwwer de Bierg ze sinn.

A wann et net einfach fir d'Majoritéit ass esou e Budget opzestellen, dann ass et desto méi schwéier fir d'Oppositioun deen 'en long et en large' ze analyséieren an och ze kritiséieren.

Ech wëll a mengen Ausféierungen trotzdem op e puer Punkten agoen, déi mer bei ärer Presentatioun de leschte Freideg opgefall sinn.

Den Här Buergermeeschter huet gemengt, mir miissten alleguerte mathëllefen d'lëtzebuerger Wiertschaft erëm unzekuerbelen. Ganz gäre maache mer dat mat eiser Gemeng zesummen andeems mer lëtzebuerger Produiten zum Verkaf ubidden a bei eise Geschäftsleit akafen. A propos Geschäftsleit. Déi grouss ugekënnegt Aktioun fir d'Péitenger Geschäftswelt erëm oppléien ze loossen, schéint awer net dat bruecht ze hu wat mer eis erwaart haten, well speziell zu Péiteng an zu Rolleng ginn et der ëmmer manner. A grad zu Péiteng, wat d'Chance huet esou eng attraktiv Geschäftsstrooss ze hunn, gesäit een ëmmer méi eidel Butteksfënstere wa se net grad vun engem Geschäftsmann als Ausstellungsraum benotzt ginn. Do besteet effektiv Nohuelbedarf.

De Remboursement HPMA ass getätegt ginn. Mä och do musse mer weider un der Staang bleiwen, fir datt d'Awunner vun eiser Gemeng an doriwwer eraus déi Leeschtungen, Propretéit a Fleeg ugebuede kréien, déi hirer wierdeg ass.

Am extraordinäre Budget hunn ech festgestallt, datt 32,8% virgesi si fir Sport, Kultur a Loisirs. Als Member vu just deenen zwou Kommissiounen erfreet dat een natierlech. An deem Kontext direkt eng Fro:

De Bullesport oder Pétanque erfreet sech an eiser Gemeng un ëmmer méi enger grousser Popularitéit. Zu Rodange am Doihl zum Beispill sinn d'Infrastrukturen, wat d'Elektrescht an d'Waasser ubelaangt, ganz schlecht. Haten déi Leit schonn eng Entrevue bei iech, a wa Jo, ass do iergendeppes dobäi erauskomm?

Zu Rodange bei Titus-Terrain huet dëse Sport esou eng grouss Popularitéit erreecht, datt do am Laf vum Joer bis zu 5.000 Partie geschmass ginn. A gudde Summerdeeg kann een alt bis zu 30 Leit do untreffen.

Am Summer, gutt verstanen. Mä deene Leit feelt iergendeppes fir an däer kaler a virun allem an der verreentener Joerszäit. E klengen Iwwerdaach géif do Wonner wierken, an dat och esouguer am Summer, wann d'Sonn onbaarmhäerzeg dréckt.

Eis Gemengeschold geet zeréck an d'Pro-Kapp-Verschëldung läit just nach bei 1.547 € pro Awunner, wat am Verglach mat anere Gemenge sécher en excellent Resultat bedeit.

A Gottseidank konnte mer eis nach virun der Wiertschaftskris anstänneg sanéieren, esou datt déi net einfach verpolvert Gelder eis elo zegutt kommen. Eng Moossnam, déi jo deelweis vun der Oppositioun guttgeheescht gouf. Ganz interesséiert hunn ech och de leschte Freiden dem Här Breyer nogelauschtert, wéi hiem iwwer de Personalbestand vun eiser Gemeng geschwat huet. 284 Mataarbechter sinn der vill an heiansdo net genuch, wann een dobaussen d'Echoen e bësse verfollegt wat d'Propretéit vun eiser Gemeng ubelaangt.

Viru kuerzem gouf jo erëm rekrutéiert fir an de Botzbetrib, an déi nei Mataarbechter hu mer jo och viru kuerzem virgestallt kritt. Wat mech awer e bësse gestéiert huet ass de Fait, datt mer Leit rekrutéieren déi weder lëtzebuergesch schwätzen nach verstinn. Féiert dat net spéiderhin zu Problemer, wann déi Leit emol an de Schoulen agesat gi wou och Kanner sinn déi nëmme lëtzebuergesch schwätzen? Ech weess net wéivill Demanden op déi ausgeschriwwe Plazen erakomm sinn an ob déi och all iwwerpréift gi sinn, mä ech hätt mer vläicht vum Schäfferot e bësse méi eng sozial Oder gewënscht fir eventuell eng alleng erzéiend Mamm oder eng Fra , déi onschëlleg an eng Noutsituatioun geroden ass, anzestellen a Plaz Persounen, deenen hir Situatioun scho méi wéi agréabel ass. Bon, dat ass vläicht eng Ureegung fir en nächst Recrutement.

Bei de Stroossen, déi 2010 an Ugrëff geholl solle ginn, fält op, datt alt erëm, an dat zanter elo bal 6 Joer, d'Philippart-Strooss zu Rodange erëm dobäi ass. Och wann déi Verhandlunge mat verschiddenen Awunner sech als recht schwiereg erausgestallt hunn, esou loosse mer alt hoffen, datt mer wéinstens d'nächst Joer endlech kënnen de Startschoss gi fir déi dréngend noutwenneg Aarbechten.

Erfreelech ass och eng Etude fir sämtlech Schoulareale méi sécher ze gestalten. Wann der eng Kéier Zäit hutt, esou géint Mëtteg, da gitt iech dovunner iwwerzeege wat ronderëm eis Schoulen, zum Beispill zu Rodange, e Chaos herrscht. Mä net duerch

d'Schoulkanner, mä duerch déi vill Autoen, wou d'Eltere mengen hire Kanner esouvill wéi méiglech Fousswee ze erspueren. Do miisst och emol eng Kéier den Hiewel ugesat gi wa mer schonn eng Etude an Optrag gi fir de Schoulareal méi sécher ze gestallten, a wa méiglech och an e puer Sproochen.

Wa mer scho vun de Schoule schwätzen. Wat gedenkt de Schäfferot an deenen nächste Joeren, et sinn der jo nach zwee bis déi nächst Gemengewalen, ze ënnerhuele fir nach weidere Schoulraum ze schafen?

Mam Entstoe vun ënner anerem der neier Cité zu Rodange wäert et do erëm en Enkpass ginn, well vill kënne mer bei der Neiwiss- , Päsch- a Fonderieschoul net méi bäisetzen. Do miisst sech awer op kuerz oder laang Weil geschwënn no engem neien Areal ëmgekuckt ginn.

Wat d'Moossnam betrëfft fir d'Stop-schëlter duerch Dräiecker ze ersetzen, esou hu mer dat effektiv schonn an der Verkéierskommissioun behandelt. Dës Moossnam ass ze begréissen. Ze begréissen ass och d'Moossnam fir d'Zebrasträife méi sécher ze gestallten an dat besonnesch wann et esou fréi däischter gëtt.

Wéi der vläicht alleguerte wësst, erstéckt eis Gemeng dagdeeglech am Verkéier. Eng Situatioun, déi een net vun haut op muer léisst. De Contournement gëtt ëmmer méi vu ville Frontaliere vernoléissegt a kilometer-laange Stau bis op d'Grenz sinn d'Folgen dovunner. An ee Quartier, dee besonnesch dovunner betraff ass, ass d'Fonderie zu Rodange. D'Liewens-qualitéit vun dëse Leit ass op den absolute Minimum erofgaangen.

Wann den Här Minister Wiseler elo sollt schlussendlech iwwer en Tunnel am Rond-point Lamadelaine nodenken, da soll en dat zimlech séier maachen, well esou een Tunnel ass batter néideg. A wou ech elo just iwwer de Rond-point Lamadelaine geschwat hunn, fält mer nach an, datt sech op der Strooss selwer guer näischt geännert huet. Ech weess net, ob déi Bréck iwwer d'Strooss nach ëmmer am Gespréich ass. Wann net, wier et op jiddwer Fall batter néideg dat Thema nees opzegräifen.

Elo schaffe mer mat eise franséischen a belschen Nopere grenziwwerschreidend Vëlospisten aus. Da kéint een déi Häre jo gläichzäiteg nach eng Kéier drun erënneren ob se wierklech keng Park-méiglechkeeten hu fir hir Bierger, déi all Dag mat hire Gefierer iwwer d'Grenze gerullt kommen a sech net brauchen un der Ofgasverschmotzungssteier ze bedeelegen.

Wéi wäit sinn d'Verhandlunge mat de Belsch elo ofgeschloss fir datt d'Camionen an d'Fernlaster erëm kënnen op hirer urspréngleche Plaz stoe fir hir Roupausen anzeleeën? Oder bleiwen se weider virun den Tankstellen an heiansdo matten an der Strooss stoen?

D'Agora ass gestuerwen ier se emol richteg fonctionnéiert huet. Wéivill Gelder hu mer do onnëtz verpolvert? Déi Zomm géif mech nawell interesséieren.

De Plan de sécurité kënnt jo och esou lues op en Enn. Huet et eis eppes bruecht an ass alles ëmgesat gi wat mer eis virgeholl haten? Anscheinend net, oder wéi soll een d'Ausso vun der Madame Conter verstoen, datt de Vandalismus an eiser Gemeng ëmmer méi zouhëlt. An deem Kontext wollt ech och nach froen, wéini déi Spillplaz an der Ronnwiss a Betrib geholl gëtt?

Beim Waasserpräis hu mer jo anscheinend duerch Bréissel d'Hänn gebonnen, mä trotzdem luewenswäert ass d'Initiative fir deene Leit, déi zu deene sozial schwaache gehéieren, bei esou Haussen ënner d'Äerm ze gräifen.

Wann ech den Här Breyer richteg verstanen hunn, da gi mer nobäi 11 Milliounen aus fir eis sämtlech Waasserinfrastrukturen. A sécher kënnt do och nach muench Iwwerraschung op eis duer wa mer déi eng oder aner Strooss nei maache wäerten. Ech denken do nëmmen un d'Philippart-Strooss zu Rodange.

Wat mer awer e bëssen um Mo läit, dat sinn déi vill Zommen, déi mer an der Lescht hu missen nostëmme well Devise falsch an ze niddereg gemaach gi waren oder duerch Verzögerunge bei verschiddenen Architektebüroen. E frappant Beispill hu mer jo nach am zweetleschte Gemengerot hei presentéiert kritt. Ech hoffe just, datt de Schäfferot seng Konsequenzen dorauser zéie wäert.

E grousse Luef awer da fir déi 'sms2citizen'-Informatiounen. Dat ass immens wichteg fir eis Conseillere wa mer Leit, déi eis froen, direkt kënnen informéieren iwwer Schantercher, respektiv zäitweileg Stroossespären.

De Kulturbudget gëtt erëm zeréckgesat op déi 15.000 €, déi, verglach mat enger Gemeng wéi Déifferdang, en zimlechen Allmosen ass. Mä nujee, mir mussen eis eben domatter offannen, datt d'Nopeschgemengen a Saache Kultur ëmmer e bëssen d'Nues vir hunn, bis op d'Kavalkad, déi fir de Moment ouni Konkurrenz ass.

Ganz andächteg hunn ech och nach nogelauschtert, wéi Rieds gaangen ass iwwer d'Péitenger an d'Rollenger Millen an iwwer den Hotel am Doihl. Wann ech gutt verstanen hunn ass dee Projet Hotel net op Äis geluegt. Ech huelen un, datt den Här Breyer net ze fréi geschoss huet an och net egal wat geschwat huet wéi zwee Membere vun ärem Schäfferot ëffentlech alt eng Kéier gemengt hunn "Desto besser!" Hoffe mer elo just, datt deen ambitiéise Projet endlech ëmgesat gëtt.

Esou frou ech och si wann d'Péitenger Gemeng erëm ëm eng Attraktivitéit méi räich gëtt, esou maachen ech mer trotzdem Suerge wann et ëm d'Wax-weiler Mille geet. Dofir wollt ech froen:

1. Wat geschitt mat deem Haus wou nach ëmmer 'à vendre' drop steet?

2. Wou ginn d'Gäscht oder Cliente parken? Bestëmmt net an d'Géigend vum Home, well do ass de Chaos scho grouss genuch wann iergend eppes Grousses do stattfënnt.

Dann hunn ech awer eppes net verstane wat d'Madame Conter gesot huet. Déi 10% Frontalierskanner, déi mer an der Maison relais zu Péiteng ophuelen, hu keng Chèques-repas zegutt. Ass et och richteg, datt mer musse kucke fir déi Kanner anerwäerts ënnerzebréngen? Wann ech dat esou richteg matkritt hunn, da muss der mer awer iergendwéi de Sënn vun deem Ganzen erklären.

Dir hutt och gesot, Madame, datt eis Spillplaze sech kéinten op neit Material an nei Spiller freeën. Dozou eng Fro: Kréie mer dat vill ze vill grousst Spill, wat nach zeréckgeet op d'Madame Barnig, elo och endlech placéiert oder ass et scho verschafft ginn?

Och zu de Subside wollt ech nach eng Bemierkung maachen. Et ass jo esou, datt d'Gemeng eppes gëtt an esou och gären eppes an d'Plaz hätt. Sief dat groussaarteg Sportleeschtungen, kulturell Manifestatiounen déi iwwer d'Grenze vun eiser Gemeng bekannt sinn oder eventuell Participatiounen u gréissere Manifestatiounen déi si organiséiert. Ech denken do un den Nationalfeierdag, d'Journée commé-morative oder wann de Groussherzog hei zu Besuch ass. Et miisst ee wierklech verschidde Subsiden iwwerdenken, wat d'Participatioun vu verschiddene Veräiner un dëse Manifestatiounen ugeet. Mä dat ass sécherlech Chefsaach. Mä meng Gedanken heizou kéint ee sech wierklech eng Kéier duerch de Kapp goe loossen.

An dann nach vläicht e bësse méi en heikelt Thema zum Schluss. Mir

wëssen, datt an eiser Gemeng Awunner vun 77 verschiddenen Natioune liewen, wat och heiansdo 77 verschidde Kulture bedeit. Mir wäerte geschwënn d'Grenz erreecht hu vun 50 zu 50 % Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger. Wéivill Net-Lëtzebuerger kënne mer nach verkraften an huet de Buergermeeschter en Afloss dorop? Ech weess, et ass eng heikel Fro. A grad esou wéi meng Fro iwwer d'Nidderkuerer Spidol virun 6 Méint, sinn dat Themen, déi d'Leit dobaussen an eiser Gemeng beschäftegen. Sécher net alleguerten, mä trotzdem déi meescht vun eisen Awunner, gutt verstane vu lëtzebuerger Nationalitéit. Ech sinn e verwente Lieser vum 'Meng Gemeng'. Ech huelen och un, datt dir och ëmmer d'Gebuerte studéiert. Op e lëtzebuerger Kand kommen 5 bis 6 net-lëtzebuergesch Kanner. Ech weess, an dat nach eng Kéier, ass en heikelt Thema, mä awer en Thema zum Nodenken.

Mäi Virtrag hat vläicht net ëmmer immens mam Budget ze dinn, mä wann een hei d'Geleeënheet huet fir am Dezember an engems ee Joer Revue passéieren ze loossen, da mécht een dat alt gären. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Roland Breyer, Schäffen:

Zum Personal just ee Wuert vu mir aus zu de 'critères de recrutement'. Wa mir wëlles hu Leit anzestellen, hu mer e Profil vun deem wat d'Leit musse kënnen an och vun den Disponibilitéiten. An dee Profil gesäit fir, datt se e bësse Lëtzebuergesch solle verstoen. Mir wollten u sech net esou extrem ginn a soen, datt ee muss Lëtzebuerger si fir déi Plaz ze kréien. Well esou eppes däerf een net haart soen. Esougutt een och net haart däerf soen, datt een am léifste Leit aus eiser Gemeng wëll huelen. Mä et ass ee vun de 'critères de sélection'.

Bei der Philippart-Strooss hoffe mer, datt mer 2010 ukommen. Ech hunn awer a menger Budgetspresentatioun gesot, wann alles ganz gutt geet komme mer 2010 mat den Aarbechten un. Mä dat ass awer net sécher.

Bei der Sécuritéit ronderëm d'Schoulen hutt der vollkomme Recht. Wa mer d'Elteren dozou géife kréie fir déi Disziplin ze weisen déi mir eis virstellen, da bräichte mer keng Etuden ze maachen. De Problem besteet iwwerall ronderëm d'Schoulen. Ech hunn dës Deeg nach bei der Parkschoul - wann een do géint Mëtteg laanscht fiert - gemierkt, datt ee wierklech wéi e Fuuss muss oppassen. Well do kommen d'Kanner tëscht den Autoen erausgelaf an d'Accidenter si virprogramméiert. A wann een da kuckt wien do steet, da gesäit een e ganze Koup Kënneger, déi engem och nach schéi Moie soen awer komplett alles verbarrikadéieren. An do ass et net einfach, wann een net mat de Leit kann zesummen de Problem léisen.

De Reaménagement vum Contournement ass am gaangen diskutéiert ze ginn. Mir hu gläichzäiteg awer och eng Iddi fir deen Îlot tëscht der Fontaine d'Olière an der Lonkescher Strooss och nei ze gestallten. Et ass - wéi et de Moment ass - net méi zäitgemëiss. D'Camionen, déi bei déi Statioun do tanke ginn, mussen egal wéi do circuléieren. Mir hunn och eng Iddi wat d'Fernlaster ubelaangt, an déi hu mer dem Minister an d'Ponts et Chaussées virgeluegt. Esou kéint ee kucke fir eventuell e Rond-point ze maachen oder e 'sens unique' deen iwwer d'Grenz eraus bis an de Rond-point Longlaville / Mont-St-Martin soll goen an dann iwwer d'Autobunn zeréck. Dat ass eng Affaire vun internationale Conventiounen, mä et miisst technesch méiglech si fir esou eppes ze maachen an domatter méi Loft a méi Openthaltsméiglechkeete fir d'Fernlaster ze kréien.

Dir hutt och Recht, datt - ausser datt vill mat de Ponts et Chaussées geschwat ginn ass - net vill markantes um Rond-point Porte de Lamadelaine ze gesinn ass. Nach viru 14 Deeg hu mer e Bréif un de Minister an un d'Ponts et Chaussées geschriwwen. No der Entrevue, déi mir am Februar mat de Ponts et Chaussées hei haten, war festgehale ginn, datt de Foussgänger géif sécuriséiert ginn. Et géife Foussgängersträifen aménagéiert gi fir op de Fussballsterrain ze goen, an esou weider. Dat war versprach ginn, mä et ass alles nach net do. Mir hunn e Rappel gemaach.

Wat de Plan local de sécurité betrëfft, esou ass d'Ëmsetzen nach laang net dat wéi d'Virstellunge sinn. De Comité de pilotage dovunner hat als Missioun fir emol verschidde Pisten opzedecken. Fir d'éischt emol déi geféierlech Punkten ze signaliséieren, ze kucke wat een direkt ka maachen a wat een duerch Reglementer ka maachen. Verschidde Saache sinn direkt geschitt an dat wäerte mer och am Ofschlossrapport dohinner leeën, an et si Saachen, déi a Reglementer wéi zum Beispill Verkéiersreglementer oder Polizeireglementer eréischt hiren Nidderschlag fannen an dann eréischt hir Wierkung wäerte weisen.

Vandalismus bleift e grousse Problem. Mir wäerte praktesch keen Dag an der Gemeng hu wou mer kee Vandalismus gesinn. A wéinstens eemol d'Woch ass et esou schro, datt mer - wéinst déckem Schued - mussen eng Plainte maachen. Dat si Saachen, déi Iwwerhand kréien, an do geet et alleng net duer mat deem, wat mir als Mëttel gesinn. Do miisst nach eppes aneschters geschéien. Éischtens Reglementer, déi mer am gaange sinn ze maachen, fir datt bei engem 'Flagrant délit' eppes kann ënnerholl ginn. Reglementer, wou et verbueden ass, datt Jugendlecher owes spéit nach op ëffentleche Plazen dorëmmer trëllen a circuléieren, a wou ee laut Reglement emol ka soen, datt se dat net dierfen. Mä och beim Kontrolléiere geet et mat der Police alleng net duer.

Dir hutt richteg geliess, datt vun 11 Millioune Rieds war. Ech hat awer do gesot, datt 11 Millioune mussen hei an der Gemeng an d'Ofwaasserentsuergung, dat heescht d'Klärung, gestach ginn. Esou mussen an deenen nächsten 4 Joer 11 Milliounen Euro an de Buedem investéiert ginn. An do wësse mer net, wat mer vu Subventioune vum Stat nach kënnen dobäikréien.

Dat Haus bei der Waxweiler Millen ass nach ëmmer ze verkafen. D'Schëld steet emol nach ëmmer do. Wat de Parking an der Géigend vun der Mille betrëfft, esou si mer do am gaangen eis Gedanken ze maachen. Mir hu mat eisem Architektebüro emol e puer Pisten développéiert, wéi mer an engem Emkrees vun 100 Meter eng 30 bis 40 Parkplaze kéinte schafen. Do hu mer e puer Piste fonnt a mer hunn déi emol ënnersiche gelooss, an déi wäerten hire Nidderschlag och am PAG fannen. Do muss ee verschidde Zones vertes remplacéieren oder kompenséieren. Mä dat schéngt denkbar ze sinn, esou datt mer de Parkingsproblem versichen ze léisen ier d'Haus funktiounsfäeg gëtt.

Beim Budget fir Kultur ginn ech iech Recht, well mer kënnen eis net mat Déifferdang vergläichen. Bei eis ass et méi d'Imaginatioun wéi deen décke Batz Suen déi zu gudde Resultater féiert.

Ech ginn iech och bei de Subside Recht, fir datt een do eng Kéier - an dat maache mer dann no deenen nächste Gemengewalen, och wa mer eis elo scho kënne Gedanken dozou maachen - d'Subsiden nach méi gerecht ka verdeelen an dat Bild kréie wat mer bei grousse Manifestatioune gären hätten. Bei grousse Manifestatioune sollen d'Veräiner massiv do sinn an net duerch verschidde Manipulatiounen - wann een dat esou ka nennen - a mat verschidde Kapen, déi verschidde Leit un hunn, awer duerno 5 Veräiner e Subsid kréien

a wou u sech ee Veräin de Subsid nëmme verdéngt hätt. Dat sinn nach Saache wou mer wëssen, datt ka gemogelt ginn. Dat ass vum Betrag hir net esou dramatesch, mä et kann een et awer méi gerecht maachen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wollt och nach e puer Äntwerten op verschidde Froe ginn. Wat 'jeux de boules' ugeet am Doihl, ass u mech perséinlech selwer nach keen erugetruede fir ze soen, datt et do net sollt klappen. Beim Titus-Terrain war den Här Welter, zesumme mat mir an eisen Techniker, op d'Plaz kucken. Mir hu gewëssen Doléance vun hinne gesot kritt. Mir sinn och verschiddenen Demanden nokomm, esou datt mer hiren Terrain beliichten a se esou kënnen owes méi laang spillen. Wou mer awer net drop agaange sinn ass déi Geschicht, datt se gären en Iwwerdaach hätten. Do geet net vun engem ganz klengen Iwwerdaach Rieds, mä vun engem méi Groussen. Mir dierfen net vergiessen, datt se schliisslech op engem alen Tennisterrain spillen, wou den Ënnergrond net deement-spriechend ass fir einfach en Iwwerdaach opzeriichten. Mä dat miisst scho ganz grouss Veränneruge mat sech bréngen, esou datt déi Bauaarbechte mat engem héije Käschtepunkt verbonne wieren. An dee wier vill méi héich ewéi d'Spiller sech dat virgestallt haten.

Et ass natierlech eng Saach, déi ee weider kann am A behalen, a wann déi finanziell Situatioun vun der Gemeng et géif an Zukunft erlaben, kéint een dat Ganzt nach eng Kéier analyséieren.

Wat elo d'Astelle vun eisem Personal ubelaangt, esou ass den Här Breyer schonn drop agaangen. Ech wëll awer trotzdem nach e Wuert dozou soen. Dir hutt gefrot, op ee bei den Astellungen net e bësse méi sozial kéint virgoen. Ech sinn der Meenung, datt mer do zimlech sozial virginn, well mir schaffe ganz enk mam CIGL zesummen, a mir hunn och elo an der leschter Zäit zwee Aarbechter vum CIGL eriwwergeholl, fir deenen eng Méiglechkeet ze ginn, fir deenen eng Chance ze ginn hei bei eis an der Gemeng kënnen ze schaffen. Dat si Leit, déi mer vun hinne recommandéiert kritt hunn an déi sech do bewäert hunn. A wann emol een drënner ass, deen eis Sprooch nach net esougutt schwätzt, deen awer ganz beméit ass fir a Coursen ze goen, dann ass dat kee Problem. Dësweideren hu mer an eisem 'Service propreté' och nach Leit geholl, déi allengerzéiend sinn. Esou datt mer awer do eise soziale Gegebenheete kënnen nokommen.

Wat d'Spillplaz vun der Ronnwiss ubelaangt, esou wäert déi am Fréijoer fäerdeg sinn. D'Commande sinn eraus an de Gäertner war haut de Mëtteg nach bei mer fir ze kucke wat do ugeplanzt gëtt. Elo iwwer de Wanter mécht et net vill Sënn fir scho Spiller dohinnerzesetzen. Mir wollte waarde bis déi grouss Aarbechte vun deem Genre 'Seniorenhotel' fäerdeg sinn a manner Betrib vun den Handwierksleit ass a fir d'Kanner net onnëtz a Gefor ze bréngen. Wéi gesot, am Fréijoer ass dat an der Rei.

Wat d'Crèche ubelaangt - et ass net d'Maison relais - esou leeft do dee Projet pilote wou mer drop ugeschwat gi sinn. Mir hate virun 14 Deeg nach déi féierend Leit aus dem Ministère hei fir eng Entrevue, an däer se eis drop higewisen hunn, datt mer mussen drop oppassen. Well effektiv ginn d'Chèques-service net a Betruecht geholl fir Kanner, déi net um lëtzebuerger Territoire wunnen. Esou datt mer einfach de Moment a Gespréicher si fir ze kucken, ob mer net mat gréisser Firmen, wéi zum Beispill dem CHEM, oder Firmen, déi bei eis am PED sinn, eventuell eng Conventioun kënne maachen, fir datt si deen Ausgläich do géife brénge wat normalerweis de Chèque-service bréngt. Mir sinn net gewëllt mat op de Wee ze goen an ze soen, datt mir auslännesch Kanner hei eranhuelen a mir als Gemeng finanzéieren dat. Dat soll net de Fall sinn. Wann dat net zustane kënnt, da sinn einfach déi 10% hifälleg, da verzichte mer och ganz gären op déi Feder- oder Interreg-Gelder déi mer dozou solle kréien. Da soll et reng fir lëtzebuerger Kanner sinn. An dat hu mer och de Leit vum Ministère gesot. Si géifen et zwar begréissen a ganz flott fanne wann deen Austausch zustane kënnt, mä mir wëllen net op dee Wee goen, datt eis lëtzebuerger Kanner sollen hannendru stoen.

Natierlech - den Här Breyer ass jo scho méi intensiv drop agaange wat am PLS geschitt - hu mer grouss Problemer mam Vandalismus hei an der Gemeng. Mir sinn net déi eenzeg Gemeng, mä dee Problem besteet landeswäit. Mir hu vläicht den Nodeel, datt mer un zwou Grenze stoussen, an datt mer dowéinst vläicht méi Vandalismus hu wéi zum Beispill Suessem, déi ëmmer erëm zitéiert ginn.

Mir hunn nach eng Kéier bei eiser Polizei nogehaakt fir datt se sollen hir Ronne méi oft maachen, datt se solle ganz oft op d'Spillplaze goen. Selbst-verständlech kënnen se net ëmmer do sinn an dofir wëlle mer dat Ganzt jo reglementéieren. An dat wäert och an enger nächster Sëtzung kommen, wou mer Pictogramme sollen hisetzen, wou mer soen, datt mer, ab enger bestëmmter Zäit owes, kee méi wëllen op de Spillplaze gesinn. An da kann d'Polizei och agräifen. Fir de Moment kënnen se dat net.

Gilbert Welter, Schäffen:

Här Brecht, ech ginn iech vollkomme Recht wann der sot, datt zu Péiteng Geschäftsstrooss net esou fonction-néiert wéi se dat soll, an datt mer e Manktem hunn u Geschäftsleit. Mä et ass eng Situatioun vun der Zäit. Mir hunn effektiv och de Wonsch, datt hei soll vill fonctionnéieren an datt et hei soll gutt klappen. Allerdéngs hu mer 4 Akafszentre ganz no bäi. Dat heescht, mir hunn een op franséischer Säit, een op belscher Säit a mer hunn een direkt hei zu Péiteng an zu Käerjeng. Dat bréngt natierlech mat sech, datt ganz vill Leit direkt dohinner ginn, well se éischtens emol e Parking hunn, deen se fräi hunn a wou se net brauchen ze fäerten e Protokoll ze kréien. Op der anerer Säit kréien se alles ze kafe wat se gäre wëlle kafen. Dat bréngt natierlech mat sech, datt vun däer Säit aus eis eege Leit quasi an esou Zentre fueren an eise Geschäftsleit dann natierlech deen Ëmsaz feelt.

Et kënnt awer nach en zweete Problem dobäi, an dat ass dee vun der ablécklecher Krisenzäit. Déi Leit, déi eventuell wéilten e Geschäft ufänken, hunn eventuell Problemer fir - wéinst deem Risiko, deen haut besteet - iwwerhaapt op der Bank Sue geléint ze kréien. Domatter hu mer dann och e Minus vu Leit, déi sech wéilten engagéieren, well dat kascht alles haut deier. Dobäi kënnt och nach, datt - wann een eng Organisatioun wëll hei lancéieren - eis Geschäftsverbänn net méi esou déck besat sinn, an déi och nëmme méi mat e puer Leit do stinn an och hir grouss Manifestatiounen net méi quasi alleng iwwer d'Bühn kréien. Esou ass zum Beispill de Péitenger Syndicat d'initiative mat agespronge fir mam Péitenger Geschäftsverband de Chrëschtmaart op d'Been ze setzen. Do sinn eng ganz Rei Problemer, an et wäert och net esou sinn, datt mer déi an nächster Zäit an deem Sënn geléist kréien. Allerdéngs fannen ech et wichteg, an ech kéint mer et virstellen, datt d'Zukunft et ausweist, datt d'Gemeng, respektiv de Syndicat d'initiative ëmmer méi an esou Organisatioune wäert mat eraklammen. Ech kéint mer virstellen, datt an enger halwer Doze Joere mir vläicht mat am Boot sëtze fir eng Braderie ze organiséieren. Mä et ass op jiddwer Fall de Moment ganz schwiereg.

Zum Boulodrome zu Rodange wollt ech nach soen, datt 2006 d'Elektrescht

vum Fussballsterrain eriwwergezu ginn ass. Ech hunn och weider keng Doléance kritt.

Et ass och an der Diskussioun, datt hei zu Péiteng och soll e Boullen-Terrain entstoen. Mir hu scho mat Fachleit geschwat - wéinst der Gréisst, an esou weider - well mer deen iergendwéi an den Zentrum wëlle setzen. Dat sinn och Saachen, déi wahrscheinlech an nächster Zäit wäerte kommen.

Guy Brecht (LSAP):

Et kéint ee vläicht eng Kéier zu deene Leit soen, datt se sech sollen eng Entrevue froen. Well si hunn effektiv massiv Problemer am Doihl.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass vläicht elo e bësse virgegraff ginn, mä ech hunn e Bréif krut virun 3 Wochen, datt se gären eng Entrevue mat mir wëllen. Ech hu se op d'Ursaach ugeschwat, mä déi hunn ech net matgedeelt kritt. Elo kann et awer sinn, datt dat doten d'Ursaach ass. Et wonnert mech zwar, datt - wa se e Bréif schécken - net soen ëm wat et geet. Well wann et dat ass, dann ass éischter d'Madame Conter zoustänneg. An ech hat den Här Feller ugeschwat fir hien ze froen ëm wat et geet, mä hie wollt mer et net soen an hien hätt gären eng Entrevue. Ech hunn him awer gesot, datt et eréischt 2010 méiglech wier well mer elo Budgetszäit hunn, an hien huet och gesot, datt et bis uganks 2010 Zäit hätt.

Da sot der, datt d'Awunner am Nidderkeurer Spidol weider gären e gudden Déngscht wëllen. Do ginn ech iech Recht an ech géif mengen, datt déi Fusioun mam CHEM, mat Diddeleng, Esch an Déifferdang héchstens eng Plus-value wäert ginn. Sécherlech sinn am Ufank nach Problemer bis een déi ganz Saach zesummegefouert huet. Dat ass bei all Fusioun de Fall. Mä duerch de Fait, datt mer elo als e grousst Spidol, dat déi 3 Unitéiten zesumme regruppéiert, optrieden als dat gréisst Spidol am Land, bréngt eis awer Ouverturen, an dat och um Niveau vum Minsitère de la santé. Well do kann een elo aneschters argumentéiere wéi wann een dat als 3 eenzel Spideeler mécht, an eis éischter nach Konkurrenz gemaach hunn. Alleng de Fait, datt mer elo zesummen optrieden huet dozou gefouert, datt grouss Diskussioune sinn. Et gëtt esouguer vun engem ganz groussen Investissement an deenen nächsten 10 Joer geschwat. Et kann een dovunner ausgoen, datt hei Süden an d'Spidolswiesen investéiert gëtt, well en Nohuelbedarf besteet. Den Dr Nathan seet et net dacks genuch, datt mer besonnesch vis-à-vis vum Zentrum benodeelegt sinn. Well am Süde wunne ganz vill Leit. An do si mer am gaangen ze kucken, datt mer hei am Süden e Spidolswiese kréie wat däer Populatioun, déi hei ugesidelt ass, och gerecht gëtt.

An ech sinn och der Meenung, datt - duerch de Fait, datt mer elo zesummen optrieden - et däer Saach wesentlech méi déngt wéi déi negativ Säiten, déi sécherlech och duerch eng Fusioun entstinn. Sécherlech ginn et Problemer an dir hutt dat och virun 6 Méint ugeschwat. Rezent huet nach ee mech op esou ee Problem ugeschwat. An ech wäert op jiddwer Fall um Ball bleiwe fir bei der Direktioun ze intervenéieren an ech kann iech och vergewësseren, datt ech ëmmer e Feedback kréien. Ech kréien ëmmer gesot, wat geschitt ass a wat lass war a wat se maache fir Problemer ze léisen. A wa mer nach e bëssen Zäit vergoe gelooss hunn, dann hu mer déi 3 Spideeler op dee Punkt bruecht, datt se zur vollster Zefriddenheet vun eise Bierger agéieren.

Wat de Punkt vun der Agora ubelaangt, esou muss ech soen, datt et eis näischt kascht huet. D'Agora huet eis näischt kascht, wougéint de Grand-Bis eis eppes kascht huet. Beim Grand-Bis hu mir selwer déi Etude gemaach. Ech sinn och traureg, datt d'Agora net virugeet. Et as zwar elo erëm en neie Moment komm beim Terrain, deen zu engem Deel der Agora gehéiert an deen aneren Deel enger anerer Firma gehéiert. Do kann duerch Ierfschaften e Changement kommen. Déi musse jo mat der Aktivitéit op deem Site ophalen a si miissten u sech och dee Site do sanéieren. Mir waarden elo drop, datt do eventuell eppes geschitt. Ech sinn awer och permanent am Kontakt mat der Agora. Ech wëll net soen, datt si vu virera soen, datt se näischt méi do maachen. Si sinn interesséiert eppes do ze maachen, mä et sinn awer nach e puer Hürden ze huelen ier eppes do geschitt.

Beim Grand-Bis hunn ech awer eng Hoffnung, datt mer eng Kéier do ukommen. Mir hunn erëm intervenéiert. Mir wëssen, datt den Economieminister nëmmen drop aus ass fir datt dee Projet eppes gëtt. Do ginn Aarbechtsplaze geschaf. Da bréngt wuel net direkt eppes an eis Gemengekees, mä mir hunn awer Aarbechtsplazen op eisem Site, wat jo awer och e positiven Effet ass, well d'Leit och kënnen do schaffe wou se wunnen. Dat bréngt en Avantage fir eng Rei vu Betriber a fir Leit déi do schaffen. Et bréngt och eng Rei Avantage fir Betriber, déi fir de Moment hei ugesidelt sinn a sech net méi kënnen ausdehne well so op deene Plaze keng Méiglechkeete méi hunn. Déi kéinten dohinner goe fir hire Betrib weider ze vergréisseren. Et ass also vu generellem Intressi, datt et eppes aus dem Grand-Bis gëtt. Den Economiesminister ass Demandeur fir datt et séier virugeet. Am Plan sectoriel ass déi dote Zone - bei de Zones économiques, als eng vun deene gréisseren hei am Süde virgesinn. Mir hänken awer de Moment nach ëmmer um Ekologeschen. Mir hänken un enger Rei Sanéierungsmesüren, déi mer op deem doten Terrain musse virhuelen. Mir hunn elo zwou Étude virleien, déi mir als Gemeng erëm eng Kéier bezuelt hunn, a wou déi eng 1 Milliounen an déi aner 25 Milliounen Euro kascht. An et ass elo um Ministère de l'Environnement fir ze soen, op déi eng oder déi aner gemaach gëtt. A wann déi mat 25 Millioune soll gemaach ginn, da kënne mer de Projet definitiv zoumaachen. Wa mer eis awer kënnen op déi aner eenegen, bei däer e bësse méi zoubetonéiert gëtt an déi 1 Millioun kascht, dann ass et dran an et ass och an deem Sënn mam Economiesministère ofgeschwat. Well da bedeelege si sech a mir och nach zu engem Deel un deene Sanéierungsaarbechten an dann hu mer de Projet stoen. Spéiderhi wäerte mer datoch vun de Locataire erëm kënne récupéréieren.

Mir sinn alleguerten drun interesséiert fir datt eppes aus deem Projet gëtt. Mir waarde just nach op den Accord vum Ëmweltministère an ech hoffen, datt mer deen an deenen nächste Woche wäerte kréien. Net datt mer d'nächst Joer op dëser Plaz erëm mussen iwwer dat selwecht diskutéieren. Well soss proposéiere mer eng Kéier dem Gemengerot fir dee ganzen Dossier zouzemaachen an dem Stat eng Rechnung iwwer 400.000 € ze schécken. Well dat huet et eis bis elo kascht.

Da wëll ech nach op déi Saach mat den Natiounen agoen. Ech gesinn et net als groussen Désavantage, datt mer esouvill verschidden Natiounen op eisem Territoire hunn. Mir hunn 77 Natiounen an 45 % Net-Lëtzebuerger. Mä och déi vill Natiounen an déi vill interkulturell Aktiounen déi bestinn, si jo awer och e Räichtum fir eis Bierger. Ech géif och net mengen, datt déi héich Zuel vun Natiounen en terribel grousse Problem um Niveau vum Zesummeliewen tëscht deenen eenzelne Bierger duerstellt. Well ech stelle fest, datt och emol e gréissere Problem tëscht zwee Lëtzebuerger besteet, déi net als Noperen eens ginn.

Et muss een awer soen, datt verschidde südlännesch Nationalitéiten e bësse méi 'bruyant' sinn. Si hunn och vläicht eng aner Aart a Weis fir ze liewen a méi dobaussen ze liewen. Dat stéiert vläicht deen een oder aneren. Mä wa jiddereen e bësse Versteesdemech géintiwwer deem aneren huet, da miisst d'Zesummeliewe klappen.

Ech hunn natierlech keen Afloss drop, datt keng Net-Lëtzebuerger méi an d'Péitenger Gemeng wunnen dierfe kommen. Och de Schäffen- a Gemengerot huet deen Afloss net. Dat eenzegt, wat mer awer wëlle maachen, ass, datt mer eng Rei Initiative geholl hunn. Mir wëllen net méi, datt Leit an eenzelne klengen Zëmmeren doruechter wunnen. An do kommen natierlech Konflikter op, wann een op enkstem Raum ganz vill zesummelieft an net vill ze dinn huet. A mir hunn op ganz ville Plazen aus esou Zëmmeren Appartementer gemaach, fir eben - esouwäit et méiglech ass - déi Problemer aus der Welt ze schafen.

Virun enger Woch war nach een hei, deen nach Zëmmere wollt bäimaachen. An do koum e kloeren Nee vun eiser Säit. An do hale mer ganz stricte un eisem Bautereglement fest, datt all Zëmmer muss seng Sanitäranlagen hunn an datt eng propper Situatioun besteet.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hat nach vergiess op dat ominéist Spill ze äntweren, dat meng Virgängerin nach bestallt hat. Dat Spill ass an der Tëschenzäit opgeriicht an et steet op der Spillplaz nieft der Liberatiounsplaz.

A fir nach just eng kleng Klamer opzemaachen - zu deene villen Auslänner, déi bei eis an der Gemeng wunnen - wëll ech soen, datt mer an der Auslännerkommissioun, wou gutt Aarbecht geleescht gëtt - keng speziell Problemer matgedeelt kritt hunn. Wat d'Gebuerte uginn, esou muss een och oppassen. Well do stinn nach ganz oft auslännesch Nimm, mä an der Tëschenzäit si scho vill Leit vun deene Lëtzebuerger.

Guy Brecht (LSAP):

Firwat sinn ech op dat Thema komm, iwwer déi verschidde Kulturen a Gebräicher? Et ass e Film iwwer den Internet gelaf vun enger Schächterei hei an der Gemeng. Do huet ee privat gefilmt, an dat sinn esou grausam Biller déi ech kengem wëll zoutrauen. Dat ass hei an eiser Gemeng gefilmt ginn. Doduerch hunn ech dat Thema hei ugeschnidden.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech géif alleguerten déi, déi un dësem Budget geschafft hunn, dem Schäfferot mat un der Spëtzt dem Buergermeeschter Pierre Mellina, wéi och de Beamten, Merci soen.

Et kéint ee bal d'Ried eraushuele vun deem Joer virdrun a soen, datt et e Budget ass, dee mat Virsiicht opgestallt an der Kris ugepasst ass. Aner Gemenge beneiden d'Péitenger Gemeng - bis op e puer Ausnamen - wéinst dem Iwwerschoss dee mer am ordinäre Budget fäerdegbréngen. Deen Iwwerschoss ass awer net vun Näischt zustane komm. Dat gesäit ee jo un däer ganz minimaler Oppositioun déi bei deem heite Budget besteet. Bei deene puer iwwerflächleche Remarken kann een net vun Oppositioun schwätzen. Dat ass ëmmer e gutt Zeeche fir e Budget.

Wat ass an deem Budget hei festzestellen? Eis Bankscholde sinn e gutt Stéck erofgaangen. Pro-Kapp-Verschëldung ass selbstverständlech dann och erofgaangen. Wichteg ass awer ze soen, datt et dee sechste Budget ass, deen ouni Emprunt fonctionnéiert. Dat ass schonn en Zeechen. Säit dem Joerdausendwiessel gouf eng aner Politik ageschloen, a kuerz drop konnten aner Zuele geschriwwe ginn.

Dat konnt een och beim HPMA gesinn. An haut hu mer do d'Zuelen op der anerer Säit am Budget stoen. Soss hu mer eis ëmmer geschuddert a gehofft, datt et net wäert ze schlëmm gi beim Opstelle vum Budget. Well et wosst een net watfir eng Hiobsbotschaft erëm vun Nidderkuer kéim.

Et ass och gesot ginn, datt mer eis solle Gedanke maachen iwwer d'Schoulen. Och virun deem Joerdausendwiessel hu sech d'Leit - déi dunn um Rudder waren - net esouvill Gedanke gemaach iwwer d'Schoulen. Déi lescht Joeren ass beträchtleche Schoulraum geschafe ginn. Dat muss ee wierklech ervirsträichen, ouni d'Maisons relaisen, d'Kantinnen an d'Crèchen ze vergiessen. Déi Wieder sinn et virdrun net ginn.

Vu menger Säit aus an als Fraktiounssprecher hu mir kee Problem fir mat dësem Budget averstanen ze sinn. Et muss ee just dat, wat um Pabeier steet, och an d'Wierklechkeet ëmsetze kënnen. An do si mir als Gemeng net alleng verantwortlech dofir, mä do si mer och vum Stat ofhängeg.

Fir mech perséinlech ass et schwéier, fir als Majoritéitspolitiker nach eppes zu dësem Budget bäizefügen, ëmsou méi no der ausféierlecher Presentatioun vum Schäfferot de leschte Freideg. De Schäfferot war mat sengem Réckbléck a senger Aussiicht esou detailléiert, datt et mech net wonnert, datt och eng Oppositioun keng Upak fonnt huet. A fir eis aner ass et schwéier fir sech politesch an Evidenz ze stellen, esou wéi déi Leit aus dem Schäfferot et gemaach hunn. Et ass ganz schwéier fir e Majoritéitspolitiker do nach iergendwellech Saachen erauszepicken, well soss fänkt een un Oppositioun ze maachen. An dat wëll ee jo net, wann d'Oppositioun se selwer net mécht. Dofir soen ech dem Schäfferot an deene Leit nach eng Kéier Merci, déi dat Dokument hei gemaach hunn. A mir wäerten och dëse Budget positiv stëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn dem Här Rosenfeld Recht, datt mer op engem gudde Wee sinn. Mir hunn dat relativ am Grëff a wann an deenen nächste Joeren, wann d'Situatioun méi schaarf an nach méi schlecht sollt ginn - dat ass net auszeschléissen - hu mer nach e bësse Loft fir ze ootmen. An do wäerte wahrscheinlech anere Gemengen éischter d'Loft ausgoe wéi der Péitenger Gemeng. An et war och en Zil wat mer eis gesat hu fir och a schwieregen Zäiten nach ëmmer dat eent oder anert Investissement kënnen ze maachen. An dat bedéngt, datt - wa mer en Investissement maachen - mer et esou maachen, datt déi Nofolgenkäschten net weider klammen an eis erdrécken. An dofir mussen esou Projete wéi d'Millen oder de Keelenzentrum duerno esou ausgeriicht sinn, datt se nëmme minimal Effekter op eis ordinär Ausgaben hunn. Well wann dat ufänkt eng wahnsinneg Charge op eis ordinär Ausgaben ze kréien, da kréie mer eis Schwieregkeeten. An dofir droen déi Beispiller - déi ech genannt hunn, dozou bäi, datt mer kulturell a sportlech Aktivitéiten an eis Gemeng kréien, ouni datt et eis an de lafende Käschten erdréckt.

An an däer Hisiicht solle mer och virufueren a mer solle virukucke fir an déi Richtung ze schaffen, datt mer all kéiers déi Saachen am A behalen. An da behale mer och deen Iwwerschoss, dee mer fir zukënfteg Investissementer wëllen hunn.

Séance publique du 18 décembre 2009

Durée de la séance: *14.00 à 17.15 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel
   - 1.1. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à tâche partielle et à durée déterminée pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
   - 1.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à tâche partielle et à durée indéterminée pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
   - 1.3. Nomination d'un employé communal (m/f) à durée indéterminée pour les fonctions d'huissier - décision.
   - 1.4. Promotions de deux fonctionnaires - décisions.
2. Enseignement musical: classement d'une chargée de cours - décision.

Séance publique (début:14.30 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Règlement général des tarifs: adaptation du prix de l'eau - décision.
   - 4.2. Allocation de vie chère pour l'eau aux personnes à revenus faibles - décision.
   - 4.3. Hôpital Intercommunal Princesse Marie-Astrid - clé de répartition à appliquer entre les trois communes membres lors de la mise en liquidation et notamment des actifs du syndicat - décision.
   - 4.4. Titres de recettes: déclarations diverses.
   - 4.5. Décomptes des travaux extraordinaires
     - 4.5.1. Extension et modernisation de l'hôtel de ville - approbation du décompte.
     - 4.5.2. Agrandissement et transformation du bâtiment administratif - approbation du décompte.
     - 4.5.3. Equipement des bureaux du service de l'animateur culturel régional à Pétange - approbation du décompte.
     - 4.5.4. Travaux d'aménagement et de rénovation des toitures de l'école de musique - approbation du décompte.
     - 4.5.5. Réaménagement de la place à côté de l'école primaire à Lamadelaine - approbation du décompte.
     - 4.5.6. Remplacement du revêtement du sol dans deux salles dans la maison de la culture « A Rousen » - approbation du décompte.
     - 4.5.7. Remplacement de la chaudière dans l'ancienne maison « Louis Nicolas » à Rodange - approbation du décompte.
     - 4.5.8. Réfection partielle de la menuiserie extérieure du bâtiment de l'éducation différenciée - approbation du décompte.
     - 4.5.9. Installation d'une détection d'incendie au centre de loisirs de Lamadelaine et au centre culturel de Rodange - approbation du décompte.

4.5.10 Renouvellement de l'éclairage public dans la rue de l'Eglise à Pétange - approbation du décompte.
4.5.11. Renouvellement des infrastructures dans la rue Charlotte à Rodange - approbation du décompte.
4.5.12. Renouvellement des infrastructures au lieu-dit « A la Siole » à Rodange - approbation du décompte.
4.5.13. Renouvellement des infrastructures dans la rue de la Fontaine à Rodange - approbation du décompte.
4.5.14. Renforcement hydraulique et renouvellement de la canalisation et du déversoir de la rue Aloyse Kayser à Pétange - approbation du décompte.
4.5.15. Travaux d'assainissement des canalisations dans différentes rues de la commune - approbation du décompte.
4.5.16. Extension du réseau de l'antenne collective de télévision dans les nouveaux lotissements - approbation du décompte.
4.5.17. Mise en souterrain d'une partie du réseau de l'antenne collective de télévision - approbation du décompte.
4.5.18. Mesures d'apaisement du trafic dans diverses rues de la commune - approbation du décompte.

5. Personnel: Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.
6. Propriétés: Convention, avec le Centre d'Initiative et de Gestion Locale de Pétange (CIGL), pour la réalisation d'un jardin solidaire et l'exploitation d'une épicerie solidaire à Pétange - approbation.
7. Prévisions sociales
   7.1. Aides au Tiers Monde - formation de dirigeants communautaires dans les provinces de Sucumbios et Orellana en Ecuador - décision.
   7.2. Aides au Tiers Monde - mise en place et gestion d'un fonds d'appui aux initiatives rurales (FAIR) au Mali - décision.
   7.3. Aides au Tiers Monde - aide au développement - allocation d'un subside à l'association « Nouvelle PNP » asbl - décision.
   7.4. Avenant, à la convention des Maisons Relais de 2009, pour l'organisation des activités de vacances - approbation.
8. Environnement: Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA): programme d'action pour l'exercice 2010 - approbation du devis et des plans.
9. Vie associative
   9.1. Octroi d'un subside spécial au « Photo-Club Pétange » - décision.
   9.2. Octroi d'un subside spécial à l'Harmonie Municipale de Pétange - décision.
   9.3. « Tuning Club de la Commune de Pétange » - nouveaux statuts.
   9.4. « Luxembourg Model Management » asbl - statuts.
10. Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.
   10.1.1. Remplacement de la menuiserie extérieure de l'école « Neiwiss » à Rodange - approbation du devis.
   10.1.2. Remplacement de la menuiserie extérieure des locaux de l'Harmonie Municipale et de la Chorale de Pétange - approbation du devis.
   10.1.3. Remplacement de la menuiserie extérieure du bâtiment hébergeant les services techniques - approbation du devis.
   10.1.4. Remise en état de deux terrains de squash au centre sportif à Pétange - approbation du devis.
   10.1.5. Travaux de rénovation à la piscine couverte à Pétange - approbation d'un devis additionnel.
   10.1.6. Fourniture et mise en place d'une nouvelle centrale de détection d'incendie à la Maison des Jeunes à Rodange - approbation du devis.
   10.1.7. Fourniture et mise en place d'une nouvelle centrale de détection d'incendie pour l'ancien bâtiment des sapeurs-pompiers à Pétange - approbation du devis.
   10.1.8. Elaboration d'un diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune de Pétange - approbation du devis.
   10.1.9. Acquisition et déplacement du poste de transformation au niveau de la rue Pierre Hamer à Pétange - approbation du projet.
   10.1.10. Travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation du devis.
   10.1.11. Construction d'un réservoir d'eau au « Herbstberg » à Pétange - approbation du projet.
   10.1.12. Etude et réalisation pour la sécurisation de la circulation autour des sites scolaires - approbation du devis.
   10.1.13. Installation d'une signalisation lumineuse au croisement de la route de Longwy avec le chemin de Brouck à Rodange - approbation du devis.
   10.1.14. Abaissement des bordures de trottoirs aux abords des passages pour piétons dans la commune - approbation de devis.
   10.1.15. Acquisition de nouveau matériel de signalisation - approbation du devis.
   10.2. Votes du budget rectifié de 2009 et du budget de l'exercice 2010 - décisions
11. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1. + 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à tâche partielle et à durée déterminée pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine.

A été nommé: Ben Reichling de Lamadelaine.

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) à tâche partielle et à durée déterminée pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine.

A été nommée: Pierrette Koziol de Rodange.

Nomination d'un employé communal (m/f) à durée indéterminée pour les fonctions d'huissier.

A été nommée: Dolphy Clees, épouse Masutti, de Pétange.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Néant

4.1.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: adaptation au prix de l'eau – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir Damen an dir Häre. Mer hate scho bei der Presentatioun vum Budget drop higewisen – an d'Zeitunge sti voll déi lescht Zäit iwwer d'Problematik vum Waasser- a vum Ofwaasserpräis -, datt d'Waasserrahmegesetz existéiert an et europäesch Direktive ginn, déi anzehale sinn. An der Circulaire vum zoustännege Minister geet jo och Rieds vun engem „prix vérité", deen erauskënnt. An dat no dem Prinzip vum „consommateur-pollueur", also dem Verbraucherprinzip, esou wéi mer en och schonn an aner Beräicher hunn ewéi beim Müll. Mär haten och schonn ugedeit, datt mer mussen an d'Luucht goe fir deene Richtlinne gerecht ze ginn. An enger éischter Approche, déi mer deelweis mat dem Siach zesumme gemaach hate fir de Präis festzeleeën – opgronn vun engem Questionnaire vum Inneministère – si mer op e Gesamtwaasserpräis mat den Taxen (taxe de rejet, taxe de prélèvement), déi och scho mussen dra virgesi ginn, vun 5,17€ pro Kubikmeter komm. Dat war déi éischt Approche. Wa mer déi applizéiert hätten, da wier de Präis duebel esou héich gewiescht wéi mer dat elo hunn.

Mer hunn dann nach eng Kéier d'Richtlinne vum Waasserrahmegesetz nogekuckt, an do si verschidde Variablen dran, déi een emol muss kucken an déi een och net direkt muss ganz ëmsetzen. Do si gewëssen Amortissementer vun Anlagen, déi scho bestinn, déi net onbedéngt mussen direkt do stoen. Mer hunn nach eng Kéier nogerechent a mer sinn da schlussendlech op déi Propositioune komm, déi mer elo wollten op den Dësch leeën. Dat ass, an eiser Siicht, deen ënneschsten Niveau vun deem, wat mer musse maachen. Drënner hätte mer net kënne goen, well da wiere mer net méi mat de Richtlinnen, mat de Parameteren an der Rei gewiescht. Et muss ee kucken, wéi d'Evolutioun elo an deenen nächsten zwee Joer virugeet, well do huet de Minister sech an senger Circulaire déi Méiglechkeet opstoe gelooss, datt d'Gemengen emol solle kucke wéi d'Evolutioun effektiv geet, wéi de Verbrauch effektiv ass an och wéi d'Gewunnechte vun de Leit sech änneren. An da géif een no zwee Joer definitiv d'Fakten op den Dësch leeën a soen, datt mer konform si wat déi Richtlinnen uginn. Wa mer eis haut esou kéinte verstoen, da kéime mer op dës Propositioun: beim Waasserpräis hu mer eng variabel an eng fest Tax dran. Déi variabel Tax ass 1,75€ plus 3% TVA. Dat géif dann effektiv 1,80 € ginn, wat ze bezuele wier a wou d'Taxe de prélèvement schonn abegraff ass. Dobäi kéim dann eng Taxe fixe, déi pro Compteur a pro Mount ze bezuele wier, an déi géif beim normalen ¾ Zoll Duerchmiesser 7 Euro plus TVA, dat heescht 7,21 Euro erginn. Déi aner Diametere géifen deementspriechend och méi héich ginn. Mir hunn awer hei an der Gemeng praktesch nëmmen ¾ Zoll Leitungen, an dat sinn 6.005 Compteuren, déi dorënner falen. Mir hunn der 102 déi ënner déi zweet Kategorie falen a 40 Stéck déi an den 1,5 Zoll falen. Dat sinn u sech gréisser Industrien, déi dorënner falen. De Gros vun eiser Populatioun bezilt déi klengsten Tax vun 20 mm.

Donieft kënnt nach d'Taxe d'épurement an d'Taxe d'assainissement ass op 1,65 € proposéiert. Dat ass déi selwecht Tax an alle 4 Kordallgemengen. Do ass keng TVA drop an do kënnt awer all kéiers eng Redevance fixe vun 5,66 € HTVA pro Compteur dobäi.

All déi Baueren, déi mer an der Gemeng hunn, an déi eventuell Waasser brauche fir Abreuvoiren oder Zären, déi kënnen eventuell vun däer Ofwaassertax entbonne gi wa se eng Demande un de Schäfferot maachen a wa se een extrae Compteur installéieren op deene Plazen. Well si schëdden net onbedéngt an d'Kläranlag of.

Dat sinn déi Saachen déi mer dem Gemengerot wollte proposéieren. Beim Punkt hannendru wollte mer dann och iwwer de sozialen Aspekt dovunner diskutéieren, fir deene Leit e bëssen ënner d'Äerm ze gräifen, déi eventuell ënner der Augmentatioun vum Waasserpräis géife leiden.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech eng gutt Saach, datt mer mussen de Prinzip vum 'pollueur-payeur' aféieren. Et ass natierlech och eng gutt Saach, datt d'Leit doropper berechent gi wat se verbrauchen. Wat ech net esougutt fannen ass, datt d'Taxe fixe fir alleguerten d'Leit déi selwecht ass. Do kéinte mer higoen an déi Tax och staffelen, esou wéi mer de Waasserverbrauch staffelen. Esou datt net all Mënsch déi selwecht fix Tax muss bezuelen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et kann een natierlech aner Méiglechkeete virgesinn. Mä et gëtt ëmmer méi komplizéiert. De Moment hu mer eng Taxe fixe déi baséiert ass op eng Hypothese, datt praktesch 20 Euro pro Awunnergläichwäert verbraucht gëtt. Dat heescht, e Stot mat zwee Erwuessenen an 2 Kanner déi wäert ongeféier 80 Euro Einwohnergleichwert verbrauchen. Dat sinn awer elauter Suppositiounen. Wa mer dat awer elo genee wëlle rechnen, da musse mer wierklech en Tarif maachen, dee vläicht 6.000 Mol changéiert an deen 6.000 Varianten huet. Well et ass keen d'selwecht wéi deen aneren. Esou kéint ee sech froen, ob e Stot zum Beispill 2 Grousser an zwee Kanner ass oder nëmmen eng Persoun alleng. Ass déi di ganzen Zäit doheem? All déi Variante sinn denkbar, mä et muss een och kucke wéi een se praktesch kann uwennen. Net datt mer an enger Onmass vu Berechnungen ënner ginn.

Hei ass elo emol eng Linn gesat ginn, déi mer kënnen applizéieren. Mir hätten och kënnen zum Beispill eng Mensualitéit vun de Primë maachen. Alles dat ass denkbar, mä de Moment kënne mer dat nach net maachen. De Moment miisste mer all Mount 6.000 oder 7.000 Rechnungen erausschécken. Wa mer dann dee Coût dovunner nees dobäirechnen, dann huet dat och nees en Afloss op de Waasserpräis. Dofir muss een ëmmer kucke watfir Critère sënnvoll si fir mat eran ze huelen, an déi einfach ze verstoen an einfach ëmzesetze sinn. Et leeft wahrscheinlech mat der Zäit doropshin, datt mer ëmmer méi no un d'Wouerrecht erukommen. Mä doduerch wäert awer d'Taxe fixe wahrscheinlech nach eng Kéier an d'Luucht goen. Well mir hunn och Leit an der Gemeng, déi 6 Méint vum Joer fort sinn an déi praktesch näischt verbrauchen, a wou déi heiten Tax wahrscheinlech ze kleng ass. Dofir huet de Minister jo och gesot, datt mer dat heiten elo emol 2 Joer laang ulafe loossen an 2012 solle mer dat Ganzt nach eng Kéier iwwerkucken an op Gronn vun de Resultater déi definitiv Tax festhalen.

Mat deenen Taxen, déi mer elo haut proposéieren, hu mer schonn eng Rei méi Tariffer wéi virdrun. Virdrun hate mer 1 Euro fir de Compteur an elo hu mer 5 Tariffer pro Compteur. An et gëtt ëmmer méi komplex an der Verrechnung.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et wäer awer vill méi gerecht wann een d'Taxe fixe no deene Leit, déi an engem Haushalt wunnen, kéint staffelen, oder nom Verbrauch vum Stot. Et wier u sech méi gerecht, well déi Taxe fixe ass an eisen Aen ongerecht.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn d'Taxe fixe elo op de Compteur gemaach. Wa mer elo géifen higoen a mer géifen se op de Stot setzen an och méi d'Zesummesetzung vum Stot kucken, a wann ee weess, datt d'Zesummesetzung vun engem Stot dach relativ oft wiesselt, da mussen ëmmer erëm nei Parameteren agesat ginn.

Bei der Müll hu mer och eng Taxe fixe, déi net der Zesummesetzung vum Stot Rechnung dréit. Do gëtt d'Taxe fixe och pro Dreckskëscht opgehuewen. Do kéint een also och déi selwecht Iwwerleeung féiern.

Et ass nach Loft dra fir ze diskutéieren. Mä mir mussen awer och zesumme mat der Verwaltung kucke wéi mer et praktesch kënnen ëmsetzen. A wéi séier mer et kënnen ëmsetzen. Mir wëllen den 1. Abrëll erausgoen, mir musse Liesunge maachen a mer musse Parameteren hunn déi wierklech fest sinn, net datt d'Leit soen datt se dat bëllegt Waasser verzaapt hunn an net dat deiert. Déi Diskussioune kréie mer dauernd an et muss ee kucke wéi séier een ukënnt a wéi no un der Wouerecht, datt een ukënnt.

Mir sinn iwwerzeegt, datt nach aner Berechnunge méiglech sinn. Mä et muss een och kucke wéi komplizéiert se sinn a wat dat erëm vu Käschte mat sech bréngt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn déi Taxe fixe an déi Tax mécht nëmmen 10 bis 15% vum ganze Käschtepunkt aus. Dat heescht 85% gëtt schonn op de Verbrauch geluegt. An déi 10 bis 15%, wa mer den Diameter vun der Auer kucken, ass och beaflosst duerch de Verbrauch. Well wat de Verbrauch méi grouss ass, wat wahrscheinlech de Compteur och méi grouss gëtt.

Da muss een awer och soen, datt an deene Fraise vum Kanal a vum Waasser och eng Rei Fraisen dra sinn, déi fixe sinn. Op ee Waasser doduerchlafe léist oder net, déi Fraise sinn do. A wann een dat géif richteg huelen, da miisst déi Taxe fixe 90% sinn an déi variabel Tax 10%. Wann een et wéilt komplett gerecht maachen. Well d'Installatioun ass dat, wat am deiersten ass. Eng Kläranlag muss do si pro Haushalt deen do ass, ob se gebraucht gëtt oder net. Well wa se gebraucht gëtt, da muss se och do sinn. An dofir sinn ech der Meenung, datt dat heiten eng Léisung ass, déi sécherlech net zu 100% bei der Wouerecht läit, mä ech fäerten - wa mer d'Wouerecht wëllen ganz mat afléisse loossen - da geet et just an déi aner Richtung. Well da musse mer deen Deel, dee fixe ass an deen amortiséiert gëtt, verrechent ginn, an dat géif beim Waasserpräis dee gréissten Deel ausmaachen.

Roland Breyer, Schäffen:

A mer miissten och eist ganzt Waasserreglement ënner d'Lupp huelen. Well mer hunn an den Diskussioune mat den Nopeschgemenge gemierkt, datt mir anescht verfuere wéi zum Beispill d'Déifferdenger Gemeng. Well zu Déifferdeng gëtt et fir en Appartementshaus ee Compteur mat enger 'distribution interne'. Bei eis an der Gemeng muss all Stot säin eegene Compteur hunn. Et miisst een emol ofweie wéi et do mat der Gerechtegkeet ass, wat d'Part fixe an d'Part variable betreffen. Do kann een och nees erëm Diskussiounen driwwer féieren. Et ass vill méi einfach fir eis, wa mer nëmme brauchen ee Compteur ofzeliesen an d'Leit musse sech ënnereneen eens ginn. Da muss de Gérant oder de Syndic alles verrechnen. Op dat awer am Endeffekt méi bëlleg fir de Client gëtt, ass eng aner Fro. Et gëtt vläicht manner Taxe fixe, mä den Diameter vum Compteur geet awer erop.

Dofir muss ee kucken, a wéi eng Richtung ee wëll goen. An et ass och gutt, datt déi 4 Gemengen zesummen diskutéiert hunn an Erfahrungwäerter ausgetosch hunn. Et ass fir all Mënsch Neiland. Wann een d'Artikele liest vun anere Gemeng, da miisst de Waasserpräis bei 10 Euro leien, an dat ass jo net méi ze bezuelen. Dofir muss ee versiche fir e Mëttelwee ze fannen. Ass et esou, datt d'Leit duerch deen neie Waasserpräis och Waasser aspueren, da musse mer alles erëm nei rechnen. Well da changéieren d'Parameteren erëm alleguerten. Mir ginn dovunner aus, datt mer de Moment 1 Millioun Meterkipp Waasser akafen an datt mer ronn 850.000 Meterkipp nees ofschëdden.

Wann elo vill Leit beim Bauen eng Installatioun virgesi fir Reewaasser ze notzen, an de Compteur bleift nach ëmmer d'selwecht, solle mer déi da belounen oder bestrofen.

Et muss een awer soen, datt et mat dësen neien Taxe scho méi gerecht ass wéi et virdru war.

John Polfer (CSV):

Et ass elo scho vill gesot an erkläert ginn. Wann een d'Erhéijung vum Waasserpräis an anere Gemeng kuckt, dann ass bei deenen engen d'Erhéijung vun der Taxe fixe ganz héich an de Waasserpräis gëtt nëmme minimal gehuewen, oder et ass ëmgekéiert. Mir wëssen, datt et elo nach grouss Ënnerscheeder vu Gemeng zu Gemeng ginn. Dat huet och sécher seng Ursaachen. Mä eise Stat - deen esou besiess op déi Erhéijung an Ëmsetzung vun deen Bréisseler Direktiven ass - hätt och kënne méi Ureegunge ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

De Minister dreemt nach ëmmer vun engem Eenheetspräis fir d'ganzt Land. Do musse mir eis awer wieren. Well wa mir eis miissten assimiléiere mat deenen aus dem Norden, da géife mer awer ewechfueren. Dofir si mer scho frou, datt mer eis Autonomie behalen an datt mir eis hei an eise Gemengen e bësse kënnen eens ginn.

Bei den 'parts fixes' a 'variables' kann een driwwer diskutéieren.

Wa mer de 'fixe' elo kleng halen an de 'variable' méi héich, da rechne mer domatter, datt d'Leit spueren. Well si

wëssen, datt, wann d'Auer leeft, all Kéiers Sue mat doduerch lafen. Wann elo de 'fixe' héich ass an de 'variable' méi kleng, da gëtt vläicht net esou séier gespuert. An da gëtt deen Eenzelnen, deen alleng doheem ass, vis-à-vis vun engem gréissere Stot bestrooft, well hie jo manner verbraucht an awer eng déck Tax ze bezuelen huet. An déi vill verbrauche ginn u sech belount.

Mir sinn an déi Richtung gaange fir ze soen, datt soll gespuert ginn. An dofir ass d'Taxe fixe e bësse méi kleng an d'Taxe variable méi héich, fir datt ee wierklech spiert, datt - wann de Krunn leeft - et un de Portemonni geet.

Romain Becker (Déi Gréng):

Hunn ech richteg verstanen, datt dat net esou am ganze Land ass. Dat hei betrëfft d'Siach-Gemengen?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi 4 Gemengen hu sech ofgeschwat, wat d'Ofwaasser ubelaangt. Mä bei Drénkwaasser hunn d'Gemengen ënnerschiddlech Opfaassungen. Do sinn d'Parametere ganz verschidden. Mä bei der Kläranlag war et méi einfach eng Approche ze fannen.

Jeannot Linden (LSAP):

Beim Ofwaasserpräis läit Déifferdeng och d'selwecht wéi mir. Dat eenzegt, op dat ech wollt hiweisen ass, datt mer solle bei der Redevance fixe mat dobäisetzen, datt de Compteur inclus ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass notéiert.

Et muss een och soen, datt mer mat eisem Präis och wëllen e Message vermëttelen. A wann een de Präis mat anere Gemenge vergläicht, da leie mer do ganz déif an et gi net vill Gemenge wou de Präis nach méi niddereg ass.

Accord à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Allocation de vie chère pour l'eau aux personnes à revenus faibles - décision

Roland Breyer, Schäffen:

Eist Reglement iwwer d'Allocation de vie chère, wat fréier Gromperegeld genannt gouf, wollte mer an deem Sënn upasse fir deene Stéit, déi e klengt Akommes hunn a Kanner à charge hunn, ze hëllefen.

Esou wollte mer dem Gemengerot proposéieren, datt déi Prime fixe, déi mir als Gemeng géife ginn, jee no Akommes tëscht 152 an 38 Euro ze héijen. Dobäi kéim och nach eng supplementar Prime tëscht 40 an 10 Euro pro Persoun am Stot an déi och nom Akommes gestaffelt ass. Déi supplementar Prime ass och geduecht, fir d'Part fixe vum Waasser ze kompenséieren.

Och kann ee weider Abattementen ofsetze wann ee Schold oder Loyer huet. Esou kann ee bis een Drëttel dovunner ofsetzen. An et kann een och en Abattement vun 75 Euro pro Mount ofsetze wann e Member do ass, deen op iergendeng Manéier handicapéiert ass.

Soss ass näischt um viregte Reglement geännert ginn. Mir wollten déi Ännerungen elo gläichzäiteg mam neie Waasserpräis stëmmen an esou prett si fir den 1. Abrëll, wann déi nei Taxen a Kraaft trieden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach bäifügen, datt déi 152 Euro d'Integralitéit vun de Parts fixes si vun der Kanaltax a vun der Waassertax. Dat heescht, déi Leit mat deem nidderegsten Akommes kréien déi Parts fixes integral rembourséiert, plus nach eng Participatioun um Waasser.

Roland Breyer, Schäffen:

Fir der Fro, wéivill Leit dofir a Fro kommen, virzegräifen: d'lescht Joer hate mer 385 Demandeuren, déi sech hei presentéiert hunn, an déi en Total vun 1.189 Leit representéiert hunn. Et goufen am ganzen 27.360 € ausbezuelt. Mir hu jo och dës Kéier de Kredit geheicht. Mir mussen elo kucken op mer mat eise Pronostiquë guttleien. Dat leschte Joer ware mer jo e bëssen erféiert ginn a mer hunn nach eng Kéier miissten nostëmmen.

John Polfer (CSV):

Ech hat schonn de leschte Méindeg gesot, datt d'Finanzkommissioun et begréisst, datt déi Waassertaxerhéijung mat an d'Allocation de vie chère mat erageholl gëtt, fir esou deene Leit, déi en nidderegt Akommes hunn, entgéint ze kommen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat ass awer elo net esou an eiser Gemeng geräift. Dat huet den Inneminister de Gemengen opgedroen, fir datt d'Gemengen dat solle mat a Betruecht huelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass och ganz richteg, mä et ginn och Gemengen, déi et net maachen. Et war eng Recommandatioun vum Inneminister.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Hôpital Intercommunal Princesse Marie-Astrid - clé de répartition à appliquer entre les trois communes membres lors de la mise en liquidation et notamment des actifs du syndicat - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hate scho beim Budget gesinn, datt mer vum Syndicat vum HPMA eng Zomm erëmkréien. Et ass dat eng Zomm vun deem Aktiv, dee fir de Moment do nach zur Dispositioun steet, nodeem datt mer engersäits eng Fusioun gemaach hu mam CHEM a wou eng Rei Immobilien, déi de Moment nach nach net amortiséiert sinn, un de CHEM weiderginn a wou mer am Kader vun der Fusioun eng Compensatioun vum CHEM krut hunn. Anersäits goufen och Terrainen un d'Déifferdenger Gemeng cédéiert, Terrainen, déi dem Syndicat gehéiert hunn an déi nach ëmmer - bis elo - zum Areal vum Syndicat gehéiert hunn an déi elo net mat eriwwer an d'Fondatioun vum CHEM ginn. Dofir ginn déi vun der Déifferdenger Gemeng iwwerholl a falen an hire Patrimoine. Wéinst dëser ganzer Recette a vun deem wat mer nach ze kréien hunn, engersäits duerch eis Konventiounen a Kontrakter mat der Krankekeess, wäerte mer am HPMA nach ronn 10 Milliounen Euro am 'actif net' hunn. Als Comité hu mer décidéiert fir elo 6 Milliounen Euro un d'Gemengen zeréckzeschëdden an dann duerno - wann d'Fusioun bis definitiv ass - de Rescht wäert liquidéiert ginn. Da wäert de CHEM alles iwwerholl an den HPMA opgeléist sinn. Bis dohinner ass et awer nach e Stéck. Mir hunn eis miisste festleeën iwwer den Taux, deen eigentlech un déi eenzel Gemenge soll goen. Et ass an de Statute vum Syndicat virgesi wéi den Defizit muss gedeckt ginn. Dat gëtt no engem Verdeelerschlëssel op Gronn vun der leschter Vollekszielung gemaach. Mä fir d'Liquidatioun - wann een dat esou ka soen - ass näischt virgesi gewiescht. An dofir hu mer als 3 Gemengen aus dem Syndicat gekuckt, wéi mer dat kënnen opdeelen. Dee Schlëssel, dee fir d'Gemeng Péiteng 36,02 % ausmécht, hu mer eigentlech definéiert 'en fonction' vun allen Apporten, déi während all deene Joere vun de Gemengen an den HPMA gemaach si ginn. Et gouf en Total gemaach an duerch eng 'règle de tri' gouf gekuckt wat all Gemeng soll erëmkréien. An dee Schlëssel hei wëlle mer och fir déi nächst Rembourse-menter zeréckbehalen. Dat heescht an anere Wieder, datt 12,69 % fir Käerjeng, 51,29 % fir Déifferdeng an 36,02 % fir

d'Péitenger Gemeng sinn. Dat mécht bei engem Remboursement vun 6 Milliounen Euro ë bësse méi wéi 2,1 Milliounen ausmécht.

A mer sollen dat elo esou an alle Gemengeréit ofseene loossen, fir datt spéiderhi keng Diskussiounen opkommen.

Accord à l'unanimité.

4.4.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 3.027.871,02 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn eng ganz Rei vu Recetten, wou haaptsächlech eng Partie Subsiden an d'A stiechen. Mir hu Suside krut fir d'Beliichtung vum Philippart Stadium (40.000 €) an de synthetesche Futtballterrain (205.000 €). Dann och quasi d'Halschent vum Keelenzentrum (1.500.000 €) a vun der Péitenger Schwämm (1.000.000 €) a fir den elektronesche Chronometrage fir eis Schwämm (14.500 €). Dat heescht, mir hunn eng ganz Rei Subside krut, wat och gutt ass fir eis Trésorerie, datt déi Zommen, déi mer vum Stat fir grouss Projeten zegutt hunn, dann och fléisse fir datt mer déi néideg Suen hu fir eis Fournisseuren ze bezuelen.

Et ass net iwwerall, wou et esou tipp top klappt. Et ginn och Ministèrë wou déi Suen net esou séier kommen.

Jeannot Linden (LSAP):

Bei de Recette steet e Posten 'remboursement de frais pour dégâts causés' mat ronn 5.000 €. Huet dat eppes mam Vandalismus ze dinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Et huet näischt mam Vandalismus ze dinn. Beim Vandalismus hu mer just Plainten do leien. Mir maachen iech och emol am Januar e Rapport vun de Plainten, déi mer 2009 gemaach hunn a wat vu Schued entstanen ass. Beim Vandalismus ass de Remboursement praktesch Null.

Bei deene 5.000 € handelt et sech ëm Suen, déi mer vu Verkéiersaccidenter erëmkréien, zum Beispill fir Verkéiersschëlter oder Luuchten.

Guy Brecht (LSAP):

Erfreelech ass, datt mer endlech de Subsid kritt hu fir de Chronométrage. Ech huelen och un, datt dat 'à perfection' an der Schwämm fonctionnéiert, well mer jo e bësse Schwieregkeeten domatter haten.

Ech wollt awer eng Fro zu der Positioun 'remboursement de congés syndicaux ou sportifs par l'Etat' stellen. Et ass jo esou, datt mer bei eisem Gemengepersonal och Leit hunn déi an de Pompjeeë sinn. Wéi géif do verfuer ginn, wann déi emol en Dag miisste fräigestallt ginn? Kréie mer dann och eppes vum Stat erëm, oder wéi fonctionnéiert dat?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Pompjeen sinn e Gemengeservice an do huet d'Gemeng ze bezuelen an net de Stat. Dat hei sinn eigentlech Saachen, wann zum Beispill e Sportler mat der Nationaléquipe iergendzwouch hifiert.

Wat elo de Subsid fir de Chronométrage ugeet, esou ass de Chronométrage do an den 10. Januar 2010 wäert de Gemengerot an d'Schwämm invitéiert gi fir sech dovunner ze iwwerzeegen.

Carlo Gira (CSV):

Ech hu jo heiansdo d'Gemengenautonomie ugeschwat a kritiséiert. An do muss ech awer och ënnersträiche wat den Här Buergermeeschter scho gesot huet, datt et wierklech begréissenswäert ass, datt mer fir déi zwee Projeten 'Keelenzenter' an 'Péitenger Schwämm' déi Sue schonn esou séier kritt hunn.

Approbation à l'unanimité.

4.5.1.

Travaux extraordinaires.

Extension et modernisation de l'hôtel de ville - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*4.121.296,00 €*
Crédits approuvés:	*4.327.393,18 €*
Dépense effective:	*4.321.771,42 €*

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei steet, datt et den Dekont ass vun den Aarbechten, déi vun 1996 bis 2009 gemaach si ginn. Ech muss awer soen, datt de Gros vun den Aarbechten ab 2003/2004 lass gaange sinn.

Approbation à l'unanimité.

4.5.2.

Travaux extraordinaires.

Agrandissement et transformation du bâtiment administratif - approbation du décompte.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei géif de Schäfferot dem Gemengerot proposéiere fir dëse Punkt vun der Dagesuerdnung erofzehuelen. De Grond heifir ass, datt mer schonn eng Kéier décomptéiert haten. Duerno hat op eemol eisen Architektebüro festgestallt, datt eisen Usträicher nach net genuch Sue krut huet. Dunn ass en neien Dekont gemaach ginn. An, oh Wunder, hu mer virun e puer Deeg nach eng Rechnung geschéckt krut vun engem Aarbechter an deen nach op seng Sue waart. An dat ass eng Affaire vu ronn 28.000 €.

Ech muss éierlech soen, datt mer an deem Haus am Joer 2006 opgehalen hu mat schaffen. Et muss awer jidderengem relativ gutt goen, wann een dann nach esou Rechnungen iwwer 28.000 € am Joer 2009 eréischt verschéckt. Ech sinn iwwerrascht wann ech héieren, wéi sech ëmmer beklot gëtt, an 3 Joer méi spéit eréischt Rechnunge verschéckt ginn. Op der anerer Säit muss ech och eisen Architekt an eisen Architektebüroe soen, datt et net normal ass, datt se dat net gemierkt hunn. Ech muss awer och soen, datt mer et an eisen eegene Servicer och hätte miissten anuecht huelen. Och wann et e Projet war, deen iwwer 12 Joer gelaf ass - da kann et emol virkommen - ass et net onbedéngt ze erklären. An dofir proposéiere mer fir dëse Punkt vun der Dagesuerdnung erofzehuelen. Mir wäerten de Budget rectifié ëm déi 28.000 € opbesseren, déi Rechnung da bezuelen an dem Gemengerot en neien Dekont am Januar / Februar 2010 presentéieren, an der Hoffnung, datt all Rechnungen dra sinn.

Accord à l'unanimité de retirer ce point de l'ordre du jour.

4.5.3.

Travaux extraordinaires.

Equipement des bureaux du service de l'animateur culturel régional à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*20.000,00 €*
Crédits approuvés:	*20.000,00 €*
Dépense effective:	*14.379,75 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Dee sëtzt och schonn e puer Joer doiwwer a sengem Haus. Do hate mir eis duerch eng Conventioun engagéiert fir den éischte Miwwel ze finanzéieren.

Approbation à l'unanimité.

4.5.4.

Travaux extraordinaires.

Travaux d'aménagement et de rénovation des toitures de l'école de musique - approbation du décompte.

Devis approuvés: *181.212,96 €*
Crédits approuvés: *181.212,96 €*
Dépense effective: *29.774,03 €*

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

An de Joeren 2001 an 2002 hu mer an der Musekschoul Aarbechte gemaach. Et waren zwar urspréinglech vill méi grouss Aarbechte virgesinn. Esou war virgesi fir nach e Stack dropzebauen. Et waren eng Rei Analyse gemaach ginn an en Devis vun 181.212,96 Euro gouf gestëmmt. Schlussendlech ass awer duerch d'Statik festgestallt ginn, datt dat net machbar wier. Op Gronn vun dem Avis vum Ingenieursbüro hu mer décidéiert fir nëmmen den Daach frësch ze maachen. Esou datt mer an der Dépense vun 29.770 Euro haaptsächlech d'Architekten- an Ingenieurskäschten enthale si fir d'Pläng vun deem grousse Projet, deen net ze realiséiere war, souwéi d'Aarbechten um Daach déi schlussendlech nëmmen ausgefouert goufen.

Approbation à l'unanimité.

4.5.5.

Travaux extraordinaires.

Réaménagement de la place à côté de l'école primaire à Lamadelaine - approbation du décompte.

Devis approuvés: *535.000,00 €*
Crédits approuvés: *565.000,00 €*
Dépense effective: *496.494,34 €*

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Bei dësem Dekont geet et ëm d'Plaz nieft der Rollenger Primärschoul an d'Plaz, déi mer duerno 'Square François Ney' genannt hunn. Do ass de Schoulhaff vergréissert an nei aménagéiert ginn. Deen huet - wann een dat esou ka soen - eng ganz aner Nues kritt. An Zesummenaarbecht mam Léierpersonal ass hire Wënsch Rechnung gedroe ginn. Mir hunn och den ale Kiosk ewechgerappt an déi ganz Plaz nei gemaach, mat engem ganz flotten Amphitheater.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hat emol eng Kéier zu Ouere kritt, datt mer do Material bestallt gehat hätte wat net conforme gewiescht wier, an datt eppes huet miissten nobestallt ginn. Ass do eppes dohannert an huet dat sech duerno op den Dekont ausgewierkt?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat eenzegt, wat ech weess, ass, datt do hu miisste Beem verplanzt ginn.

Guy Brecht (LSAP):

War dann näischt mat däer hëlzener Clôture ronderëm?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dovunner weess ech näischt.

Guy Brecht (LSAP):

Da sitt dir vläicht näischt gewuer ginn. Dann ass et awer gutt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann dir awer eppes méi wësst, da sinn ech ganz gewëllt dat och zu Oueren ze kréien. Dat eenzegt wat ech weess ass, datt Beem hu miisste verplanzt ginn. An do hu miisste Verschiddener aneschters eragesat ginn. A wat och e wéineg kascht huet, waren déi grouss Bamstämm, déi dohinner bruecht gi si fir dee Mikado ze maachen. Dat war de Wonsch vum Léierpersonal. An d'Kanner si ganz zefridde mam Aménagement.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass eng schéi Plaz ginn, an ech hoffen, datt se respektéiert gëtt. Wier et och eventuell méiglech, fir Schëlter dohinner ze stellen, datt et verbueden ass no enger gewëssener Zäit owes nach do ze lungeren? Well dann hätt och d'Police eng Handhab fir ze intervenéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi mer de leschte Méindeg iwwer de Budget geschwat hunn, hat ech gesot, datt mer d'nächst Joer, bei de Spillplazen, wëlles hu fir Pictogrammen ze setzen an domatter och haaptsächlech Zäiten ze regulariséiere wéi laang Kanner op deene Plazen dierfe sinn. Dann huet d'Police och eng Handhab.

Roland Breyer, Schäffen:

Et miisst een awer fir d'éischt e Reglement maachen ier ee Schëlter setzt.

Carlo Gira (CSV):

Mir si jo e bëssen en neie Wee gaange mat deenen naturnoen Elementer. Huet dat sech bewäert? A wéi ass déi Saach bei schlechtem Wieder bei den Elteren a beim Léierpersonal ukomm?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Bis elo hu mer keng Reklamatioune kritt. Et ass jo gewosst, datt - wann een op Mulch leeft an et ass schlecht Wieder - een Dreck materaschleeft. Däers si mer eis bewosst. Am Ufank war et och emol esou, datt - wann et ze naass war - de Mulch emol e bësse Fuerf gelooss huet. Dat huet sech awer mat der Zäit ginn. An et gesäit ee jo wéi gären d'Kanner do wëlle spillen, esou datt ech denken, datt keng Awänn sinn.

Approbation à l'unanimité.

4.5.6.

Travaux extraordinaires.

Remplacement du revêtement du sol dans deux salles dans la maison de la culture « A Rousen » - approbation du décompte.

Devis approuvés: *13.000,00 €*
Crédits approuvés: *13.000,00 €*
Dépense effective: *11.538,25 €*

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An de Säll 'Schio' a 'Maribor' am Kulturhaus 'A Rousen' hu mer den Tapis plein ersat. Deen Tapis plein, deen elo iwwer 10 Joer do louch, war an engem relativ vetusten Zoustand. En hat vill Flecken a war zerfasert. An dofir gouf den Tapis ersat.

Approbation à l'unanimité.

4.5.7.

Travaux extraordinaires.

Remplacement de la chaudière dans l'ancienne Maison 'Louis Nicolas' à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés: *17.000,00 €*
Crédits approuvés: *17.000,00 €*
Dépense effective: *12.250,44 €*

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et war jo relativ vill Hin an Hier mat däer Chaudière, déi net richteg fonctionnéiert huet an net conforme war. Esou datt mer dann déi Chaudière ersat hunn an och eng 'porte coupe-feu' agesat hunn.

Approbation par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 4 abstentions (LSAP).

Guy Brecht (LSAP):

Mir hate senger Zäit géint dee Projet gestëmmt, an dofir enthale mer eis och elo beim Dekont vun dësem Projet.

4.5.8.

Travaux extraordinaires.

Réfection partielle de la menuiserie extérieure du bâtiment de l'Education différenciée - approbation du décompte.

Devis approuvés: *15.000,00 €*
Crédits approuvés: *15.000,00 €*
Dépense effective: *13.731,55 €*

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei si Fënsteren ersat ginn, déi an engem ganz schlechten Zoustand waren, wou et eragereent huet a déi och net méi richteg zougehalen hunn.

Approbation à l'unanimité.

4.5.9.

Travaux extraordinaires.

Installation d'un système de détection d'incendie au Centre de loisirs à Lamadelaine et au Centre culturel de Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*73.500,00 €*
Crédits approuvés:	*73.500,00 €*
Dépense effective:	*73.154,70 €*

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mam Installéiere vun deem Système de détection d'incendie maache mer e Schratt no vir wat d'Sécherheet an eise Gebaier ugeet. No an no wëlle mer all eis Gebaier mat deem System ausstatten.

Approbation à l'unanimité.

4.5.10.

Travaux extraordinaires.

Renouvellement de l'éclairage public dans la rue de l'Eglise à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*40.000,00 €*
Crédits approuvés:	*40.000,00 €*
Dépense effective:	*38.423,32 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn en neien 'éclairage décorativ' an der Kierchestrooss zu Péiteng gemaach.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt just drop opmierksam maachen, datt déi Luucht beim Cactus op der Lonkescher Strooss net geet, an datt dat ganz geféierlech ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hunn e Mëttwoch reklaméiert an ech krut gesot, datt se géif fonctionnéieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat wat ech wollt soen huet och net direkt eppes heimatter ze dinn. An der Gillardin-Strooss steet och eng Luucht kromm bei deem Haus, wat nei gemaach gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass en typesche Bauschued, wann d'Camionen do zirkuléieren. Et war keen et, wann een nofreet. Et huet sech och bis elo nach kee gemellt. Mir maachen och nach e Bréif un d'Direktioun an da kucke mer op ee sech mellt. Well et läit op der Hand, datt et vun hirem Chantier hirstaamt. Mir kucken, datt dat och an d'Rei gesat gëtt.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

4.5.11.

Travaux extraordinaires.

Renouvellement des infrastructures dans la rue Charlotte à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*510.000,00 €*
Crédits approuvés:	*350.000,00 €*
Dépense effective:	*298.484,10 €*

Roland Breyer, Schäffen:

An däer Strooss hu mer ënner dem Préfinanzement vum Sudgaz geschafft, an et ass gutt mam Sudgaz schaffen, well Dépense ass manner héich wéi den Devis.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

4.5.12.

Travaux extraordinaires.

Renouvellement des infrastructures "A la Siole" à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*80.000,00 €*
Crédits approuvés:	*80.000,00 €*
Dépense effective:	*74.766,48 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Just eng kleng Explicatioun: Wou den Entrepreneur geschafft huet, war de 'revêtement bitumineux' endommagéiert ginn duerch Tranchéen déi gemaach gi sinn. Dofir huet hien e bësse méi Bitum miissten dra verschaffen. De Koffer war och net zum beschten a bei der Gemeinschaftsantenn hunn och nach miisste Regarde gesat ginn. Trotz deenen Dépassementer leie mer nach an der Enveloppe, déi de Gemengerot gestëmmt hat.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

4.5.13.

Travaux extraordinaires.

Travaux de renouvellement au réseau de la rue de la Fontaine à Rodange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*360.000,00 €*
Crédits approuvés:	*360.000,00 €*
Dépense effective:	*344.314,08 €*

Roland Breyer, Schäffen:

D'Ausgab bei dësen Aarbechte wieren nach e bësse méi niddereg gewiescht. Mä Creos huet sech de leschte Moment décidéiert fir bei deenen Aarbechte matzemaachen an doduerch huet de Gruef miissten e bësse méi breet gemaach ginn an och méi Tarmac ass duerno gebraucht gi fir erëm zouzemaachen. Et war och eng kleng Mauer ëmgefall, déi erëm huet miissten opgeriicht ginn. Och den Uschloss vum Waasser un d'Haiser huet an e puer Etappe miisste gemaach ginn, wat e klenge Supplément mat sech bruecht huet.

Approbation à l'unanimité.

4.5.14.

Travaux extraordinaires.

Renforcement hydraulique de la canalisation et du déversoir de la rue Aloyse Kayser à Pétange - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*730.000,00 €*
Crédits approuvés:	*740.251,37 €*
Dépense effective:	*654.854,88 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Hei läit d'Dépense effective méi héich wéi d'Adjudicatioun well d'Télésurveillance, déi vun deem Basseng gemaach gëtt, anescht ugepasst ginn ass. De Siach huet an der Tëschenzäit säi Fournisseur geännert a mir hunn eis dorunner ugeschloss fir déi selwecht Télésurveillance ze kréien.

Am Endeffekt läit awer déi Gesamtausgab nach ëmmer ronn 100.000 € ënner deem wat mer virgesinn haten.

Approbation à l'unanimité.

4.5.15.

Travaux extraordinaires.

Travaux d'assainissement des canalisations dans différentes rues - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*105.000,00 €*
Crédits approuvés:	*85.000,00 €*
Dépense effective:	*79.800,96 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Hei hu mer a verschiddene Kanalisatioune mat der Kamera Inspectioune gemaach an déi néideg Säuberunge virgeholl.

Approbation à l'unanimité.

4.5.16.

Travaux extraordinaires.

Extension du réseau de l'antenne collective de télévision dans les nouveaux lotissements - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*79.246,83 €*
Crédits approuvés:	*72.184,03 €*
Dépense effective:	*31.345,11 €*

Roland Breyer, Schäffen:

D'Ausgab war manner héich well eng Rei vu Lotissementer wuel scho virgesi waren, awer eréischt spéider realiséiert ginn, esou datt mer e Report op dëst Joer maachen.

Carlo Gira (CSV):

D'Gemeinschaftsantenn stelle mir jo als Gemeng zur Verfügung. Ech wier awer éischter der Meenung, datt - wa mer schonn de Waasserpräis no de Käschte rechnen - et da méi logesch wier wann eng Gemeinschaftsantenn och op den Notzer géif ofgewälzt ginn. Well dat ass eng Saach déi Plëséier ass, an d'Waasser ass eng nëtzlech Saach.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu jo e Kontrakt mat der Siemens gemaach, wou mer hinnen dee ganze Réseau ginn, wou si u sech de Concessionnaire sinn a wou si e géréieren. Mir hunn d'Verflichtung fir bei neie Lotissementer d'Extensioun an de Buedem ze leeën an d'Netz gehéiert eis jo nach ëmmer.

D'Präisser, wéi elo alles verrechent gëtt, do musse mer all kéiers kucke wa mer Conventioune mat Lotisseure maachen, datt mer déi Käschte mat eranhuelen. Well de Lotisseur huet verschidde Participatiounen an hien trëtt eis duerno och erëm eppes of. Wat de Käschtepunkt vun der Exploitatioun vum Réseau betrëfft, esou gëtt dat duerch e Kontrakt mat der Siemens geregelt. Si mussen eis all kéiers informéiere wa se mam Präis an d'Luucht ginn. Ech däerf iech elo schonn informéieren, datt d'Präisser erëm an d'Luucht gi well den Index an d'Luucht gaangen ass. Si wäerten dowéinst och eng Augmentatioun an deem Sënn virhuelen. Et wäert op 8 Euro pro Joer erauslafen. D'Cliente ginn och vun hinnen informéiert.

An all déi aner Saachen, wéi zum Beispill déi nei Uschlëss, ass hire Präis a si mussen eis kënne beweise wat vu Material an Main d'oeuvre drastécht. An dat muss all kéiers duerch de Schäfferot genehmegt ginn.

Carlo Gira (CSV):

Dat heescht, d'Siemens verrechent déi Käschte dem Consommateur?

Roland Breyer, Schäffen:

Si dierfen net verrechne wat se wëllen. Si dierfen nëmmen dat verrechne wat se effektiv leeschten. Dat heescht, an der Taxe annuelle déi fir d'Gemeinschaftsantenn muss bezuelt ginn, sinn zum Beispill d'Autorerechter an d'Wartung vum Netz mat dran.

Romain Rosenfeld (CSV):

Lafe mer net d'Gefor, datt op eemol eist Netz net méi vill wäert ass mat deenen neien Technologien, déi um Maart sinn. Wann d'Präisser weider an d'Luucht ginn, da soen d'Leit op eemol, datt se keng Gemeinschaftsantenn méi brauchen. Wéi steet et do ëm eise Réseau? Ass deen taxéiert oder no watfir Critère leeft dat? Investéiere mer riicht virun an eppes, wat vläicht an e puer Joer kee Wäert méi huet?

Roland Breyer, Schäffen:

Am Verglach mat deenen aneren 'Anbieter', déi um Maart sinn, huet et fir de Moment Wäert fir weider ze investéieren. Jidderee kann praktesch dat selwecht liwweren. Et ass just eng Saach vu Concessiounen déi ee muss kréien. Bis elo war d'Siemens ëmmer de Spezialist op deem Gebitt. Si sinn am gaangen drun ze schaffe fir den Internet kënnen iwwer de Kabel matzeliwweren oder de Réckschaltkanal, mat deem ee kann interaktiv eppes matmaachen.

Et ass eng Saach vun Attraktivitéit a vu Qualitéit. D'Post ass de Moment am gaangen hiert Netz iwwer d'ganzt Land auszebauen. Mä wann een d'Post zum Beispill géif als Alternativ hei an der Gemeng gesinn, da wier se net iwwerall ze emfänken an deem Mooss an an däer Qualitéit wéi et fir de Moment mat der Siemens méiglech ass. Si hunn dat Netz nach net esou stabiliséiert. D'Siemens huet bis elo alles mat Glasfaser geluegt an d'Post ass am gaangen nozezéien. Et kënnt eng Kéier de Punkt wou se op der gläicher Héicht a Qualitéit sinn. An dann ass et eng Affaire vu Präis. An d'Konkurrenz belieft de Marché an da musse mer kucken.

Mir hunn dat Netz do leien an ech fannen, datt et eng gutt Iddi war fir d'Netz ofzeginn. Well wat mer elo als Gemeng nach investéieren ass net méi vill. Mir kënnen eis Politik awer eng Kéier iwwerleeë wann nei Erkenntnisser do sinn. Mä de Moment schéngt et mer awer esou ze sinn - nodeem wat mer vun der Siemens héieren - , datt hir Clientèle nach konstant bliwwen ass.

Norbert Pierre (LSAP):

An deem Kontrakt, deen deemools mat der Siemens gemaach ginn ass, war festgehale ginn, datt si de Réseau gratis zur Verfügung gestallt kréien, mä datt si en och ëmmer mussen um leschte Stand vun der Technik halen.

An technesch gesinn ass eist Netz wierklech an der Rei. A wat mer och hunn, ass datt e Réckkanal besteet, mat deem mer kënnen an all Stot eragoen. A bei der Post, zum Beispill, ass dat net méiglech.

Et sinn eng Rei Avantagen do, an ech géif mer et gutt iwwerleeën ier mer eppes sollen änneren.

Dat eenzegt, wat mir leed gedoen huet, ass, datt ni eng Redevance vun der Gemeng gefrot ginn ass fir datt si hiert Signal kënne liwweren. Op der anerer Säit sollen se jo awer kucken, datt d'Netz nach ëmmer an der Rei ass, an do miisst jo och eise responsabele Mann wëssen ob dat esou gehandhaabt gëtt oder net.

Roland Breyer, Schäffen:

Am leschte Rapport, deen ech gelies hunn, steet dran, datt si zu 95 - 98% alles am Glasfaser hunn. Wat elo nach dobäi kënnt - an dat ass eng Demande vun eis - ass, datt se eis sollen eng Propose maache fir eis Gebaier ënnereneen ze verbannen. Esou datt mer dann och kënnen iwwer dat selwecht Netz korrespondéieren an net méi brauchen iwwer d'Post ze fueren. Well wa mer iwwer d'Post fueren, da kascht et eppes, och wann et net vill ass. An iwwer de Réseau vun der Siemens hätte mer et gratis. Well dat wier schonn eng interessant Saach, well eist Netz nobäi läit an et wiere just déi kleng Connectioune mat de Gebaier ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach kuerz op d'Redevance agoen. Et muss ee wëssen, datt fir all Euro Redevance, dee mir froen, deen och erëm un eis Bierger weiderverrechent gëtt. Dofir ass et am Intressi vun eise Bierger an och vun deene Bedenke vum Här Rosenfeld, datt mer net nach doduerch de Präis eropsetzen.

Approbation à l'unanimité.

4.5.17.

Travaux extraordinaires.

Mise en souterrain d'une partie du réseau de l'antenne collective de télévision - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*519.415,28 €*
Crédits approuvés:	*392.261,56 €*
Dépense effective:	*453.527,37 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Aarbechten aus de Joeren 1996 bis 2008. Do hate mer nach vill Fräileitungen vun Haus zu Haus, an déi hunn alleguerte miissten an de Buedem geluegt ginn. Mir sinn elo praktesch bäi mat deenen Aarbechten, och wa vereenzelt Plazen nach net gemaach sinn.

Dës Dépense miisst an de kommende Joeren also ëmmer manner ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Ass bekannt, wéivill Uschlëss un d'Gemeinschaftsantenn mir an eiser Gemeng hunn? Well, wann ee gesäit, datt d'Parabolen ëmmer méi opkommen, da gëtt dat och kee ganz schéint Bild an de Stroossen.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Parabol ass net onbedéngt déi ideal Léisung. An et kënnt geschwënn de Moment, datt ee muss bezuele fir iwwer d'Parabol Programmen z'emfänken. A bei der Gemeinschaftsantenn kritt een eppes an d'Haus geliwwert wat gesetzlech an der Rei ass a wou d'Autorerechter bezuelt sinn.

Wéivill Stéit un d'Gemeinschaftsantenn ugeschloss sinn, miisst ech nofroen. Et waren der ëmmer ongeféier 4.600. Et waren ongeféier 65% vun de Stéit, déi d'Gemeinschaftsantenn haten. Mä ech loossen de geneeë Chiffer nokucken.

Approbation à l'unanimité. M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

4.5.18.

Travaux extraordinaires.

Mesures d'apaisement du trafic (zones 30 km/h) dans diverses rues de la commune - approbation du décompte.

Devis approuvés:	*269.169,38 €*
Crédits approuvés:	*292.158,38 €*
Dépense effective:	*262.621,69 €*

Roland Breyer, Schäffen:

Hei geet et ëm Aarbechte vu de Joeren 2001 bis 2009. Do sinn ënner anerem nei Luuchten dobäi, déi an der Athuser Strooss gesat gi sinn. Och ass deelweis de Luuchtesystem op der Rodanger Gare mat dran, deen ëmgebaut ginn ass.

Approbation à l'unanimité. M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.

Personnel.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Das ass eng indigeste Matière fir déi, déi net am System vum Fonctionnarisme dra sinn. Fir een, deen ëmmer am Privatsektor geschafft huet, ass dat eppes wéi Algebra, wat et vläicht ni geléiert huet. All Joer musse mer dee Kader festleeën. Do sinn déi eenzel Carrièren opgefouert. Ech hunn hei och nach eng Ënnerlag, wéi alles fonctionnéiert. Wann der Froen hutt, da stellt se, da kann den Här Kimmes se beäntweren.

Accord à l'unanimité, M. Pierre, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.

Propriétés.

Convention, avec le Centre d'Initiative et de Gestion Locale de Pétange (CIGL), pour la réalisation d'un jardin solidaire et l'exploitation d'une épicerie solidaire à Pétange - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dëse Projet gouf jo och schonn am Kader vun de Budgetsdiskussiounen ugeschwat. Am Kader vum CIGL si mer amgaang, Pläng ze maachen an eng Iddi fir e „jardin solidaire“ an och eng „épicerie solidaire“ ze entwéckelen, déi zu Péiteng bei der Sportshal sollen entstoen. Do ginn et zwee Terrainen dernieft um „lieu-dit“ Jean-Baptiste Gillardin. Déi sollte mer hinnen dann zur Verfügung stellen. An enger éischter Phas emol fir sechs Joer ier se da vu Joer zu Joer kënne verlängert ginn.

Wat soll do geschéien? Ma do soll e „jardin solidaire“ zesumme mat de CIGL-Aarbechter entstoen, déi och dee Gaart sollen erhalen. Eis Schoulklasse kéinten och dohinner goe fir méi no dat kennen ze léieren, well se solle wëssen, datt et d'Produkter net nëmmen am Supermarché ze kafe ginn, mee datt een déi och muss planzen. Et soll een och als Jugendlechen oder als Kand wëssen, wat an de Gäert geschitt, well et der jo ëmmer manner an eisen Uertschafte ginn. Well mer och do an eise Bongerten Uebst hunn, musse mer och probéieren, déi Produkter un de Mann oder un d'Fra ze bréngen. An dofir soll och eng „épicerie solidaire“ entstoen, wou haaptsächlech déi Produkter, awer op jiddwer Fall Produkter aus eiser Géigend ugebuede ginn. Et ass also keng Konkurrenz zu iergend engem aneren Handel, mee et soll eigentlech just dat sinn, wat do produzéiert gëtt. Et soll just ënner gewësse Formen un déi Leit, déi eng Memberskaart kréien, goen. Do soll dann och e bëssen d'Solidaritéit matspille bei deem, wat do verkaf soll ginn.

Haut solle mer der Konventioun zoustëmmen, woumat mer dem CIGL ab elo déi Terrainen zur Verfügung stelle fir da kënnen déi Aufgab z'iwwerhuelen a fir kënnen déi Realisatioun ze maachen, déi op der Säit 161 vun ärem aide-mémoire ze fannen ass. Do sinn och déi eenzel Espacen agedroen, wou kann ugebaut ginn respektiv och wou d'„épicerie solidaire“ hikënnt, wou déi Wuer verkaf gëtt a wou d'Schoulkanner empfaange ginn, fir hinnen dann dat eent oder anert bäizebréngen an ze weisen, wat do kann ugeplanzt ginn. Esou kënnen d'Schoulkanner och gesi wat vun deem Moment u geschitt, wann eppes aus dem Buedem erausgeholl gëtt bis dee Moment, wou et g'iess gëtt. Och d'Léierpersoune si ganz frou iwwer déi Saach, besonnesch eis „éducation différenciée“ huet sech ganz begeeschtert gewise vun deem Projet, esou datt ech och iwwerzeegt sinn, datt mer an Zukunft vill Jugendlecher a Kanner op deem Site wäerten hunn. Et gëtt ganz sécher e Virdeel am Verglach mat engem Gaart, dee bei enger Schoul ass, well bei deem Gaart hei och an de Vakanzen derno gekuckt gëtt. Wat och nach positiv ass, dat ass, datt mer iwwer Joren hei kënnen zwee Leit beschäftegen an hinnen eng Formatioun an deem Beräich ginn. De CIGL bitt och eng ganz Rei vun handwierkleche Formatiounen un am Kader vun hiren „mises au travail“. Hei ass dann natierlech eng weider Méiglechkeet, fir op deem Gebitt verschidde Jonker eng Formatioun unzebidden.

Carlo Gira (CSV):

Ech mengen, hei ass e Projet, deen een nëmme ka begréissen. Et ass en Terrain, dee mer wierklech kënne ganz sënnvoll notzen. Mer kënnen e Projet maachen, esou wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, fir Leit ze forméieren, déi nees an den Aarbechtsmaart kënnen integréiert ginn. Mer kënnen och, an do war jo eng Nofro do, d'Kanner ënnerriichten an hinne praktesch weisen, wéi Saache wuessen a kënne verschafft ginn. Ech mengen, dat ass och méiglech, well jo hanner de Buttek och nach e Sall kënnt, wou

Schoul ka gehale ginn a wou d'Kanner matschaffe kënnen an enger Kichen. Et wier jo dann och méiglech, do Gebeess ze kachen an esou weider. Dat Ganzt kréie mer och nach zu engem gënschtege Präis, well déi Projete jo och zu engem groussen Deel vum Stat matfinanzéiert ginn.

An deem Gaart ass jo och permanent een do fir z'iwwerwaachen, esou datt mer net Gefor lafen, datt et eng gewëssen Zäit gemaach gëtt an dann op eemol erëm brooch läit.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech schléisse mech mengem Virriedner un. Dat do ass e Projet, deen nëmmen ze begréissen ass, och vun eiser Säit aus. Wéi der richteg bemierkt hutt, wëssen d'Kanner hautdesdaags net méi, wou wat hir kënnt, an datt si och Saachen iessen, déi aus dem Buedem kommen. Dofir fannen ech dat nëmme begréissenswäert.

Ech gesi just e Problem wann et Owend gëtt – dir hutt jo virdru vu Vandalismus geschwat, oder villméi den Här Breyer -, ass dat ofgeséchert, net datt ee vum Parking eriwwer ka goen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also dat gëtt mat engem Zonk zougemaach. Mer gesinn deen awer och elo net esou immens grouss, well mer de Leit awer wëlle weise wat do geschitt. Dofir wollte mer et net ganz zoumaachen, mee ech sinn awer der Meenung, datt et duer geet mat deem, wéi mer do wëllen zoumaachen. Wann et net duer sollt goen, da musse mer natierlech nach méi héich Poteaue maachen. Hannenaus wunnen awer och Leit, déi e Bléck do drop hunn, an déi sech och géife mellen, wann do vill Bewegung an Duerchernee wier. Mee ech hoffen net, datt et noutwenneg ass.

Romain Becker (Déi Gréng):

Jo, well ech erënneren un déi Geschicht zu Esch an der Waldschoul, wou d'Kanner ganz fuerchtbar traureg ware wéi all déi Saachen, déi si geplanzt a gesat haten, vun engem „Held" mat tue-herbe futti gemaach goufen. An zu gudder Lescht konnten se och nach dee ganze Buedem ewechhuelen a changéieren. Dat war fir d'Kanner relativ dramatesch. Fir esou eppes ze verhënneren, hätt ech och dru geduecht fir dat zouzemaachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass ganz kloer, datt mer dat zoumaachen. Et kënnt eng Heck an en Drot dohinner.

Jeannot Linden (LSAP):

Och ech schléisse mech menge Virriedner un. Et ass e flotten an e gudde Projet. Ech huele jo un, datt dat och klappt, well mer hu jo awer genuch Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot, déi beim CIGL am Virstand sinn an déi och dofir wäerte suergen, datt dat esou ausgefouert gëtt, wéi dat elo hei virgestallt gouf.

Approbation à l'unanimité.

7.1.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde - formation de dirigeants communautaires dans les provinces de Sucumbios et Orellana en Ecuador - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer wëllen hei déi 30.000 Euro aus dem Budget un dräi ONGe verginn, déi sech ëm d'Drëttwelthëllef këmmeren. Mer hunn als Klimabündnis-Gemeng am Joer 1996 d'Konventioun ënnerschriwwe mat der Verflichtung, op deene Plazen Drëttwelthëllef ze leeschten, wou et am battersten néideg ass.

D'Barbara Dieckmann, Präsidentin vun der Welthongerhëllef, huet op der UNO-Welternährungskonferenz zu Bonn gesot, an ech zitéieren hei: „Im Jahr der Weltwirtschaftskrise hungern weltweit mehr als eine Milliarde Menschen, also jeder sechste. Während allein 200 Millionen unterernährt sinn, droht sogar ein Hunger-Jahrhundert". A weider gouf och gesot, datt dräi Milliarde Leit musse mat manner wéi zwee Euro den Dag iwwerliewen. 1,3 Milliarde Leit hu kee proppert Drénkwaasser. 1 Milliard Leit si vun Aarmut a Chômage betraff. 860 Millioune Leit kënnen net liesen an net schreiwen. 800 Millioune Leit hunn och net genuch z'iessen, an 11 Millioune Kanner stierwen all Joer ier se fënnef Joer al si well se keng medezinesch Versuergung hunn.

D'Asbl „Solidarité Tiers Monde" wëlle mer och nees dëst Joer bei hiren Aktiounen am Ecuador ënnerstëtzen, déi si vun 2005 bis 2011 virgesinn hunn. Et geet drëm, Suen zesummenzekréie fir 30 „dirigeants communautaires", déi sech géint d'Verknaschten an d'Vergëfte vun hirer Regioun asetzen, an de Provënze Sucumbios an Orellana am Ecuador ze forméieren. Domat hëllefe si 5.000 Leit, déi do an 23 verschidde Provënze liewen.

Jidderee misst an der Tëschenzäit matkritt hunn, wéivill Schued duerch eng grouss amerikanesch Pëtrolsfirma entstanen ass, déi nëmmen hire Profit spille gelooss huet. Tëscht 1967 an 1990 goufen toxesch Offäll bei Pëtrolsbuerungen einfach leie gelooss. Duerch de Reen hunn déi Gëfter am Laf vun de Joeren d'Flëss verpescht. Als Resultat hu mer vergëftent Drénkwaasser, eng komplett Zerstéierung vun der Natur a schro gesondheetlech Problemer bei den Awunner aus der Ëmgéigend.

Zanter 1993 lafen d'Geriichtsprozesser, déi lues a lues Erfolleg hunn. Dëst, well an der Tëschenzäit d'Mënscherechts- an d'Ëmweltorganisatioune iwwer d'ganz Welt sech organiséiert hunn a géint dës Ëmweltverschmotzung an de Baueren hiren Duerfgemeinschafte kämpfen. Eng vun dësen Organisatiounen ass d'„Action Solidarité Tiers Monde". Et besteet e Kadervertrag tëscht dem Ausseministère an der „Action Solidarité Tiers Monde" fir de Projet zu 80% ze subventionéieren. Mat eis sinn et och eng ganz Rei aner Klimabündnis-Gemengen, déi sech finanziell un dësem Finanzéierungsplang bedeelegen, zum Beispill Esch/Uelzecht, Ettelbréck oder Diddeleng, fir nëmmen déi ze nennen. Ech proposéieren - wéi och schonn an deene leschte Joeren - der „Action Solidarité Tiers Monde" , mat Adress an der Stad, eng Subventioun vun 5.000 Euro zoukommen ze loossen.

Camille Bosseler (CSV):

Och wann et hei am Land vill méi schlecht geet a mer de Rimm e bësse méi zouzéie mussen, fannen ech et awer trotzdem wichteg, datt mer déi Äermst net vergiessen. Et ass scho richteg, datt mer do en Deel bäidroen. A wann all Gemeng dat géif maachen, da wier dat jo schonn eng gutt Saach.

Accord à l'unanimité, M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde - mise en place et gestion d'un fonds d'appui aux initiatives rurales (FAIR) au Mali - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

E weideren Hëllefsprojet, dee mer ënnerstëtze wëllen, huet direkt mam Honger an der Welt ze doen. Den Numm vun der Associatioun seet et schonn, et ass d'Asbl „SOS Faim". Déi huet e Pilotprojet am Mali a Westafrika gestart, an dat mam Mandat vun der Lëtzebuerger Regierung. Et ass e Projet iwwer 40 Méint – bis Mëtt 2012 – mat

engem Budget vun 5,826 Milliounen Euro, dovunner kommen 80% vum Ministère derbäi, dat sinn 4,661 Milliounen Euro. „SOS Faim" muss also nach eege Mëttelen opbréngen an der Héicht vun 1,165 Milliounen Euro. Wat geschitt mat deene Suen? Si fléissen an den Ënnerstëtzungsfonds Fair, dat heescht „Fonds d'appui aux initiatives rurales". Hei gëtt de System vum Mikrofinanzement applizéiert. Als Exploitatiounsfamill bezeechent kréien eenzel Familllen d'Méiglechkeet, hire Liewensënnerhalt an der Landwiertschaft selwer ze gestalten. Mat enger klenger Zomm, déi si geléint kréien – deels duerch en Ausstattungskredit mat Zënssubventiounen -, hunn si e klengt Ufankskapital fir e klenge landwiertschaftleche Betrib opzemaachen. Déi néideg Ënnerstëtzung fannen se duerch e „comité de pilotage" mat de Leit um Terrain, déi an engem permanenten Dialog mat hinne stinn. De Pilotprojet am Mali huet bis elo ganz gutt Resultater, esou datt eng Filière entstanen ass, wou Räis produzéiert gëtt. Fair-Artikele kritt een den Ament iwwer 161 Verkafsstatioune mat 263.000 Memberen. Et war de Minister Jean-Louis Schiltz aus dem Ausseministère, deen de Mandat mat der ONG dëst Joer ënnerschriwwen hat. An dësem Mandat gëtt festgehalen, wéi déi eenzel Tranche vu Statssue fléissen. Anersäits kritt de Ministère all Joer e Rapport mat all den Aktivitéiten an och Kontrollméiglechkeeten iwwer d'Finanzen. Dëse Projet ass aus dëse Grënn interessant: hei kréie Familljen e klengt Ufankskapital geléint fir an d'Landwiertschaft ze stiechen, si produzéieren a kréien e Resultat duerch en organiséierte Verkaf a kënne sech doduerch iwwer Waasser halen an och d'Schold lues a lues zeréckbezuelen.

Mer wollten iech virschloen, der Associatioun „SOS Faim Luxembourg", mat Adress zu Esch/Uelzecht, eng Subventioun vun 12.500 Euro zoukommen ze loossen.

Accord à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.3.

Prévisions sociales.

Aides au Tiers Monde - aide au développement: allocation d'un subside à l'association « Nouvelle PNP » asbl - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi 12.500 Euro, déi iwwreg bleiwe fir déi Drëtt Welt an déi am Budget 2009 stinn, wollte mer un d'ONG „Nouvelle PNP – Pro Ninos Probres" zoukomme loossen. Dës ONG mat Sëtz zu Nidderkäerjeng ënnerstëtzt Kanner a Latäinamerika. Dat lescht Joer hu si en „accord cadre de coopération" mam dem zoustännege Ministère fir eng Dauer vun dräi Joer bis Enn 2010 ënnerschriwwen. Op der Basis vun enger Finanzbilanz iwwerhëlt de Stat 80% vum Invest. D'Zil vun de Projeten a Latäinamerika ass d'Bildung an d'Formatioun vu Kanner a Jugendlechen respektiv deenen hir Mammen. An hirem Aktiounsprogramm steet haaptsächlech d'Basisbildung, d'Basisformatioun, déi professionell Ausbildung, d'Alphabetisatioun, d'Gesondheetsbildung, d'Ëmweltbildung, d'Bildung an d'Formatioun am Beräich vun der Landwiertschaft, den „renforcement pédagogique des enseignants et leurs moniteurs" an och d'Konstruktioun, d'Verbesserung an d'Ausstattung vu Schoulen, Foyeren, Formatiounszentre fir Kanner a Jugendlecher. D'ONG ënnerstëtzt schonn iwwer 40 Joer d'Entwécklungshëllef am Peru, a Brasilien, Bolivien, Paraguay, Uruguay an Argentinien. Et gëtt nach eng ganz Rei Lëtzebuerger Klimabündnis-Gemengen, déi d'PNP och ënnerstëtzen, zum Beispill Déifferdeng, Mamer Miersch, Stengefort, fir nëmmen déi ze nennen. Ech froen heimat ären Accord fir der Asbl „Nouvelle PNP" mat Sëtz zu Nidderkäerjeng eng Subventioun vun 12.500 Euro fir déi genannten Aktiounen iwwerweisen ze däerfen.

Accord à l'unanimité.

7.4.

Prévisions sociales.

Avenant, à la convention des Maisons Relais de 2009, pour l'organisation des activités de vacances - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm en Avenant zu der Konventioun, déi mär mat der Maison Relais a mam Familljeministère hunn. Et geet haaptsächlech ëm d'Aktivitéiten. Et ass jo och gewosst, datt eis Maison Relais während der Vakanzenzäit ophuet fir déi Kanner opzefänken, deenen hir Eltere schaffe ginn. Do sollen dann och Aktivitéiten organiséiert gi fir datt déi Kanner net de ganzen Dag an der Maison Relais agespaart sinn. Dat wieren Aktivitéiten, déi ausserhalb vun der Maison Relais stattfannen. Do hu mer da festgehale kritt, datt déi Kanner, déi an deenen Aktivitéiten ageschriwwe sinn - zu engem Forfait vun dräi Stonnen den Dag – während maximal 15 Deeg am Joer kënnen deelhuelen. Dat heescht, si kënnen erausgoen, an den Zoo goen, an den Theater goen oder soss iergend eng Aktivitéit maachen. Dat hänkt jo och vum Wieder of a wéi d'Éducatricë sech ënner sech organiséieren. De Stat finanzéiert dat Ganzt och. D'Participatioun vum Stat bei der Maison Relais ass jo am Moment op 75% gehéicht ginn, esou datt dat eng Saach ass, déi net zevill op eise Budget schléit. Ech géif iech bieden, deen Avenant z'ënnerschreiwe fir datt eis Maison Relais och während der Vakanzenzäit hir Aktivitéite kann organiséieren.

Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.

Environnement.

Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA): programme d'action pour l'exercice 2010 - approbation du devis et des plans.

Gilbert Welter, Schäffen:

Wéi all Joer läit eis deen neien Aktiounsprogramm vir, deen de Sicona eis proposéiert fir d'Natur an eiser Gemeng ze erhalen an ze schützen. Mer ginn der Sicona och eng Rei Aarbechten, well si jo mat Fachleit zesumme schaffe respektiv mat speziellen Aarbechtsmaschinnen. Ausserdeem kréie mer eis Aarbechten zu 50% respektiv 75% vum Stat subventionéiert.

De Gros vun dësen Ënnerhaltsaarbechte fir de Wanter 2010-2011 ass d'Fleegen, d'Botzen an d'Schneide vun den Hecken, d'Méinen, den Ënnerhalt vun de Beem a vun anere Planzen op dem Gebitt vun eiser Gemeng. Dee gréissten Deel vun eisen Hecke wuessen net laanscht d'Weeër, virun allem zu Rolleng a Richtung Tëtelbierg, hanner dem Train 1900. Dann zu Péiteng, déi Wise riets géintiwwer vun der Kläranlag bis Richtung Athus a Belsch Grenz. Dann och deen Deel tëscht de Jenken, der Waxweiler Strooss an der Belair Strooss. Am Aide-mémoire hutt der d'Pläng, wou d'Siten agezeechent sinn. Dës Aarbechte kaschten 34.520 Euro a gi mat 50% subventionéiert.

Eng zweet Aktioun ass d'Méine vun de Wise mat den Ënnerhaltsaarbechte vun de Beem an de Planzen. Virgesinn ass de Plon zu Rodange, zu Rolleng lénks an der rue du Vieux Moulin wou eis Bongerte stinn. Dann och nach op dräi verschiddene Plaze virum Tëtelbierg.

Och hei sinn d'Pläng am Aide-mémoire. Fir dës Aarbechte sinn 11.645 Euro virgesinn, de Stat subventionéiert déi zu 50%.

Am Kader vum Ëmweltdiplom vun der Péitenger Gemeng fir d'Schoulkanner sinn dëst Joer 8 Nomëtteger virgesinn, wou eis Schoulkanner mat zwee Animateure verschidden Aktivitéiten, déi direkt mat der Ëmwelt ze doen hunn, ugebuede kréien. De Präis dofir ass 3.560 Euro.

E klenge Betrag ass och virgesi fir dräi Nistkaste vum Steekauz ze kontrolléieren, ze botzen an deelweis och dëst Joer ze erneieren. Se stinn zu Péiteng an der Athuser Strooss, zu Rolleng am Bongert an zu Rodange tëscht dem Bauer Rongveaux an dem Vullesang. E Betrag vun 408 Euro ass hei virgesinn. Dee gëtt zu 70% subventionéiert.

D'Sicona huet weider 6.950 Euro budgetéiert fir konkret Moossnamen ze huelen a Plazen an eiser Uertschaft ze schafe fir de Mauersegler, d'Schmuebelen, d'Eilen, d'Flëntermais an esou weider. Esou beleeft den Total vum Sicona-Programm sech op 57.085 Euro. Dovunner falen 35.000 Euro zu Laaschte vun eisem Gemengebudget. D'Differenz ass d'Subventioun vum Ëmweltministère.

Dës Statssubventioun geet also direkt an den Aktiounsprogramm a gëtt do mat verschafft. Se betrëfft awer eise Budget net, dee mat maximal 35.000 € belaascht gëtt. Ech froen heimat ären Accord fir d'Aarbechten aus dem Aktiounsprogramm vun der Sicona ausféieren ze loossen an och d'Devisen vun de Projeten iwwer 57.084,84 € respektiv d'Pläng guttzeheeschen.

Carlo Gira (CSV):

Ech hu just eng Fro. Mer hu jo elo den Info vum Sicona kritt. An do steet dran, datt si sech zur Aufgab geholl hu fir esou vill Hektar dorëmmer opzekafe fir Biotopen an och aner schützenswäert Terrainen ze kréien. Sinn do och Terraine bei eis?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer sollten nach eng Kéier zesumme komme fir doriwwer ze schwätzen. Et gouf esouguer eng Propositioun, datt de Minister och sollt mat an d'Gemeng kommen a mer e Ronndëschgespréich ofhale fir ze kucken, wéi mer dat alles kënne maachen. Allerdéngs kann een och esou Saachen an deem Budget vun 6.950 Euro maachen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt just eppes ze bedenke ginn. Wann dee Plang dann elo lass geet an se fuere mat hiren décke Maschinne lass. Et wier gutt, wa se géife komme wann et gefruer ass, well soss geet et fir d'Weeër. Well se hunn därmoossen déck Maschinnen, déi drécken op de Buedem an op d'Feldweeër. Ech hat hinnen dat scho gesot, well op Plazen haten se eng Kéier terribel gewullt, esou datt d'Weeër futti waren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mär haten hinnen dat och an enger Reunioun gesot, déi mer mam Här Schons haten. Se hunn eis versprach, datt se géifen oppassen an datt och hir Maschinne géifen, esoubal d'Aarbechte fäerdeg wieren, ewechgeholl géife ginn. Well et war och emol eng Zäit gesot ginn, déi géifen zwee oder dräi Deeg stoe bleiwen. Wann do sollt eng Reklamatioun kommen, da wier ech frou fir dat gewuer ze ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Sécher, wann de Schantjen amgaang ass, da fuere si och virun. Mee hei ass dat idealt Wieder well et haart gefruer ass. Da kommen se och gutt domat virun.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Vie associative.

Octroi d'un subside spécial au 'Photo Club Pétange' - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do geet et ëm de Photo-Club Péiteng an hire Concours, déi 21. Editioun, déi am Joer 2008 war. Dee Photos-concours ass scho bal eng Traditioun. An esou wéi et eng Traditioun ass fir e Concours ze halen, esou ass et och eng Traditioun, datt mer mat engem Defizit vun dësem Concours konfrontéiert ginn. All Kéier huet d'Gemeng sech nach bereet erkläert fir eng Partie vun dësem Defizit ze iwwerhuelen. Dës Participatioun louch ëmmer bei ongefëier 400 bis 500 Euro. Mer wëllen dem Gemengerot virschloen, eis als Gemeng Péiteng mat 300 Euro un dësem Concours ze bedeelegen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech mengen, där hutt et jo schonn erkläert. Et si vill auslännesch Fotografen, déi un deem Concours deelhuelen. Ech huelen un, datt dat och déi héich Zomm ausmécht.

Accord à l'unanimité.

9.2.

Vie associative.

Octroi d'un subside spécial à l'Harmonie Municipale de Pétange - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer an eisem Subsidereglement virgesinn hunn, datt all Veräin, deen e groussen Anniversaire – ab 25 Joer, dann 50, 75 oder 100 Joer – feiert e Subsid kritt. Pro Tranche vun 25 Joer ginn et 320 Euro. Déi Péitenger Musek huet am leschte Joer – an et geet deen anere Sonndeg zu Enn, well dann dee leschte Concert an dësem Kontext ass – 100 Joer gefeiert an huet eis doriwwer informéiert. Déi Zomm, déi fir dësen Anniversaire u si sollt fléisse beleeft sech op 1.280 Euro. Mer wollten dat dëst Joer nach opgronn vum Budget 2009 ofschléissen. Dofir wollte mer iech dat haut zur Ofstëmmung virleeë fir datt mer hinnen déi Zomm och kéinten iwwerweisen.

Accord à l'unanimité.

9.3.

Vie associative.

Tuning Club Commune de Pétange - statuts.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn Informatioune kritt, datt nei Veräiner gegrënnt goufen. Dat eent ass den Tuning Club aus der Gemeng Péiteng, deen anere Veräin heescht Luxembourg Model Management asbl. Mer géifen dem Gemengerot an deenen zwee Fäll (Punkt 9.3. an 9.4.) proposéieren, Acte ze huele vun de Statuten.

Jeannot Linden (LSAP):

Meng Fro ass, wat déi Leit wëlle maachen. Et ka jo net sinn, datt déi extra Auspuffen opbauen an esou virun. A wann se an d'Kontroll ginn, da ginn déi nees erofgeholl, mee se rennen dat ganzt Joer esou dorëmmer. Do sinn ech der Meenung, datt mer nee solle soen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also mär huelen Acte vun de Statuten, méi brauche mer elo net.

Guy Brecht (LSAP):

Ech si bei deem Veräi frou gewiescht, datt déi Délibératioun vun der Gemeng virlouch, well aus de Statute kann een net erausliesen, wat d'Zil vun deem Club do ass. Dat steet näämlech guer

net dran. Also dat vum Tuning Club. Ech hunn d'Statuten elo nach eng Kéier duerchgelies, an et steet néierens dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also mer loossen eis emol iwwerraschen, wat fir eng Aktivitéit et ass. Wann et jo eng interessant wier, da kënnte mer jo nach eng Kéier zeréckkomme fir ze kucken, ob se net op d'Subsidelëscht kënne kommen.

Il en est pris acte.

9.4.

Vie associative.

Luxembourg Model Management asbl - statuts.

Il en est pris acte.

10.1.1.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Ecole 'Neiwiss' à Rodange : remplacement de la menuiserie extérieure - approbation du devis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei komme mer elo zu enger ganzer Rei vun Devisen, déi zum Vote gestallt ginn. Mer géifen déi Zuel do – et sinn der am ganzen 15 – diskutéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi der scho konnt liesen, geet et hei ëm d'Fënsteren an der Neiwiss-Schoul, an zwar d'Fënsteren am hënneschten Deel vum Gebai. Déi sinn net ganz dicht an et reent eran. D'Isolatioun ass och net méi gutt a se sinn och net méi grad de Sécherheetsnorme vun haut ugepasst. Wann der hannendru kuckt, do hutt der och e Plang derbäi, wou der gesitt, wéi d'Gréisst vun de Fënsteren ass. Et ass och mam Léierpersonal ofgeschwat gi wéi déi Fënstere sollen agebaut ginn, wéi se sollen opgoen a gekippt ginn. D'Normen, déi verlaangt gi fir esou Fënsteren an enger Schoul anzebauen, sinn och gekuckt ginn. Et handelt sech hei ëm 18 Fënsteren aus Klassesäll, eng hënnescht Dir, eng Fënster am Trapenhaus an 11 Fënsteren an der Annexe. Dat Ganzt beleeft sech op 140.000 Euro. Ech wier frou, wann der géingt mat eis op de Wee goe fir dësen Devis ze stëmmen, esou datt mer dat nächst Joer kéinten déi doten nei Fënsteren abauen.

Carlo Gira (CSV):

Zu deem heite Punkt an och am Bezuch op d'Fënsteren an deenen anere Punkten: déi hei sinn aus Aluminium, déi aner sinn aus PVC. Ech wollt just froe firwat.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer wëllen se un den Neibau upassen, deen do uewendrop gebaut gouf. Do gouf mat Aluminium geschafft. Hei op der Foto geet dat net grad esou ervir, mee mer wollten awer do eng Eenheet schafe fir alles uniform an net alles verschidden ze hunn.

Carlo Gira (CSV):

Madame Conter, där hutt gesot, fir d'Schoul géife mer kucken, datt se deenen neitste Sécherheetsnorme gerecht géife ginn. Ech wollt froen, ob se dann och deenen neitsten Isolatiounsnorme gerecht ginn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Also esou wéi et gefrot ass, Jo.

Approbation à l'unanimité.

10.1.2.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Locaux de l'Harmonie Municipale et de la Chorale à Pétange: remplacement de la menuiserie extérieure - approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei handelt et sech och nach eng Kéier ëm Fënsteren. An zwar geet et hei ëm deen ale Pompjeesbau zu Péiteng. Do mussen d'Fënsteren – do wou d'Harmonie municipale an och d'Chorale hir Prouwen ofhalen – och ersat gi well se splitteren. Déi sinn och net méi dicht. Well mer jo ënnen am Jugendhaus schonn d'lescht Joer nei Fënsteren agesat hu wëlle mer eis do och upassen a Fënsteren aus PVC asetzen. Dat Ganzt soll sech op 17.000 Euro belafen. Hannendru gesidd der, datt den Devis och nach e bëssen explizéiert ass. Den Ofbau, d'Entsuergung, a wat dat alles mat sech bréngt. Et sinn 13 Fënsteren zu 1.200 Euro d'Stéck.

Romain Rosenfeld (CSV):

Eng kuerz Fro. Mat der „menuiserie externe" ass dat jo awer schonn en zolitte Posten. Hu mer do Devisen op verschidde Plazen ugefrot.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen. Et ginn ëmmer e puer Devisen ugefrot, an et sinn och Devisen ageholl gi bei deene Firmen, déi schonn ënnen am Jugendhaus d'Fënsteren nei gemaach hunn. Mer haten déi leschte Kéier en Devis vun der Firma Mertes, mer haten ee vun der Firma Wako an da gëtt gekuckt, wie méi gënschteg ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Et war och scho bei dem Devis virdrun an och bei deenen, déi duerno kommen. Wéi sinn déi Fënsteren ausgestatt? Sinn déi 3-fach verglast, hu se eng thermesch Isolatioun. D'Madame Conter huet virdrun erkläert, et wier alles an der Rei. Mee ech mengen, et kéint e wéineg méi explizit erkläert sinn. Den Här Gira hat dat jo och gefrot.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Se sinn net 3-fach verglast, mee duebel verglast.

Norbert Pierre (LSAP):

All Firma mécht haut Reklamm fir eng 3-fach Verglasung zum Präis vun der duebeler Verglasung.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech weess, mer haten dat lescht Joer schonn eng Kéier déi Diskussioun, wéi mer déi aner Fënsteren agesat hunn. Eis Techniker hu gesot, datt mer mat der duebeler Verglasung ganz gutt géifen hikommen. Si si ganz gutt agebaut, esou datt mer och elo bei deem Gebai duebel Verglasung hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Do gi mer jo awer géint dat, wat vum Energieministère gesot gëtt, an zwar, datt ee soll op 3-fach Verglasung zeréckgräifen oder esouguer nach méi. Et gëtt ugebueden an et kascht kee Frang méi, dofir froen ech mech, firwat mer bei der duebeler Verglasung bleiwen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass jo nëmmen den Devis. Mer kënnen awer nach eng Kéier bei eisen Techniker nofroen.

Approbation à l'unanimité.

10.1.3.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Bâtiment hébergeant les services techniques: remplacement de la menuiserie extérieure - approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Well d'Fënsteren an eise Gebaier relativ ofgenotzt si musse mer der dofir dat nächst Joer ganz vill änneren. Do geet et haaptsächlech ëm d'Menuiserie an eisem Peschenhaus, wou eisen technesche Service ënnerbruecht ass.

Well den Här Norbert Pierre och wahrscheinlech hei freet, ob se 3-fach oder duebel verglast sinn, wäerte mer dat dann och nach eng Kéier nofroe bei eisen Techniker, déi eis dann och kënne soen, wéi mer solle verglasen. Ech ka mer och denken, datt et duebel Verglasung ass, well mer iwwerall duebel Verglasung bis elo geholl hunn. Mee wann 3-fach Verglasungen an deem do Chiffer draleien, da gi mer op dee Wee. Dat Ganzt beleeft sech op 9.500 Euro.

Approbation à l'unanimité.

10.1.4.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Centre sportif à Pétange: remise en état de deux terrains squash - approbation du devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

Hei dréint et sech ëm d'Squash-Terrainen an der Péitenger Sportshal, an zwar d'Astandsetzung vun den Terrainen 1 an 3. Den Terrain 1 ass an d'Rei gesat ginn, den Terrain 3 huet eng ganz Rei Problemer, besonnesch mat däer hënneschter Wand. An dat haaptsächlech duerch den Drock vum Squashball, duerch dee mer Lächer an de Gips kruten. A wann de Ball an eent vun deene Lächer geréit, da kritt en eng aner Richtung, esou datt op deenen zwee Terraine keng Competitioun méi gespillt däerf ginn. Mer wollten dowéinst déi Terrainen direkt an d'Rei setzen. Dofir hu mer iech och direkt en Devis derbäi geluegt. Deen Devis ass net ganz bëlleg, mee dat hei ass dat Performanst wat um Maart ass. Hannendru ginn 2 Maueren opgeriicht. Zesumme mat dem Opriichten, den Transportkäschten an der TVA si mer dann awer bei 21.000 Euro fir déi 2 Terrainen.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi 2 Maueren, sinn déi nach ni reparéiert ginn?

Gilbert Welter, Schäffen:

Dach, déi 2 Mauere sinn eng Kéier mat Gips nei gemaach ginn. Mee do war e Problem mat der Fiichtegkeet, well dat hannen um Enn vun der Sportshal war. Dat ass frësch gemaach ginn. De Gips ass an der Rei, mee an der Mëtt, vun uewen no ënnen, do ass eng Plaz vun 20 Zentimeter, wou de Gips net méi an der Rei ass. Dat kann een och net méi flécken. De Waasserproblem ass awer geléist, dat hunn ech mer vun den Techniker soe gelooss. Also de Gips gëtt elo net méi fiicht.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, also wann et muss gemaach ginn, da soll et och gemaach ginn, well soss huet een 2 Terrainen, déi een net méi ka benotzen. Mee ech wollt just drop hiweisen, ob et net vun der Fiichtegkeet kënnt well et eben déi Mauer ass, déi ganz hannenaus läit. Et muss een och kucken – dat hei wäert och schonn ënnersicht ginn -, datt net erëm Waasser do erantrëtt, also eng Infiltratioun do ass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ass esou, datt elo och eng Mauer hannendru gebaut gëtt. Dat steet jo och alles am Devis dran, an zwar „...deux murs de jeu...", esou datt am Fong geholl keng Fiichtegkeet méi dierft optrieden.

Carlo Gira (CSV):

Wann ech elo richteg verstanen hunn, da sinn dat hei Drénglechkeets-aarbechten. Dann hunn déi och kee Afloss op déi Aarbechten, déi nach virgesi sinn duerch d'„mise en conformité" vun der Sportshal.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat huet keen Afloss dorop. Mer musse jo déi zwou Hale konform maachen. Mee mer haten awer ganz kloer gefrot, ob dat keng Schwieregkeete géif mat sech bréngen an ob et net duebel Aarbecht wier. Net datt mer elo eppes maachen an an dräi Joer mussen ëmbauen. Eis technesch Servicer hu gesot, datt dat do keen Afloss drop hätt.

Approbation à l'unanimité.

10.1.5.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Sports et loisirs: travaux de rénovation à la piscine couverte de Pétange - approbation d'un devis additionnel.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, a mer hunn dat och scho méi laang ugedeit, datt d'„Administration de la gestion de l'eau" am Kader vun hirer Autorisatioun gesot huet, datt d'Iwwerflächewaasser soll opgefaange ginn an dofir Tanke sollen opgestallt ginn. An der Tëschenzäit hu mer jo och mat dem „jardin solidaire" a mat der „épicerie solidaire" zwou Plazen, wou dat Waasser benotzt gëtt, esou datt mer iech géife virschloen en Devis vun 40.000 Euro am Kader vun der Renovatioun vun der Péitenger Schwämm ze stëmmen. An dat fir engersäits déi Bassengen opzeriichten, a fir anersäits déi Leitungen unze-schléisse fir de „jardin solidaire" mat Waasser ze versuergen. Dann hu mer engersäits Waasser opgefaangen an anersäits och nach eng valabel Notzung vun deem Waasser fonnt. Do hu mer zwou Mécke mat engem Schlag geschloen.

Carlo Gira (CSV):

Dat do ass eng Saach, déi sécher ganz sënnvoll ass am Sënn vun der Ëmwelt. Mer kënnen net mat engem méi héije Waasserpräis rechne fir iwwer d'Ronnen ze kommen, well soss géife mer dëse Projet net maachen.

Approbation à l'unanimité.

10.1.6.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Maison des Jeunes à Rodange: fourniture et mise en place d'une nouvelle centrale de détection d'incendie - approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dës nei Installatioun géif sech dann op 10.000 Euro belafen. D'Explikatiounen dozou fannt der am Aide-mémoire. Do stinn déi technesch Informatiounen zu dësen Aarbechten, déi do sollen ulafen. Ech wier och ganz frou, wann der zur Sécherheet vun eise jonke Leit, déi sech do ëmmer ophalen an och flott a gutt Aarbecht an deem Jugendhaus maachen, dëse Projet géift stëmmen.

Approbation à l'unanimité.

10.1.7.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Ancien bâtiment des Sapeurs Pompiers à Pétange: fourniture et mise en place d'une nouvelle centrale de détection d'incendie - approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei geet et ëm déi selwecht Saach, mee dës Kéier am ale Pompjeesbau zu Péiteng, wou mer jo d'Proufsäll vun der Musek an der Chorale hunn. Do dernieft och nach d'Jugendhaus. Dofir ass deen Abau och e bësse méi héich. E beleeft sech op 28.000 Euro. Déi technesch Explikatioune stinn och an ärem Aide-mémoire. Do kënnt der erausliesen, wat do alles soll agebaut ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat ass jo deen ale Pompjeesbau, mee ass do d'Jugendhaus och mat dran, oder ass déi scho gemaach?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, d'Jugendhaus ass och hei mat dran.

Norbert Pierre (LSAP):

Mer ware jo eng Kéier zesumme mat däer Firma, déi déi Zentralen do liwwert. Déi Zentralen hei si jo dann och iwwer Telefon oder esou mat de Pompjeeë a Verbindung. Also dat heescht, datt direkt gemellt gëtt wann do eppes virkënnt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, dat ass esou.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och de Portier, deen a Bereetschaft ass, gëtt mat do agebonnen.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass gutt esou.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Soss hätte mer jo och keng optimal Sécherheet, an dat wëlle mer jo awer hunn.

Approbation à l'unanimité.

10.1.8.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Environnement: diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune de Pétange - approbation du devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

Esou wéi bei der Budgetspresentatioun scho virgestallt, ass d'Diagnos iwwer d'Loftqualitéit eent vun deene wichtegsten Elementer wat d'Ëmwelt, d'Gesondheet vun eise Matbierger an och d'Liewensqualitéit ugeet. Mär bauen op Kontinuitéit an eisen Aktiounen. An dat fir engersäits op laang Siicht d'Wäerter enregistréieren ze kënnen, an anersäits deenen Entreprisen, déi direkt mat der Ëmwelt ze doen hunn, ze weisen, datt mer als Gemeng eis Roll spillen an eng gutt Loftqualitéit erhale wëllen.

Fir 2010 gouf dann e weideren „plan de surveillance" fir d'Wäerter vum Bläi, Chrom a Molybden mat eisem Conseil an der Expertefirma fir d'Ëmwelt opgestallt an et goufen dës Akzenter gesat: eis Miessunge vum Geméis sinn 3 Mol tëscht Juli an November; d'Analysen op Molybden a Bläi gi bei ongewäschtem a gewäschtem Geméis virgeholl; Analysen op Molyben a Bläi ginn och bei Grasplanzen duerchgefouert. Am ganze sinn 9 Campagne virgesinn, 35 Analyse ginn op 14 Statioune geholl. Dat alles vum Clopp bis op d'Fonderie.

Ufanks 2010 kréie mer dann och dat Dokument iwwer d'Resultater vun deene leschten 10 Joer. Den Devis fir dës Aarbechte läit bei 18.934,75 Euro. Esou wéi 2009 hu mer och eng Optioun iwwer e Betrag vun 5.750 Euro geholl fir d'Iwwerwaachung vum Rodanger Crassier vun der SLR. Mär si prett a loossen dës Kontrollen ulafen esou bal dës Firma ufänkt ze schaffen. Dat kéint am Laf vum Joer 2010 de Fall sinn, awer ënner däer Bedingung, datt si d'Konditioune mat hiren Oploen erfëllen. De Schäfferot huet och mat dëser Firma ufanks 2010 e Rendez-vous fir déi noutwenneg Informatiounen ze kréien. De ganzen Devis fir d'Diagnos vun der Loftqualitéit beleeft sech op 24.684,75 Euro. Mer wollten iech froe fir engem spezielle Büro d'Realisatioun vum „plan de surveillance" fir 2010 an Optrag ze ginn an den Devis guttzeheeschen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech ze begréissen, datt mer dat – esou wéi den Här Welter dat gesot huet – an der Kontinuitéit viruféiere well mer jo och eng Kéier domatter ugefaangen hunn. Nëmme wa mer ëmmer nees moosse kënne mer un der Kurv erkennen, ob et Ännerunge ginn oder net. Mee der wësst jo all, datt et net mat Ännerunge gedoen ass. Mer wësse jo vu wou et kënnt, a mer miissten e Moyen hu fir deene Leit, déi et verursaachen, op d'Fanger ze klappen. Well soss kënne mär bis an d'Onendlechkeet moossen a mer kenne jo d'Resultat, mee déi Verantwortlech sollen op d'Fanger geklappt kréien.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mär hu keng Beweiser a mer kënnen och net kloer soe ween et ass. Mer hu versicht, eng Rei Firmen ze kontaktéieren. Mee déi hu ganz einfach gesot, datt dat einfach kéint duerch d'Collectrice sinn oder datt dat vun anere Firme wier, mee net vun hinnen. Mer hunn och versicht, Kontrolle méi no u si erunzekréien. Mee mer hunn awer keng méi schlecht Resultater erauskritt. Ech wëll awer och behaapten, datt déi Wäerter, déi mer moossen, u sech ganz an der Rei sinn. Dat heescht, mer wäerten och elo am Joer 2010 nees e Bichelchen erausginn an deem ganz genee steet, wéi d'Analysen iwwer déi lescht 10 Joer waren, wou mer de Moment stinn, wéi wäit datt d'Leit hiert Uebst a Geméis kënnen iessen. Mer hu fir 2009 zwee Resultater vun insgesamt 3. Déi lescht si vum November, an déi hu mer nach net. Normalerweis sinn déi am schlechsten, well dat Geméis am längsten am Gaart steet. Déi Resultater wäerte mer awer an deenen éischten zwou oder dräi Woche kréien. Déi waarde mer nach of. Awer déi éischt an déi zweet Analys ass ganz an der Rei.

Romain Becker (Déi Gréng):

Hutt der dann och virgesinn, wa mer dann och déi lescht Analysen hunn, fir eng Informatiounsversammlung ze maachen? Well ech ka mech erënneren, datt d'Analysen de Leit eng Kéier virgestallt goufen. Ass dat virgesi fir dat och esou op deem Wee weider ze féieren?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer hu vum leschte Joer aus d'Informatiounsversammlungen ofgebrach, well mer do nëmmen e Minimum vu Leit haten. Am Prinzip waren et eng hallef Dose Leit, déi ganz dacks iwwer aner Themen diskutéiert hunn ewéi dat, wat et effektiv sollt sinn. Mer hunn awer dofir entscheet, datt all déi Leit, déi interesséiert sinn, zu all Moment d'Informatioune schréftlech iwwer eisen Ëmweltbüro zougeschéckt kréien. A mär hunn nach eng ganz Rei Leit, déi op enger Lëscht stinn, a wou mer dat och wäerte maachen.

Carlo Gira (CSV):

Déi Miessungen do kann een net a Fro stelle well mer eise Bierger dat schëlleg sinn. Dat Eenzegt, wat ech bedaueren, dat ass, datt mär als Gemeng esou en héije Chiffer mussen opbréngen an datt et net néideg ass, datt déi Firmen, déi mat geféierleche Stoffer handelen, Beweiser brénge musse vun unerkanntene Büroen a selwer fir d'Käschte mussen opkommen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech mengen, et gi jo och Recherche vum Ministère aus iwwer d'Loftqualitéit gemaach. Dat soll een och emol soen. Déi kréie mer och ëmmer zougeschéckt. Dat huet nun emol säi Präis. Mee ech muss awer och soen datt, wann der de Budget vun 2009 mat 2010 vergläicht, mer hei de Moment 5.000 Euro manner an d'Recherche investéiert hunn. Dat wëll awer net heeschen, datt mer manner Aarbecht geleescht kréichen, mee mer hunn einfach e bessere Präis erausgeschloe kritt. Mer waren ëmmer bei 30.000 Euro, an dës Kéier si mer e gutt Stéck drënner.

Carlo Gira (CSV):

Ech hunn dat jo net bemängelt. Ech mengen, datt déi Firmen d'Käschte kéinten iwwerhuelen an net d'Allgemengheet.

Gilbert Welter, Schäffen:

Jo, wa mer wéisste wien et wier, da kéint een déi jo och emol ugräifen. Mee wéi gesot, e Bewäis hu mer net,

an et wäert och schwéier sinn, e Bewäis ze kréien.

Carlo Gira (CSV):

Déi miissten einfach Bewäiser duerch en unerkannte Büro bréngen, datt alles, wat si ausscheeden, an der Rei ass. An net, datt mär dat musse maachen an d'Allgemengheet dofir muss bezuelen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Effektiv ginn all Mount déi Relevée vun deene Firmen un de Ministère geschéckt, a mär kréien am Ëmweltbüro och eng Kopie dovunner. A komescherweis sinn déi Wäerter all an der Rei. Ech ka mech erënneren, datt an deene leschten 3 Joer eng Kéier iwwer e Weekend eng Pann geschitt war an datt ee Wäert vill ze vill héich war. Duerno huet dat sech nees normaliséiert, an och déi Analysen hu mer am Ëmweltbüro leien. Dat kann een nokucken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Effektiv ass et esou, datt si och Kontrolle maachen. Mee eng gutt Kontroll ass net schlecht, an dofir loosse mer eis dat do eppes kaschte fir ze gesinn ob dat, wat si eis liwweren, méi oder manner mat deem iwwerteneestëmmt wat mär hunn. Dat ass jo ni esou schlecht.

Approbation à l'unanimité.

10.1.9.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Infrastructure routière vicinale: acquisition et déplacement du poste de transformation Creos au niveau de la rue Pierre Hamer à Pétange - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn de Moment en Transformator do stoen, deen um Terrain vun der Eigent-Schoul steet. A well do jo elo eng Erweiderung usteet vun der Maison Relais miisst deen ëmgestallt ginn. Mer si scho souwisou zu 50% Besëtzer vun dësem Trafo, a wa mer déi aner Halschent géifen ofkafen, dann hätte mer d'Garantie, datt mer do 630 Kilowatt Ampère zur Verfügung hätten. Dat géif eis duergoe fir d'Versuergung vum neien Nationale Keelen- an Tenniszentrum, vum „canal de rétention" (RUB 5) an der Pierre Hamer Strooss, vun der neier Maison Relais, vun der Eigent-Schoul an och vun der ëffentlecher Beliichtung. Mer waren also der Meenung, déi 50% vun der Cegedel ofzekafen. Dat ass e Poste vun 27.717 Euro.

Op däer aner Säit wollte mer deen Transformator eriwwer zéien, méi op den Hotel zou. Am Fong geholl an der Achs vun deem Wee, dee laanscht d'Sportshal erofkënnt. Do soll e stoe kommen. Dat géif dann alles ugeschloss ginn. De Käschtepunkt läit hei bei 120.000 Euro, déi mer dann och am Budget stoen hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass ganz gutt. Dat heescht, datt déi sämtlech Gebaier do op een Trafo kommen. Mer hu jo awer och nach en Trafo an der Sportshal esou wäit ech weess. Mee ech mengen, do hänkt den Hotel och nach mat drun.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, do hänkt den Hotel nach mat drun. An déi Saach géif e bësse méi komplizéiert ginn. Do hu mer eng Part, déi mer zesummen hunn an déi mer eis deemools gedeelt hunn. Ech weess an der Zäit, wa mer emol den Johnny Hallyday optriede gelooss hunn, dann hu mer dem Hotel gesot, se sollen d'Luuchten an den Zëmmeren ausmaache well soss hätt den Johnny net kënnen optrieden.

Norbert Pierre (LSAP):

Et wier scho besser, wanns de alles op engem hänken häss. Dat wier jo scho méi richteg.

Jeannot Linden (LSAP):

Déi Plaz, wéi se elo agezeechent ass, ass dat eisen Terrain?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass eisen Terrain. Dee läit just an der Achs wou den Hotel nach mat senger Parzell iwwer d'Strooss läit. Dat musse mer dann och eng Kéier analyséieren. Den Hotel hat jo anscheinend d'Strooss nach matkaf. E mengt emol. Dat hei ass awer just dernieft.

Approbation à l'unanimité.

10.1.10.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Transports et communications: travaux de reprofilage et de renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn de Kredit schonn e bëssen eropgesat fir systematesch déi Stroossen - wou elo an nächster Zukunft näischt an der Infrastruktur geschitt mee de Belag awer schlecht ass a wou och vill befuer sinn – e bësse propper ze maachen. Dat géif dann am Budget 2010 op déi Stroosse kommen, déi der um Plang op der Säit 250 vum Aide-mémoire stoen hutt. Dat sinn: zwee Drëttel vun der rue Michel Rodange - den ieweschten Deel hate mer schonn eng Kéier nei gemaach -; déi ganz rue de la Chiers, déi schlecht ass well e ganze Koup Traversen do geschitt sinn; d'rue Dicks géif och dorënner falen. Mer hunn am ganzen 280.000 Euro virgesinn an der Erkenntnis, datt dat misst duergoen. Aus Erfahrung hu mer awer gesinn datt, all Kéier, wa mer esou eng Soumissioun gemaach hunn, d'Präisser emol heiansdo méi niddereg ware wéi mer geduecht haten. Mer hoffen, datt dat och dës Kéier de Fall ass. An der Réserve hu mer ënner anerem nach fir de Parvis vun dem Rollenger Kierfecht frësch ze maachen. Esou vill wäert ëmmer nach dra sinn. Mer kucken emol, wa mer elo d'Soumissioun ufroen, wéi d'Präisser sinn, an da kucke mer opzefëlle wa mer do nach Sputt hunn. Dëst Joer hate mer Sputt, d'lescht Joer hate mer Sputt. Ech hoffen, datt mer dann och 2010 Sputt hunn an nach e puer aner kleng Flicke kënnen derbäi huelen.

Approbation à l'unanimité.

10.1.11.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Conduites d'eau: construction d'un bassin d'eau au 'Herbstberg' à Pétange - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Do hat ech schonn am Budget gesot, datt mer endlech eens goufe mat dem Besëtzer vun deem Terrain. Den Terrain ass interessant well e just op der selwechter Héicht ass wéi dee Rollenger an de Rodanger Basseng. Da kann och een an deen aneren aspeise wann eng Kéier Nout um Mann wier. Mer hunn de Moment e Basseng hei zu Péiteng stoen, an zwar déi aner Säit vum Chauvin do uewen. Deen ass aus dem Joer 1954 an en huet eng Kapazitéit vun 1.000 Kubikmeter. Hei wier am Fong geholl dat Duebelt, wat elo a Fro géif kommen. Dat ass esou gerechent gi well mer der Meenung sinn – oder besser well mer eng Statistik opgestallt hu mat 175 Liter pro Awunner a pro Dag. Dat ass relativ héich, esou datt mer eng Moyenne vum Verbrauch vun 1.900 bis 2.000 Kubikmeter pro Dag hunn. Et ass och nach eng Réserve vun 200 Kubikmeter dra fir d'Pompjeeën. An hei wier elo en Devis, deen opgestallt ginn ass. En ass am

Fong geholl op der Héicht vum fréieren „Home du Passeur“, also d'Haus Borosini, wéi mer et elo nennen. Do géif e praktesch op däer selwechter Héicht déi aner Säit vun der Strooss gebaut ginn. Et wier eng normal Konstruktioun mat zwee Bassenge bannendran. Et misst natierlech och d'Zouleitung geluegt ginn un deen décke Rouer hei ënnen um Rond-Point Eglise. Bis dohinner musse mer also oprappe fir do unzeschléisse fir datt mer déi zwee Bassengen a Kommunikatioun matenee kënne setzen. Dat bedéngt, datt déi ganz Belair Strooss ee Moment ganz opgerappt gëtt, wat mer jo och virgesinn haten, a wou mer och de Leit gesot haten, se miisste sech e bësse gedëllege wat hir Strooss ubelaangt. Et géif awer an engems och profitéiert gi fir vun hei aus de Scoutschalet Prënzebierg anzespeisen. Deen huet de Moment Waasser, mee dat leeft nach vu Lamadelaine eriwwer, an zwar mat Leitungen, déi einfach an engem Gruef leien. Hei géif dat dann och anstänneg gemaach ginn, esou datt déi och genuch Drock hätten. Dat Ganzt beleeft sech dann op 1,790 Milliounen Euro, wouvunner ongeféier d'Halschent fir de Bau vum Basseng a Fro kënnt, déi aner Halschent fir d'Uschlëss an all déi aner Käschten ewéi d'TVA oder den Ingenieursbüro, déi nach dobäi kommen. Wann der eis dat stëmmt, dann hoffe mer nach dëst Joer kënnen do uewen unzefänken. Pardon, ech si menger Zäit viraus, dat nächst Joer. Ech war schonn am Joer 2010.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt froen, ob et noutwenneg ass, datt do 4 Parkplazen am Bësch agezeechent sinn. Mer sinn do am Bësch. Schaffen do Leit oder encouragéiere mer d'Leit net domatter fir erop an de Bësch ze fueren?

Roland Breyer, Schäffen:

Also eis Bassenge si bis elo a ginn och nach ëmmer regelméisseg kontrolléiert. Déi mussen och deelweis belëft an entlëft ginn. Do si Schauten do, an do muss een ëmmer kucken, ob net en Idiot – wann ech dat esou däerf soen – eng gestiicht huet. Mer hate schonn allerhand an deenen aneren draleien. Ech wëll elo net d'Bevëlkerung veronsécheren, mee ech hu Fotoe gesi vu Bassenge vu Rodange a Lamadelaine oder och vu Péiteng, an déi waren net schéin. Mer hunn dat schonn zu engem groussen Deel ofgeséchert, mee mer kucken, datt mer eng Télésurveillance dohinner kréien, datt mer ënne kënne moossen ob keng Fuite dran ass. Mee et muss regelméisseg kontrolléiert ginn an et muss een och eropfueren an och eventuell mat zwou Camionnetten. Ob do 4 Parkplaze musse sinn an ob een se net ka reduzéieren, muss ech nofroen. Wann ech emol op Kënzeg fueren, do sinn um Schack ongeféier 10 Plaze ronderëm. Ech weess net, ob dat och muss sinn, mee ech mengen emol net. Ech kann dat awer nofroe loossen.

Carlo Gira (CSV):

Well ech mengen, et ass jo och nach virum Basseng Plaz, wou een d'Camionnetten histelle kann.

Roland Breyer, Schäffen:

Wann een dat e bëssen touristesch gesäit, da kéint een och dohinner fuere fir vun do aus trëppelen ze goen.

Carlo Gira (CSV):

Mee mer mussen d'Leit jo net dozou encouragéiere fir an de Bësch erop ze fueren.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass souwisou e Schëld do, datt et nëmme fir d'Urainer ass. Also ech si frou wann der net zevill do erop fueren.

Jeannot Linden (LSAP):

Wann der kuckt, op de Säiten 263 an 266 vum Aide-mémoire, do hu mer de Raccordement vum Chalet fir 188.000 Euro, déi aner Kéier steet en do fir 189.000 Euro. Kënnt der mer do soen, wat dee richtege Chiffer ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Also dat weess ech och elo net. De Récapitulatif schéngt mer richteg ze sinn. Mer ginn dat virun un de Bureau d'études fir datt se eis dat solle richteg erëmginn. Et ass Schroeder.

Jeannot Linden (LSAP):

De Raccordement un de Scoutschalet, dat ass jo awer e Chiffer vun 188.000 Euro. Wa mer de Plang kucken, da gesi mer, datt do 600-700 Meter Gruef musse geluecht ginn. Mer leeë bal 700 Meter Kanal dran, mer leeë bal 700 Meter Waasserleitungen dran. Ech froe mech, ob een deen net ka fir sech eraushuelen. A sech huet e jo net direkt eppes mat dem Basseng ze doen. Ech sinn net dergéint, datt dat do gemaach gëtt, mee ech hätt et léiwer gehat, wann et erausgeholl gi wier an e separaten Artikel fir déi Aarbecht do.

Roland Breyer, Schäffen:

Et huet net direkt eppes domat ze doen, dat stëmmt. Et ass just, datt mer elo op deem Niveau sinn, datt mer besser kënnen aspeisen a versuergen. Déi Saache sinn och gutt, well jo ronderëm dee Plateau vun der Eucosider sech nach ganz vill beweegt. Also déi Aarbechte sinn net eleng fir d'Scouten, mee och nach fir aner Saachen, déi dovunner profitéieren. Mer hunn elo keen Artikel virgesinn, an et gëtt technesch komplizéiert. Mer hunn et elo an engem Artikel am Budget. Soss musse mer dee ganze Budget op d'Kopp geheie wéinst deem Maquillage do. Mer kucken, datt mer den Dekont esou séier wéi méiglech maachen an datt mer et separat maachen an dräi Punkten, esou wéi et hei och ass. De Raccordement vun der Waasserleitung huet zwar direkt eppes mam Basseng ze doen, et hätt een dat och kéinte bei d'„conduites d'eau“ huelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass awer scho méi direkt wanns de den Uschloss vum Baseng méchs fir d'Verdeelung. Dat hei ass fir mech eng Aarbecht fir sech.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer kucken, datt mer d'Dekonten dann all separat oplëschten, well et ass elo technesch schwéier méiglech fir dat aus dem Budget erauszehuelen an en extraen Artikel ze maachen. Da miisst een de Budget nei maachen an déi aner Kéier zeréckkommen. Mer wëllen iech awer elo net d'Chrëschtvakanz verschampléieren. Mee är Bemierkung ass pertinent an et hätt een och esou kënnen iwwerleeën.

Jeannot Linden (LSAP):

A wéi gesot, wann der eis wëllt dee richtege Chiffer matdeelen an däer nächster Sitzung.

Roland Breyer, Schäffen:

D'accord. Dat maache mer.

Norbert Pierre (LSAP):

Meng Froen hu sech eriwweregt.

Approbation à l'unanimité.

10.1.12.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Etude et réalisation pour la sécurisation de la circulation autour des sites scolaires de la commune (1re phase) - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Do hu mer wëlles, e spezialiséierten Ingenieursbüro ze froe fir d'Halschent vum Präis, deen do virgesinn ass. An dat fir eis emol konkret an ëmsetzbar Iddien ze proposéieren zu deem, wat ee ka ronderëm eis Sitë maachen. Do ass haaptsächlech de Site An Éigent, dee ganze Site vum Lycée bis eriwwer bei den Hotel, wou eng global Iwwerleeung muss kommen, wéi de Verkéier a wat fir

e Verkéier do soll lafen, wéi de Foussgänger soll goen. Och d'Chance fir aner Weeër ewéi d'„mobilité douce" – Vëloen asw. – ze kréien an ze kucken, wéi déi dohinner kënne kommen. Dat selwecht och zu Lamadelaine op dem Site, deen awer méi gruppéiert läit, an och zu Rodange ronderëm d'Neiwiss, wou mer dee Site wëlle méi sécher maachen, ouni awer déi aner ze vergiessen. Et muss ee kucken, wat ee ka besser maachen. Do sinn am Ganzen 30.000 Euro virgesinn, 15.000 Euro fir d'Etuden a 15.000 Euro fir d'Realisatioun, déi doranner besteet, datt aner Markéierungen, aner Schëlter oder aner Obstacle opgestallt ginn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt just eng Kéier widderhuele wat ech schonn dee leschte Méindeg gesot hunn. Der musst awer och d'Elteren drop opmierksam maachen, déi mat den Autoen do sti fir d'Kanner ewech ze huelen, well si bedeiten eng vun deene gréisste Geforen op deene Plazen.

Roland Breyer, Schäffen:

Absolut richteg. Et muss eng Informatioun an eng Motivatioun un d'Eltere goen, datt dat och respektéiert gëtt. Well déi bescht Markéierung an déi bescht Obstaclen, déi ee mécht, notzen näischt wa se awer geschwënn iwwer d'Mauere bis an de Schoulhaff era fueren.

Carlo Gira (CSV):

Meng Interventioun geet an déi selwecht Richtung wéi déi vum Här Brecht. Ech wëll awer och soen, datt, wann een do ofséchert, da muss een awer och kucken, datt een do Material hëlt, wou d'Kanner net derduerch lafen. Bei der Éigent-Schoul ass et schonn amgaang ze raschten an erof ze falen.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer wäerten dorunner denken.

Approbation à l'unanimité.

10.1.13.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Installation d'une signalisation lumineuse au croisement de la route de Longwy avec le chemin de Brouck à Rodange - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat do hate mer schonn am Budget ugedeit. Mer hu festgestallt, datt do schonn immens vill Accidenter geschitt sinn, esou guer mat Doudeger. Mer stellen och fest, datt do och eng Haltestell vum Bus ass fir d'Kanner, a mer gesinn, datt an der Noperschaft eng ganz Rei Residenzen entstinn oder schonn do sinn. Mer wëssen, datt e gréissert Lotissement an der rue des Vielles Parts entsteet. Alles dat mécht aus, datt mer elo scho Moossnamen ergräifen an eng rout Luucht op déi Kräizung setzen. Déi Ampelanlag wier esou, datt se géif dem Foussgänger méi Sécherheet ginn. Se wier awer héchstwahrscheinlech nëmmen den Dag iwwer a Betrib bis um Ufank vun der Nuecht. Well owes, wann net méi vill Verkéier do ass an et ass och ëmmer rout, da gëtt se souwisou net observéiert an dann hu mer do eng falsch Sécherheet. Dat hu mer jo op der Athuserstrooss gesinn. Wann op eemol kee Verkéier méi aus de Säitestroosse kënnt, dann huet et kee Wäert méi, datt se un ass. Wann et spéider esou sollt sinn, datt et ëmgedréint ass an datt d'Demande méi aus de Säitestroosse kënnt, da brauch een och nëmmen op de Knäppchen ze drécken an se anzestellen. Wann der averstane sidd mat deem Chiffer hei – et si jo awer 100.000 Euro, déi do mussen investéiert gi well jo och eng Etude gemaach muss gi fir ze kucken, wéi déi Kabele solle lafen -, da kënne mer d'Anlag kafen a fir d'éischt och nach Ponts et Chaussées froen, ob déi och averstane sinn. Mer haten eng Reunioun mat Leit aus der Noperschaft, déi schonn eng Zort Biergerinitiativ geholl hate fir eis opmierksam ze maachen, datt do vill Gefore sinn. Do ware Ponts et Chaussées och vertrueden. An dem éischten Androck no hate si näischt dergéint. An dofir ginn ech dovunner aus datt, wa mär eis hei eens ginn, si sech och däer Entscheedung uschléissen. 100.000 Euro stinn do, a mer wiere frou, wann der deem géift zoustëmmen.

Norbert Pierre (LSAP):

Et ass bestëmmt eng gutt Saach fir déi Kräizung ze reglementéieren. De Problem, deen ech hunn ass deen, datt do e „quartier résidentiel" gebaut gëtt, fir et emol esou ze nennen. Ass dat net och esou, datt se miissten un den Onkäschten deel huelen. Well dat gëtt jo zum Deel fir si gebaut. Dat heescht, fir de Verkéier ze regelen, esou gutt wéi een dat och mam Waasser oder mam Ofwaasser huet, gehéiert och dat zu hirer Infrastruktur. Da kéint et jo iwwer si ofgewälzt ginn. Da géife si mat erageholl ginn. Ech mengen, der hat et jo als Conseil matkrut, datt eng Etude iwwer de Verkéier gemaach gouf, an et war och ugedeit ginn, datt, wann dat emol géif funktionéieren, et en Effekt vun 300 Autoen huet, déi do wéilten erauskommen. An all déi, déi do wëllen erauskommen, wëllen och op de Contournement kommen, esou datt mer schonn eng Kéier gesot haten, datt dat e grousse Problem kéint ginn. Gott sei Dank gëtt et jo an Etappe realiséiert. Mee et kann een drun denken, wann een déi Konventioune mat hinne mécht, datt se och un däer Luucht do participéieren. Ech weess, wou de Cactus op Péiteng komm ass, do hate mer och esou eng Konventioun, wou si och duerno participéiert hunn.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech fäerte bei esou Saachen ëmmer, datt mer nach méi Stau kréien ewéi mer es schonn hunn zu Rodange, zu Péiteng an zu Rolleng. Déi Luuchte wiere relativ gutt wann ee vum Brouckerwee erofkënnt fir an d'Haaptstrooss ze fueren. Awer datt se andauernd systematesch ginn, dat géif ech net esou gutt fannen.

Roland Breyer, Schäffen:

Se ginn net systematesch. Also et ass eng dynamesch Anlag, déi op Demande reagéiert. Wa keen Demandeur do ass, dann ass se op gréng geschalt. Oder wann de Foussgänger se dréckt. Do miisst een nach kucken, ob de Foussgänger an en Zyklus erakënnt oder ob een dat och ka regléieren. Der hutt Recht mat de Luuchten. Et gëtt eng eenzeg Gefor, déi ech bei Ponts et Chaussées gesinn, an déi hu jo och Regelen. Der hutt op der Gare bei der Apdikt eng Luucht stoen, dann hu mer nees eng op der Kräizung stoen, et géif hei nach eng derbäi kommen a mer hunn och nach eng op der Fonderie. Dat sinn der e bësse vill op enger Haaptstrooss an op enger Distanz vun engem gudde Kilometer. Datt si do vläicht verhandelen, dat muss ee kucken. Op däer aner Säit ass et awer e geféierlechen Eck hei a mer hunn Argumenter fir datt se soll dohinnerkommen.

Approbation à l'unanimité.

10.1.14.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Abaissement des bordures de trottoirs aux abords des passages pour piétons dans la commune - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Do wëlle mer e klenge Pilotprojet zesumme mat der Vereenegung 'Handicap' realiséieren. An dat no dem däitsche Modell „barrierefreie Mobilität". Do wollte mer dann haaptsächlech zu Rodange op der grousser Kräizung

emol ufänken. Dat si spezifesch Upassungen akustescher Natur, mee och wat d'Fillen an d'Mobilitéit ugeet, déi musse gemaach ginn. D'Pente mussen an d'Trëttoire kommen, mee et musse Pente sinn, déi ofgeséchert sinn, well wann eng blann Persoun kënnt, da kann déi einfach an d'Strooss lafen. Dat muss mat Rille gemaach ginn, esou datt déi Persoun dat spiert. Et muss awer och fir déi sinn, déi net gutt héieren oder déi an engem Rollstull sëtzen. Et soll also fir den Handicap generell sinn. An do hu mer de Moment eis Kräizungen nach net esou ugepasst ewéi dat miisst sinn, esou datt mer elo do versichen, all Behënnerung gerecht ze ginn an eis Kräizunge behënnertegerecht ze gestalten. Haaptsächlech do wou se mat Luuchte funktionéiere sinn dës Ëmännerungen an enger éischter Etapp virgesinn. Mer hunn elo emol 50.000 € agesat. Mer fänken zu Rodange un, an da komme mer bei déi aner Kräizungen a bei déi aner Luuchten inklusiv déi nei Luucht beim Brouckerwee.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass just eng Feststellung. Wann ech d'Käschte fir Étude kucken, dann hu mer hei och fir 10.000 €. An da kucke mer fir d'„signalisation lumineuse" op der Lonkecherstrooss, do sinn och 10.000 €, déi se verdéngen. Bei de Schoule sinn et 15.000 € fir déi Büroen. A fir déi Aarbecht op der Gare zu Rodange, do gëtt jo och bestëmmt eng gemaach.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, déi Etuden, déi do gemaach ginn, déi solle vun engem Büro gemaach ginn, dee speziell op den Handicap spezialiséiert ass. Mer wëssen do, datt d'Gainen do leien an do hu mer net esou vill ze maachen. Ronderëm d'Schoulsitë musse mer héchstwahrscheinlech Infrastrukturen änneren oder Insele bauen. Do sinn Etuden an deem Sënn ze maachen. Bei der Kräizung zu Rodange beim Brouckerwee, do beschäftege sech d'Etuden haaptsächlech domatter, wéi alles muss vernetzt ginn. Do läit e ganze Koup am Buedem. Et sinn also verschidden Etuden, et ass net dräimol dat Selwecht.

Approbation à l'unanimité.

10.1.15.

Budget rectifié de 2009 et budget de l'exercice 2010.

Acquisition de nouveau matériel de signalisation - approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass wéi all Joer. Mer kucken, eise Stock opzefëlle mat Panneauen, déi deelweis verblatzt sinn an déi mussen ersat oder méi propper gemaach ginn. Mer hu jo och wëlles, eventuell eis Verkéiersreglementatioun ze änneren, esou datt mer Stopschëlter ewech huelen a méi Dräiecker an d'Plaz maachen. Alles dat ass elo hei virgesinn, esou datt mer flexibel kënnen akafe goe wann déi Entscheedung eng Kéier geholl gëtt.

Approbation à l'unanimité.

10.2.

Administration générale.

Budget rectifié de l'exercice 2009 et budget de l'exercice 2010 - approbations.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat sinn d'Vote vum rektifizéierte Budget 2009 a vum Budget 2010 nodeems mer se de leschte Freideg presentéiert an de leschte Méindeg diskutéiert haten an nach vläicht déi eng oder aner Korrektur am rektifizéierte Budget virgeholl goufen opgronn vu Rechnungen, déi nach erakomm sinn. Den definitive Boni wäert um Enn vum Budget 2010 bei 456.533,21 Euro leien. Der hutt och am Detail an a rouder Schréft wat geännert gouf. Dat waren eng ganz Rei Saachen am Text an e puer Beträg, well mer festgestallt hunn, datt déi Suen, déi mer am rektifizéierte Budget haten, net duergaange sinn. Dofir géife mer dann elo iwwer de rektifizéierte Budget 2009 an de Budget 2010 mat deene puer klenge Korrekturen ofstëmmen.

Approbation du budget rectifié 2009 avec 8 voix (CSV et DP) et 5 abstentions (LSAP et Déi Gréng).

Approbation du budget 2010 avec 8 voix (CSV et DP) et 5 abstentions (LSAP et Déi Gréng).

Guy Brecht (LSAP):

Bon, mär hunn eis enthalen ewéi dat esou Usus ass bei der Oppositioun a fir eis d'Moyenen opzehale fir dat nächst Joer kënne mat ze diskutéieren an noutfalls och ze kritiséieren. Erlaabt mer awer och nach séier, eng Bemierkung ze maachen, Här Buergermeeschter, Madame an dir Häre. Ech mengen, esou wéi mär déi zwee lescht Joer zesumme geschafft hunn, dat ass wierklech luewenswäert. Dat ass beispillhaft fir d'Geschicht vun dësem Conseil an och beispillhaft an der Gemeng. An da fanne mär an der Fraktioun einfach - esou wéi mer hei als LSAP-Fraktioun sëtzen -, datt déi Bemierkung vum Fraktiounsspriecher vun der CSV dee leschte Méindeg einfach déplacéiert ass. Mär maachen och keng Bemierkungen iwwer dem Här Klein säi Virgänger. Dat maache mer emol éischtens net aus Respekt, well dee Mann schwéier krank ass, a mer maachen et zweetens net, well een och eemol muss ofschalten an net ëmmer déi al Kamelle soll opwiermen. Dofir wëll ech just soen, datt mer eis och an Zukunft net vun esou Aussoe beaflosse loossen a fair a konstruktiv mat iech wëllen zesummeschaffen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech enthale mech beim Budget, well ech fannen, datt de Budget net dat spigelt, wat e miisst erëmginn. Et ass einfach wéi dat dee leschte Freideg an dee leschte Méindeg gesot gouf, e Budget vun der Kontinuitéit. Et sinn elauter Saachen, déi ugeleiert sinn a fäerdeg gemaach musse ginn. Anersäits sinn et Saachen, déi einfach ufalen a musse gemaach ginn. Et ass näischt wesentlech Innovatives, näischt wesentlech Ekologesches dran, an dat bedaueren ech e bëssen. Wuel verstanen, datt mer näischt Gréisseres kéinten drasetze vun Innovativem, well mer eben an der Kris sinn.

Dësweideren huet de Fraktiounsspriecher vun der CSV dee leschte Méindeg gesot, eise Gemengen- a Schäfferot oder eise Schäfferot géif vill maache fir d'Educatioun, mer hätte ganz vill zousätzleche Schoulraum gebaut. Do wéilt ech awer drop reagéieren a soen, datt dat eis verdammte Flicht ass, well dat am Gesetz steet. Mär mussen dofir suergen, datt genuch Schoulen do si fir eis Kanner ënnerdaach ze kréien. Et ass elo net fir dann ze soen, de Schäfferot hätt dat aus Gutdünke gemaach.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Fong geholl wiere mer elo fäerdeg, mee well der eise Fraktiounschef attackéiert respektiv perséinlech ugeschwat hutt, muss ech him och d'Wuert kënne gi fir – wann e wëllt – sech ze verdeedegen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Bon, ech wëll just an Erënnerung ruffen, datt ech näischt Neies erfonnt hunn an datt ech just op d'Reaktioun vum Fraktiounsspriecher vun der LSAP geäntwert hunn an d'Fakten nëmmen esou gesot hunn ewéi se waren. Méi wëll ech dozou net méi soen.

11.

Question des conseillers communaux.

Néant